

# EIS SPROOCH

erausgi vun der Actioun Lëtzebuergesch

Nr. 10 / Nei Folleg / XVII. Jor / 1979 / Präis 200 F.

## Wat dran as:

Anton Meyer:	Oktob, November, Verloosse Griewer	1
Marcel Reuland:	Millen a Mëller am M. Rodange sengem Renert	2
Emile Erpelding:	E klengt Rätsel, Am Bësch, D'Barriär	5
René Kartheiser:	E Gedicht vu gëschter. Wéi gelungen. Mir sin do	6
Jos Berrens:	Veianer Wiirt, Hotellieën an Touristen	7
J. Milmeister:	Europa, Recht, Super	13
Pir Kremer:	U Recken (Miersch)	13
Pauline Schroeder:	Matleed, Firwat	14
E. Arnoldi:	Léiwen Toni	14
L. Klauner-Reichling:	Leift	15
Alb. Dimmer:	De Protekoll	15
J.-Cl. Schroeder:	Kirmesmeingeg	16
Fr. Schwab:	Erënnerungen aus der Stad Lëtzeburg	16
J. Braun:	eise jongen hiirt feier, op der bréck	24
Fern. Toussaint:	Iwwert d' Schéierschlëffer aus dem Palendall	
	De Jean Bousson (1884-1959)	25
A & G. Schroell:	Psalmen	29
Dr. Mich. Welter:	Psalm	29
Ch. Malanò:	Lëtzebuergesch an der Kierch	30
R. Kartheiser:	As et eng So oder nët?	33
	Pechbild	33
Chama:	E Stéck verhandst Liewen	34
G. M.	Eng Reischen	34
G. Frings:	Wéi et dem Hergott an dem Péitrus	
	a «Clomes» ergaangen as	35
J. Haan:	Bleif mer ewech mam Zännokter!	36
E. Arnoldi:	Novemberstëmmung	38
H. Rinnen:	Sprochesträit	39
Chr. Clement:	E metschgiewegt Häerz, Um Ree,	
	Wien as de Mann? Den Auscheit as nees do!	40
Ry Boissaux:	Ambulanz	41
E. S.:	De Filax	42
G. M.:	Ridiküll, Wat ech brauch, Hierscht	44
Em. Schmit:	Zwete Knoutereck	45
	Matdekung	46
	Nei Bicher	47
	Nei Bicher	53
	Virun	59
L.W.:	Theatersaison 1978/79	60
	Theaterstécker (J. Christen)	63
	Generalversammlung	64

# E' SCHREK

OB

DE' LEZEBURGER PARNASSUS.

VUM

A. Meyer.



LEZEBURG,

BEI J. LAMORT, OB DER PLACE-D'AAREN.

1829.

LUXEMBOURG



Den Antun Meyer huet 1829 dat éischt Bichelchen op Lëtzebuergesch erausgin.

MARCEL REULAND

## Oktober

De Flouer as däschter, den Himmel gro,  
an 't souert am Wand wéi eng heemlech Klo.

An 't geet duurch d'Gewan, gedaamt a midd,  
wéi en aalt a verdreemt Allerséilelidd.

An 't as mer, ass hätt et réischt ugfaang,  
an 't as rëm e Summer eriwergaang.

## November

Lo hu mer schon rëm op de Griewer gestan,  
an den Hierscht geet däschter duurch d'Land,  
den Himmel as gro, a gro as d'Gewan,  
an om Wee danzen d'Blieder am Wand.

Om Wee danzen d'Blieder am Wand vun de Beem,  
an de Flouer as eidel an naass,  
den Uewe séngt laang scho säi Liddchen doheem,  
an de Wand hurelt säint an der Gaass.

Lo gin rëm d'Owenter laang bei der Luucht  
a mer sëtzen sou munnecher Stonn  
mat onse Gedanken eleng an der Uucht  
an dreme vu Summer a Sonn.

Ma lo kënnt och geschwënn rëm déi heemlech Zäit,  
wou de Kleeschen an d'Haiser geet,  
wou den Herrgott als Kand an der Krëppche läit  
an de Krëschtbam voll Liichtercher steet.

## Verloosse Griewer

Verloosse Griewer si vill am Land,  
déi kee méi versuergt wéi de Reen an de Wand,  
op dene keng aner Blimmche bléit  
wéi déi, déi de Wand téschent d'Onkraut séit.

Verloosse Griewer si vill am Land,  
op dene kee kräischt a klot wéi de Wand,  
op dene kee Mensch ze biede steet,  
wann den Här Allerséile laanscht d'Reie geet.

Verloosse Griewer, vergiesse Leed,  
vergiesse Mënschenhärlechkeet!  
Eng Handvoll Buedem deckt d'Äschen zou;  
Gott gief de Séile séng éiweg Rou!

(Aus: Dem Marcel Reuland säi Wick)



# Millen a Möller am Michel Rodange séngem Renert

An där Zäit, wou de Michel Rodange gelieft huet, matzen am nongzénge Joërhonnert, woren honnerte vu Millen iwwert cist Land verspreet. Si hu mat Hëllef vun der Waasserkraaft tëschent de schwéiere Millesteng d'Fruucht fir eist deeglecht Brout gemuecht.

Deemoools hun d'Millen eng grouss Roll am Duerfliewe gespillt; an dene meeschten Haier gouf nach Brout gebak. All Mënsch wousst, datt et e Galéi wir, wann een d'Fruucht mat Handsteng misst zu Miel maachen, wéi dat virun de Waassermillen de Fall wor. A well d'Millen esou eng wichteg Aariichtong woren, koumen se mat de Möller vill an de Spréch an an de Riedensaarte vum Vollek vir.

Et as kä grousst litterarrescht Problem fir ze ënnersichen, wat de Michel Rodange a séngem Renert vun de Millen an de Möller seet. Mä 't kann een awer emol roueg driwwer schwätzen.

Et as kä Wonner, datt de Rodange, dee mam Vollek a séngem Denken apaart verwuess wor, nët manner wéi siwe Mol Millen, Möller oder Millesaachen ernimmt. Hei wat e schreift.

1.  
Dir hut de Bauch nët eidel –  
ech gi vun Honger gro,  
als wéi e *Millebeidel*  
sou klabbert mir de Mo.

(dat as déi 72. Strof vum 9. Gesank)

De Millebeidel as eng vun dene eelsten Aariichtongen déi et gouf, fir aus deem, wat d'Millesteng gemuecht hun, d'Miel erauszesiften. De Millebeidel as e Rouer, wéi den Arem vun engem Mantel, aus Seid an och hei an do aus Léngent zesummegebitzt. Schnéier hun de stoffte Rouer gespaant an e gouf un engem Stéck duerch eng gescheit Maschinnerie geréselt fir datt d'Miel aus der gemuelener Fruucht, déi an de Millebeidel gefall as, gesënnert sollt gin. Dat huet vill gestébt an dofir wor de Millebeidel an engem zouenerhëlze Këscht. Déi Rëseleriichtong huet en dichtege Klabbekoméidi gemach, vun deem am bekannte Vollekslidd gesongt gëtt. Nët nëmmen d'Klabbere vum Mo, mä och d'Klappe vum Häerz, wann een Angscht huet, gouf dacks mam Millebeidel verglach.

Wann d'Leit fréier eng Aarbecht gemaach hun, bei där et vill Stébs gouf, wéi Dreschen oder Kuewbetter frësch maachen, hun se gesot: Dat stébst wéi e Millebeidel!

2.

Den Hunn geet mat den Hinger  
am Bësch dann op an zou;  
an op dem *Milleweier*  
do schwammen d'Inte frou.

(Déi 17. Strof am 11. Gesank)

Nët all Millen hat e Weier. Et gong dacks mat engem klengen Wier an engem laangen Däich duer. Awer do, wou d'Baach gewéinlech nët genuch Waasser hat, fir d'Millerad ze dreien, huet mischen e Weier ugeluegt gin. Bei séngem Auslaf wor eng Schléis, déi zougemaach gin as, wann de Weier sollt voll lafen. Wann e gutt geféelt wor, gouf d'Schléis gezunn an de Möller konnt zwou oder dräi Stonne muele bis de Weier erëm bal eidel wor.

Am Weier huet de Möller Fësch vu verschidden Zorte gehat: Forellen, Éilen a Biischen. Um Waasser sin Inten a Gänse geschwommen. Déi mussen e Weier oder en Däich hun, fir zefriden a frou liewen ze kënnen. Dofir huet ee fréier ëm d'Millen ëmmer Inten a Gänse gesi watschelen.

3.

Sin s'eemol an der Schamber  
dann hun s'ët an der Hand:  
se kéieren op hir *Millen*  
sech d'Buren all vum Land.

(Déi 63. Strof vum 11. Gesank)

Hei benotzt de Michel Rodange ee vun dene meeschtgebrauchte Spréch iwwer d'Millen am Vollek. Jiddere weess, datt d'Waasser dat Wichtigst as, wat zou enger Mille géieert. Huet de Möller kä Waasser, kann en nët muelen an e verdénkt näischt. En ale Möller huet sech doriwwer esou ausgedréckt: Wann de Möller vill Waasser huet, kann e Wäin drénken; wann e kä Waasser huet, da muss e Waasser drénken.

Wann d'Mille stoung, wor d'Schléis zou, an d'Waasser huet sech am Wier oder am Milleweier gestaut. Wann de Möller d'Schléis gezunn huet, dann huet en d'Waasser op d'Millerad gekéiert, d'Millen huet gemuecht an de Möller wor am Verdénkscht. Dofir hun d'Leit gesot, wann e Mënsch all Virdeler gesicht huet, fir sech ze beräicheren: E kéiert sech all Waasser op séng Millen.

4.

Ma d'Wader war nët ginstege  
kee Fëschche koun erous;  
du duaacht ech: »Gi an d'Millen,  
a fënk der do en Mous.«

(Déi 36. Strof vum 1. Gesank)



De Kueder verzielt weider, datt en an der Kiche keng Maische fond huet. En huet an d'Haascht gekuckt a gesäit do vill Wurschten.

Ech duaajcht, 't wir nët gesëndegt  
*well d'Millre sin och Déif;*  
 an hei an do en Wüstchen  
 su eppes as ccm léif.  
 (Déi 39. Strof vum 1. Gesank)

Wéi d'Geschicht weidergaang as, wësst Dér. Mä déi Entschëllegong, déi de Rodange dem Kueder an de Mond leet (well d'Millre sin och Déif) fällt jidderengem op. Mat deem Sproch huet onse Nationaldichter an deeselwechte Krack gehaen wéi d'Vollek vun deemools. Dat wëllt ower guer nët soen, datt hien der selwechter Menong wor. Hic gët nëmmen erëm, wat d'Leit geduecht a gesot hun.

Si hu behaupt, d'Mëller wäeren Déif, well si hir Konne géiw bestielen. Hir Wo géif nët richtig goen, hir Gewichtere wäre falsch, hir Molterschossel hätt nët déi richtig Mooss, an si géiwen de Leit fir déi Fruucht, déi si an d'Mille bruecht hätten, nët genuch a manner gutt Miel erëmgén. Et as keen Zweiwel, datt ënner de Mëlleren en etlech Onéierlecher woren, wéi dat an all Beruff de Fall ka sin. Mä et gouf staark iwwerdriwwen a verallgemengert esou wéi aus de Stemetzer clauter Sëffer, aus de Schoulmääschterer Kannerbäätschteren an aus den Affekoten Näischnotze gemaach gouwen. Obschon datt se en néideg gebraucht hun haten d'Duerfleit et dacks nët gutt op de Mëller stoen an d'Ursachen dozou leie Joërhonnerten an der Geschicht zrëck. Et géif ze wäit féieren, fir dovunner ze verzielen.

5.  
 Ech schécken Iech méng Doktren:  
 De Flëpp vum Kuebeuer,  
*de Miller och vu Mirzeg*  
 an d'Mamer Zockerkur.  
 (Déi 65. Strof vum 2. Gesank)

De Miller vu Mirzeg, sou erzielt den Dr. Klein, wor e Scharlatan, den e beriimt Goldschmied gebraut huet. Eng Drëps vu sénger Salf huet ongeféier 50 Frang kascht, an d'Leit, op arem oder räich, hun den héije Präis dofir bezuelt. Wéi et schéngt, as de Miller vu Mirzeg trotzdeem nët räich gin an hic blouf en »dréchene Miller«. Sou hun d'Leit fir en aarme Mëller gesot, wann en nët méi Opweises hat wéi e Mëller, deem d'Waasser gefeelt huet, fir séng Millen ze dreien.

Et as natirlech e komëschen Zoufall, datt ausgerechent e Mëller och nach de Wonnerdokter gespillt huet. Datt en d'Leit mat séngem Wonnerschmier ugeschmiert huet, huet och nët zum gudden Numm vun de Mëllere bäigedron.

6.

Da kann ec frumm jo stielen  
*als wéi de Miller Schranz:*  
 dee stréckt un d'Molterschossel  
 en décke Rousekranz.  
 (Déi 47. Strof vum 10. Gesank)

Do geet erëm eng Kéier Rieds vum Mëller séngem Stielen. An nët ouni Sënn gët de Michel Rodange him de Numm Schranz. De Lëtzebuerger Dictionär seet ons, datt eng Schranz en aalt Wuert fir »Prellerei« as. Ee schranzen heescht ee bedréien, ee prellen an e Schranzert as e Mënsch, deen anere Geld ofknäppt.

Mir wëssen, datt fréier d'Baucen, wann et nëmme gaangen as, nët mat Geld, mä mat Wuere bezuelt hun, déi se um Feld an am Stall gezillt haten. Dat konnte Gromperen an Äer sin, awer och Fruucht a l'lesch.

An der Millen huet sech de Mëller fir säi Muelloun selwer bezuelt gemaach. Hien huet dem Bauer entweder en Deel vun der Fruucht geholl oder en huet nom Muellen eng Portioun Miel aus dem Sak geschäfft. Dat as mat der Molterschossel geschitt. Déi Aart vu Bezuelen wor awer allzäit duerch Wäistomsvirschrëfte reglementéiert.

D'Molterschossel wor aus Holz gemaach. Si hat eng virgeschriwwen Mooss a gouf all Joër vum Duerfgeriicht, dem Meier an de Schäffen, kontrolléiert. Dann hun se en Zeechen dragebrannt. Duerfir huet de Mëller hinne missen en Iesse gin.

Plazeweis wor virgeschriwwen, datt d'Molterschossel mat enger Ketten un enger Dunn an der Mille misst festgemaach sin. Dat sollt verhënnere, datt de Mëller d'Molterschossel duerch eng aner géif ersetzen.

Am Renert stréckt de Mëller Schranz séng Molterschossel mat engem Rousekranz un. Dat mécht gutt. Hannert der Frëmmegkeet kann een d'Onéierlechkeet hei an do gutt verstoppen. Mat guddem Geschéck huet den onéierleche Mëller Schossele mat engem décken awer onerlaabten Ophaf vu Miel aus dem Bauer séngem Sak geschäfft.

7.

Well 't war op Lillesonndeg;  
du koum fir d'Beicht en Dag –  
*mir goung mat de Millren*  
Ech sot dem Här méng Saach.  
(Déi 46. Strof vum 9. Gesank)

Ëm Ouschtren as vun der kathoulescher Kiirch eng gewëssen Zäit gesat, bann d'ee beichten a kommunizéiere muss goen, fir datt ee ka soen et hätt ee séng Ouschtre gehalen.

Um Duerf woren cenzel Leit, déi gutt opgepasst hun. Si hu gemierkt, wic sech gedréckt huet an eréischt de leschten Dag beichte gaang as. Vum deem gouf gesot: E geet mat de Mëller an de Päerdsdëif!

D'Mëller an d'Päerdsdëif, sou hun d'Leit ugeholl, drécke sech och bis de leschten Dag, well hiirt Gewësse staark belaaucht as.

An de »Lettres de mon Moulin« vum Alphonse Daudet as eng Geschicht »Le curé de Cucugnan«, an där de Paschtouer en Appell u séng Séile mécht, alleguer beichten ze goen an e schléit hinnen e Beichtprogramm vun enger Woch vir. Der Rei no sollten se kommen: d'Bomiën, d'Medercher, d'Jonngen, d'Fraën, d'Männer a fir d'lescht, samschdes,

de Mëller. Ech denken, sou sot den Här, datt e ganzen Dag fir hien duer geet.

De Professor Matthias Zender vu Bonn erzielt d'Geschicht vun enger Mëllesch, déi sonndes an der Kiirch eng Priedegt iwwer d'Gewësse nolauscht. Si huet déi Saach nët kannt a sot doheem: »Wat e Gléck, datt mir esou en Dëngen nët am Haus hun, soss géif et ons nach schlechter ergoenk«

Et gouwe fréier vill där Geschichten iwwer d'Mëller erzielt. Si beweisen, datt an alle Länner d'Opfaassung iwwer de Mëller ongeféier déi selwecht wor.

Haut gët et keng Duerfmille méi an d'Mëller sin ausgestuerwen. Am Vollek verschwënnt och no an no d'Gespréich iwwer de Mëller. Nëmme an ale Schrëften, wéi am Renert, as e lieweg bliwwen.

Emile Erpelding

*Moller:* deren 5 ein Sester thun (Hüpperdingen)

– Bin jeder müller soll ein molterfass mit einem ketten ahn die trimhand hengende haben, derselbig fasser sieben ein vertzell thun (Lenningen, 1560)

– ein fasz in die mühle, deren sieben ein viertzel thun sollen (Herborn, 1573)  
(aus Hardt: Weistümer.)

Holler Millen, schon 1000 Joer op där Plaz





## E klengt Rätsel

Um Daachgespär do mauschelt et,  
datt et de Kanner wabbleg gët;  
an d'Kundel, ei, déi konkelt et,  
datt jidder Sëffer glëschtreg gët;  
vum Kamp bei d'Liicht, vun do bei d'Iraf,  
an da mat Schwonk an d'Gras craf,  
et huet nach ni den Hals gebrach,  
nu sot, dir Leit, wat as dat dach?

Dat wat dir elo gelies huet as kee »schinéisech«; all  
Wuert as 100% lëtzebuergesch; ech gin zou et  
kléngt e bëssen ongewinnt; fir iech d'Saach méi  
licht ze maachen gin ech iech hei d'Bedeutong vun  
e puer Wieder; deen et dann nach nët fond huet,  
dee muss widerbliederen bis op di lescht Sait, do  
stät d'Äntwert.

mauschelen: 1) bedriegen; 2) eppes hannenrëm  
oder heemlech maachen; 3) tuschelen; 4) eppes  
mateneen hun;

wabbleg: 1) wackeleg; 2) weech, z. B. am Mo;  
3) ziddreg; 4) onsécher;

Kundel/Kondel/Kuendel/Kaandel an zu Ech-  
ternooch Koandel as e Kullang; Beispill: et huet  
gereent, datt d'Kundelen d'Waasser nët méi ge-  
packt hun;

konkelen heescht staark a gären drénken;

Kamp: e souz um Kamp vum Daach, d. h. uewen  
um Daach, op der Spëtz;

d'Iraf oder d'Draf: Kulang;

vun der Draf an den Drëpsschlag kommen.

René Kartheiser

Hierscht

## Am Bësch

Den Teppich deen as fonkelnei,  
du zécks fir drop ze trieden;  
nu sich der wif d'äi waarmt Gezei,  
vu muer u wuessen d'Schieden.

René Kartheiser

## D'Barriär

O, wéi gär gif de Léierchen  
an den déifbloen Himmel klammen;  
mee tëscht him an der Sonn  
steet de schwaarze Krees  
vum Héngerdéif.

René Kartheiser



## E Gedicht vu gëschter:

Léift Meedchen, gesäis de, de Mound kuckt äis no,  
Ganz sécher verzielt en äis gär eng al So,  
Déi So vun der Blumm mat de feiregen An,  
Déi an d'Häerz engem liichte ganz déif eran.

Léift Meedchen, spiirs de de schaussege Wand?  
En tëltert dän Hor wéi e muttwëllegt Kand,  
E jhauft wéi benzeg ronderëm am Bou,  
En as iwerall a mat alles frou.

Am Dram spillt d'Nuecht ganz lues op der Gei,  
Am Dall klunscht den Niwel am wäisse Gezei,  
Am Duerf gin hämlech all Luuchten aus,  
Am Donkel rennt eng vershotert Maus.

*Wann dat Gedicht eppes op sech hält, dann huet et  
sech fir hautjesdaags ongeféier op dës Aart a Weis  
nonä gemaach:*

Mound, du virwëtzegt giel Bokegesiicht,  
laang genuch hues de gemaulaaft.  
Maach dech ewech!  
An du, eidle Wand,  
looss déng laang l'angere vu méngem Meedche  
[sénger Héft!]

soss weisen ech der d'Angsch.  
Hei kënnt se.  
Gesäis de se?  
Si sëtzt op enger Maus. –  
Bronkeg as d'Rou,  
den Niwel seet näischt.  
"T'as alles sou schrecklech no.

Jos Berrens

## Wéi gelungen!

De Jhamper war e gudde Käre,  
Guert nët vermengt an och nët domm,  
Kä Knouterjhang, kä Kritikaster.  
E war gedëlleg, op d'déck Tromm.  
Do huet en néirewou geschloën  
A kengem Wiirmche wéi gedunn  
A nët dee Mansten iwerstridden  
A wat e sot, war nët gelunn.  
E war och iwerall gelidden,  
E gouf gelueft, 't koum och alt vir,

En huet sech trotzdeem ni verännert,  
De Wëllkomm blouf op sénger Stir.

Du toopt en op e quäasche Mossiö,  
Dat war e knaddrege Kadett,  
Mat déckem Lescht gestoppt bis uewen,  
Well Spaass méischt lëschtég ma nët fett.

E Broutverdéngeger wéi vill aner,  
En huet gemengt, e wär gerecht,  
En hat mat Läif a Séil stodéiert,  
An dofir hat en ëmmer recht.

E wollt de Jhamper iwerdubberen  
Mat groussen Téin a wicht'ger Min,  
Derhannert war nët vill Gescheites,  
Dat huet de Jhamper wif gesinn.

Et war fir d'ëischt a séngem Liewen,  
Datt hien sech nët méi hale konnt,  
Séng léif Gedold fänkt un ze wibblen,  
En hält kä Blat virun de Mond.

Dat huet de Mossiö uerg schockéiert,  
Dat gouf e Rass wuel a säi Pli – –  
Lo gär en äfallég verzielen:  
»Deen hält sech fir e verkannt Genie«.

Jos Berrens

## Mir sin do

Dajee, dir latzeg Epigonen,  
licht iech, är Sëtzer si vermuuscht!  
Dat Aalt as fir äis all erwer,  
opréesch jäizt dat Neit äis nun entgéint.  
Mir mussen äis elo *Engagéieren*,  
well »d'Konscht fir d'Konscht«, dat héiert op,  
déi nei Moral as d'Literatur.  
Lo musse mer gromm'len  
mat quäaschen 'Téin jéngen,  
mir si jo verstëmmt  
a buuschteg a béis.  
U Villes gi mer krazen,  
dat stät äis racksdege zou.  
Sou onggemiddelt wéi d'Mënschen  
soll nun eist därege Geschreifs gin  
an onggemälleg eist Wuurt.  
Zum Däiwel mat dem Gefill,  
d'Parol as »Zerebrall«.

Jos Berrens

# Veianer Wiirt, Hotellieën an Touristen

Wéi den Edmond de la Fontaine, eisen Dicks, 1881 zu Veiane Friddensriichter gouf, koum den Tourismus zu Veiane grad an de Gank an den Dicks huet 1885 den éischte Guide fir Touriste geschriwwen, »Vianden et ses environs«. Wann den Tourismus géint Enn vum viregte Jorhonnert zu Veianen op eemol Opdriff kritt huet, sou as dat de Verdingscht vun engem anere groussen Dichter, dem Victor Hugo, dee véiermol op Veiane komm war. Bei sémgem zwete Besuch am Joër 1863 huet d'Musek em e Stännche gespillt an de Victor Hugo sot: »Votre ville n'est pas assez connue, elle n'est pas connue comme elle devrait l'être. Je ferai tout ce qui sera en mon pouvoir pour la faire mieux connaître et pour contribuer à sa prospérité...« Wéi de V. Hugo 1862 fir d'éischt vu Klierf aus op Veiane komm as, war e mat sémgem Jong Charles Hugo, mat senger Frëndin Juliette Drouet a sémgem Frënd Paul Maurice am Buurgermeeschter Pauly sémgem »Hôtel de Luxembourg« logéiert. Dat war deen eenzegen Hotel, deen et deemools zu Veiane gouf. E war »um Bëschel« an dem heitege Pleinshaus. De Victor Hugo as 1863 a 1865 crémkomm a wéi d'belsch Regirong en 1871 ausgewisen huet, koum en op Lëtzebuerg, fir sech zu Veiane niddierzeloossen. De Buurgermeeschter Pauly, dee fir d'éischt nach Instruktiounen bei der Regirong ufroe wollt, huet em geschriwwen, e sollt nach e puer Deg waarden, well den Hotel Koch wéinst der Kiirmes beluegt wir. De 5. Juni 1871 huet d'Regirong hiren Accord gin an dräi Deg duerno koum de franséischen Dichter op Veianen.

War den »Hôtel de Luxembourg«, an deem den Hugo virdu gewunnt hat, net op? Jiddefalls sin dem Hugo säi Jong François-Victor, sém Schnauer Alice (d'Witfra vu sémgem Jong Charles), sém Enkelkanner Georges a Jeanne, sém Frëndin Juliette Drouet a sém Dingschtmedercher Mariette, Louise a Suzanne am »Hôtel Koch« ënnerbruecht gin. Den »Hôtel Koch« – »auberge plutôt qu'hôtel«, schreift de V. Hugo, »mais il n'y a que cela à Vianden« – huet der Joffer Koch gehéiert an e war an dem spéideren Haus Dairomont, dat no dem Krich en Deel vum heitegen »Hôtel Victor Hugo« gouf. De V. Hugo selwer huet vis-à-vis bei der Madame Linsch-Schidweiler den éischte Stack vum Haus op dem Eck vun der Bréck gelount an en huet do geschafft a geschlof.

De Victor Hugo huet Wuert ghalen: heen huet Veiane bekannt gemat an dem Tourismus op d'Be-

gehollef. Schon 9 Joër no sémgem leschte Besuch huet de Gemengerot de 17. Juni 1880 eng Kommissioun ernannt, déi touristesch Aarbechten ausféiere loosse sollt, den 8. Abrëll 1889 konnt d'Lëschbunn Veianen-Dikrech ageweit gin, déi fir d'éischt »Jangely« geheescht huet an no dem Éischte Weltkrich »Benny« genannt gouf. Den 19. Mee 1893 gouf de Verschëinerongsveräin gegrënnt, deem säin éischte Präident de Buurgermeeschter J. M. Hess war. A sémgem »Guide« vun 1885 huet den Dicks nieft dem »Hôtel de Luxembourg«, deen elo dem Karel Fensch gehéiert huet, den »Hôtel des Etrangers« an d'Wiirtschaften Engelmann an Trepert ernimmt.

De Café Trepert war vis-à-vis vum Dicks sémgem Haus an en huet dacks do säi Pättche Miseler geschluppt. Wann den Theaterveräin »Thalia« beim Trepert um éischte Stack geprouft huet, fir dem Dicks sém Theaterstécker ze spillen, dann as et virkomm, dass den Dicks op eemol d'Trap erop getrompelt koum, mat sémgem Reesbengel d'Dir opgestouss, a selwer d'Musek dirigéiert huet. Den H. Trepert as am Éischte Weltkrich no Amerika ausgewandert an den H. Miller-Roger huet d'Wiirtschaft kauft.

De Café Engelmann op der Gare huet dem Jean Engelmann-Feltz gehéiert, dem Papp vum Professor a Schrëftsteller René Engelmann (1880-1916), deen do gebuere gouf. De Jean Engelmann war och Grëndungsmëmbler vum Verschëinerungsveräin.

Fir 5 Franc den Dag konnt een deemools am »Hôtel des Etrangers« logéieren, deen dem Picars Matty gehéiert huet. De Picards Matty war uechter d'Land bekannt als schaussege »Veiner Geck«. Wéi de Matty zu Dikrech gefrot gouf: »A wat man dann d'Veiner Gecken?« huet en ouni sech laang ze bedenke geäntwert: »Ma se saften Huawer fir di Déikricher Ieselen!«

De Picars Matty war schons 1858 an der neigegrënnter »Philharmonie«, e war derbäi wéi d'Musik 1863 dem Victor Hugo de Ständche gespillt huet, a wéi 1867 de Pränz Hary op Veiane komm as, stung de Matty mat sémgem Instrument uewen op dem Giewel vum Schloss ze bloosen. Bei der Geleënheet hun se de Pränz Hary och dees berüchtegte Veianer Dräimännerwäin virgesat, an de Pränz Hary huet héiflech gesot: »Votre vin est bon!« Dorop huet de Buurgermeeschter an Deputéierten Adolphe Pauly sech an d'Broscht geworf a gesot: »Sire, nous en avons de plüss



meilleur!« De Pränz Hary huet geschmunzt a gesot: »Alors vous le réservez sans doute pour une plüss meilleure occasion!«

De Picars Matty war och e leidenschaftleche Jeër an en hat am Salon säin éischte Juegdpermis ageruecht, deen en den 29. August 1879 kritt hat. Wann d'Gäschd sech fir säi Permis intresséiert hun, huet de Matty hinne vu sängen Erliefnësser op der Juegd erzielt an dichteg Jeërlatäin gesponnen. E Riichter vun Dikrech, deem de Matty dës Langen an dës Breden vun dene sëllege Réi an Hirschen a Wëllschwäin erzielt hat, déi en a sängem Liewe scho geschoss hat, sot zum Matty: »Abee, Här Picar, ech géif nawell gär eng Kéier mat lech op de Bock goën!« – »Dat as néist«, sot de Matty, »ech weess wu e schinne Bock steet. Bringt dee nächste Sonndig är Flënt mat, da weisen ech lech en!« Deen anere Sonndeg war de Riichter mat sängem Gewier do an de Matty as mat em d'Kalchesbaach aus an de »Bréinchen« getréppelt. Se souze nët laang do, du hun se de Bock gesin. De Riichter lect un, pang, du loug de Réibock do. »Freck, Dir hott e wiirlech geroden!« sot de Matty. »Lo musse mer lafen, well dat hei as mäin Joocht gor nët!«

De Verschëinerungsveräin vun 1893 huet nët laang bestanen a scho véier Joër méi spët gouf e neie »Verein für Hebung des Fremdenverkehrs und zur Förderung von Handel und Industrie in der Stadt Vianden« gegrënnt. Haaptleit vun deem neie Veräin waren de Staatsarchitekt Karl Arendt an de Gemengeseekretär Theodor Bassing.

De Prääsident Karel Arendt (1825-1910) war e gebürtge Veianer. Säi Papp, de Franz-Julian Arendt war Dirwiechter a Buurgermeeschter zu Veianen. De Karel Arendt hat zu Dikrech an zu Lëtzebuerg am Kolléisch geléiert an zu Bréissel a München op der Akademie studéiert iër e Staatsarchitekt gin as. En huet 82 Kiirchen an den Diözese Lëtzebuerg, Tréier, Nanzeg an Namür gebaut, 130 Staats- a Privatgebäier opgeriicht an 200 historesch Monumenter restauréiert. Hie war et deen den Dingstuhl zu lechternach, d'Méchelskirch an der Stad, d'Quirinskappell am Gronn an d'Veianer Schlaskappell restauréiert huet. Hie war et och deen drop gedriwen huet, dass den Dräijoffersteen zu Veianen, deen an der Franséischer Revolutioun futti geschloe gouf, crëm vun deem neie Verschëinerungsveräin opgebaut gouf an heen huet och dat aalt Geriichtskräiz, dat 1832

ofgerappt gouf, 1902 fir 800 Frang erëm opriichte gelooss.

Sekretär vum »Fremdenverkehrsverein« war de Gemengeseekretär Theodor Bassing (1867-1926), deen eng Stécker zwanzeg Schrëften iwwer d'Veianer Geschicht erausgin huet, dorënner »Fremdenführer für Vianden und Umgebung«, deen 1898 erauskoum, an de Guide, dee bis no dem leschte Weltkrich am Gebrauch war, »Vianden, die Perle des malerischen und historischen Luxemburger Landes« (1922), deen och an enger franséischer Iwwersetzung ze kréie war. Fir d'Veidingschter vum Theodor Bassing ze éieren, hun »d'Veianer Geschichtsfrënn« em 1976, fofzeg Joër no sängem Doud, an der Th. Bassing-Strooss e Gedenksteen opgeriicht.

Eng grouss Attraktioun vun der »Belle Époque« em d'Jorhonnertwenn waren déi bengalesch Bellichtunge vun der Buerg, fir déi de »Jangely« Extra-Waggoën ugehaange krut fir d'Leit all ze packen.

Ma d'Touriste sin nët nëmme mam »Jangely« op Veiane kom. Zanter de Verschëinerungsveräin am »Eifelverein« war, sin och däitsch »Wandervögel« per pedes komm an englesch Touriste mat denen éischte Kutschen ouni Päerd. A sängen Novellen erzielt de René Engelman vun dene Friemen, déi op emol dat verschlofent Ourstiedchen iwwerschwemmt hun: »Züge voll roter, blauer, weisser Weiber, rasende Automobile, lärmende Musikkapellen, blanke Turner und grüne Eifelwanderer ...«

Aus dem Hotel Ensich as de »Grand Hôtel« gin, am »Hôtel des Étrangers« huet de Picars Matty weider säng Spiichte gerass an op der Bréck huet de Lorentzen Téid ugefaange vu sech schwätzen ze din. Bei den Téid koum emol e Professor vun Dikrech eran, deen se de Bouf genannt hun, well en esou kleng war. En huet sech bei de Comptoir gestallt an eng Fruuchtdrëpp bestallt. Den Téid huet em d'Glas dohi gestallt, de »Bouf« huet sech un der Messingsstaang laanscht de Comptoir ugepaakt an d'Drëpp erageschott. Op emol as et wéi e Schlag duerch e gaangen an e fänkt un ze ziddren. »As dat Kraut lech alt nët ze staark« frot den Téid. »O gewëss«, sot de Professor, »gitt mer nach eng Drëpp!« Den Téid schëtt em se eraus a wéi de »Bouf« d'Glas un de Mond gesat huet, as d'Zidderen crëm ugaangen. Wéi du de Professor e Greeche bestallt huet an op en Neis ze ziddren ugefaangen huet, bezillt e séier a mécht sech der-



vun. Den T'Éid awer, deen nēnnen op e Knapp huet missen drēcken, fir d'Messingsstaang ēnner Strom ze setzen, huet sech hannert dem Comptoir de Bauch vu Laache gehalten.

Virun Allerhelgen as den T'Éid op Walsduerf gaangen, fir Trauts Finn aus Veianen ze besichen, dat grad an der Normalschoul\*) fāerdeg war an als Léierin ugefaangen hat. D'Finn hat dem T'Éid Chrysanthème versprach an e wollt se siche goen. Ma wéi en a sēngem sonndesse Kostüm an d'Schoul erakum, sin d'Kanner opgesprongen an hu gejhaut: »Guten Morgen Herr Inspektor!« »Nondikass!« ducht den T'Éid, »dēng Aktien sin um Steigen!« En huet gnādeg mat dem Kapp gewēnkt a »Gut! Setzen!« gesot. Du as e rōndrēm gaangen d'Hefter kucken an d'Fangeren ēnnersichen. Trauts Finn as vun engem Been op dat anert getrēppelt: »Ma Här Lorentz...!« – »Ruhel!« sot den T'Éid an huet d'Kanner franséisch a rechnen opgefrot. Ier e mat sēnge Chrysanthemen crēm op Veianen getrēppelt as, sot en: »Ihr habt cure Lektion gut gelernt, heute Mittag ist keine Schule!« D'Kanner sin heem gerannt an hu gejhaut: »De Mëtteg as keng Schou-oul, de Mëtteg as keng Schou-oul, den Här Inspekter huet geso-ot!« Mëttes souz d'Finn do virun eidle Bänken ze kräischen.

En Äerhändler vu Biwels huet sēng Äer ēmmer mat engem Dräirad, sou wéi d'Bäcker eent hun, op Veiane bruecht a wann en sēng Wuer ofgeliwwert hat, as e bei den T'Éid een huele gaangen, ier en erēm op Biwels gefuer as. Eng Kéier hat en en in-tressant Gesprēch beim T'Éid an en huet sech alt e bēsse méi laang opgehale wéi soss. Wéi en du endlech op säin Dräirad geklommen as, dat e bei e Mast am »Alemoort« gestallt hat, kōum en nēt vun der Plaz. En huet sech alt an d'Pedale gestallt, 't war näischt ze maachen, d'Rad gung nēt virun. Wéi en du vum Dräirad erofgeklommen as, fir déi Saach méi gence ze ēnnersichen, gesouch en, dass den T'Éid em heemlech d'Dräirad un de Mast ugeneckt hat, deerbans heen an der Wiirtschaft souz.

En anere Biwelser, den Dichter, hat ee vun denen éischten Autoën aus der Géigend. Den T'Éid as emol mat him op Bastenduerf op d'Kiirmes gefuer. Se hun d'Maschin bei eng Schéissbud gestallt, déi mat e puer Péil gemat war, déi an de Buedem gehae waren, an se si vis-à-vis an d'Wiirtschaft een huele gaangen. Wéi se der e puer gedronk haben, as den T'Éid hannenaus gaangen a wéi en erēm-kōum sot en: »Dajee, lo gët et Zäit, eist Cecile waart schon doheem op mech!« Den T'Éid huet bezuelt an se sin an den Auto geklommen: »Daje Dichter, dréck drop, dass mer heem kommen!« sot den T'Éid. Den Dichter huet de Motor ugeworf, Gas gin a léisst d'Kupplung sprangen ... Perdoufdeg as déi ganz Schéissbud an e Koup gefall, well den T'Éid hat heemlech den Auto mat engem Seel un d'Péil ugestréckt.

'T war an der Fuesent, wéi e Veianer Gendaarm no l lallefnuecht d'Gaass aus spadséiert as, fir Feierowend ze maachen. Beim T'Éid op der Bréck huet nach Luucht gebrannt an en huet sech virgeholl, fir dat um Heemwee méi gence ēnnert d'Lupp ze huelen. Den T'Éid hat awer de Gendaarm erpogē gesin a wéi en erēm kōum, war alles dāischter beim T'Éid op der Bréck. E wollt scho laanscht goen, du gesäit en op der Dir en zerrassene Paltong leien. Oho! En huet emol dohir gekuckt an du gesouch en e bēsse méi wäit op der Bréck en Hutt. En as drop lass gaangen an e fēnt beim Bommezinn e Messer, dat mat Bluttschmiirt war an e Bengel, dee gebrach war. Dernieft war e Pull Blutts an iwuer d'ganz Bréck as eng Blutspur gelaf. De Gendaarm as der Spur nogaangen an se huet en d'Virstad bis op d'Äptiktstrap geféiert. Lo war de Fall kloër: et konnt sech nēnnen em eng Kläpperei a Messerpickerei handeln. De Gendaarm huet sech an der Gendarmerie direkt dohigesat an e Bericht iwuer déi »Schlägerei mit versuchtem Totschlag« geschriwwen. Ier en sech an d'Bett geluegt huet, huet en de Bréif nach an d'Boite gehäit. Wéi zwēin Deg drop eng »enquête« ugelaft as, huet et sech erausgestallt, dass den T'Éid déi ganz Moritat mat Ochseblutts virgeschwindelt hat an en hätt bal Schwiregkete kritt, well en d'Gendarmerie irgefouert hat.

Schwiregkete krut den T'Éid och, wéi en den Uz mat engem auslänneschen Tourist wollt maachen, dee bei Picars Matty am »Hôtel des Etrangers« giess hat a nom Jessen säin Auto mat dem CD stoë gelooss huet, fir en Tüürchen d'Veianen ze trēpplen. En as sech bei den T'Éid op d'Terrass

\*) A propos Normalschoul géif ech gär en lirtom richtig stellen, dee mer a »Proffe, Mossen a Studenten« (Eis Sprooch Nr. 9/1978) ēnnclaf as. D'Samschdegnomëtteger an de Schoule gouwen erēischt d'uerch en »arrêté grand-ducale« vun 1959 fräi. D'Virtueg am »Club« vun der Normalschoul gouwe vun enger Rei Studenten organiséiert an d'Präsens vun den Normalschüler huet zwēsche 15 a 50 geschwankt, well mer gemengt hun et géif eigentlech nēt zur Schoul gehēren.

sätze gaangen an en huet sech d'Leit ugekuckt, déi iwwer d'Bréck gaange sin. En huet gemittlech séng Päifche gefëmmt an de Fësch an der Our nogekuckt. Wéi e bezuelt a fortgaangen as, huet den Téid gesinn, dass de feinen Här séng Päif leie gelooss hat. En huet se gutt op d'Sait geluegt a geet iwwer bei de Jacques eng Schokelaspäif kafen, wéi d'Kanner se kafen. Wéi e weineg drop de Chauffeur no der Päif froc koum, huet den Téid em d'Schokelaspäif a Pabeier gewéckelt. E puer Minutten drop waren d'Gendaarme mat dem schwäiwellen Diplomaten do, dee vu Luch a Bedruch geschwat huet. En huet gedreht e géif sech op sénger Gesandtschaft a beim Minister beschwéieren, an d'Gendaarmen haten all Méi vun der Welt, fir em ausserneen ze din, dass den Téid e Flautert wir, deen dacks esou Spichte géif komme loossen.

Wéi den Theodor Bassing, deen d'Séil vum Verschéinerungsveräin war, 1926 gestuerwen as, huet de Veräin eng Zäitchen nët méi richtig funktionéiert, bis en an den drësseger Joëren als Geschäftsveräin erëm en neien Ulaf geholl huet.

De Geschäftsveräin hat eng Rei gutt Iddiën, ma se konnten nët all verwiirklecht gin, well en nët déi néideg Mënz hat. Sou as et näischt aus dem Bau vun engem Aussichtsturm um Niklosbiërg gin, deen zesumme mat der Bauverwaltung opgeriicht sollt gin. Aner Iddië gouwen ausgefouert an hun sech am Laf vun de Joëren durchgesat.

Bei der leschter Buerghelichtung gouf den 30. September 1934 den éischte »Veiner Nësamoort« ofgehalen, dee mat e puer Fënnerrüchunge bis haut gehale gët. Tësche Veianen a Biwels gouwe Buedkabinnen opgeriicht fir déi Leit, déi sech an der Our buede wollten. Se sin am 1. réijor 1940 vum héijen Äisgank ewechgerappt gin an e puer Méint mi spéit, am Mec 1940, hun däitsch Pionnéier, déi op engem Betriebsausflug no Frankräich waren, se erëm opgeriicht. Wéi no dem Krich d'Ialspär gebaut gouf, sin d'Buedkabinnen definitiv verschwonnen an haut huet Veianen eng modern »Piscine«. (En Amerikaner sot: »These Luxemburgers are funny. They call a Swimming-pool 'Piss-in' and they really do it!«)

No dem Krich as aus dem Verschéinerungs- a Geschäftsveräin e »Syndicat d'Initiative« gin an et gouf e Camping opgemat. Déi belsch Touristen, déi an den éischte Joëren nom Krich am hefegste waren, sin no an no vun den Hollänner iwwerholl gin. D'Wiirt an d'Hotellieën, déi nach déi finanz-

kräfteg Englänner vu virum Krich an Lirénnerung haten, hun de Geck mat de spuersamen Hollänner gemat, déi sech fir weineg Geld zu Lëtzebuërg d'Illusioun vu romantesche Bierger leeschte wollten, a se soten den NL op den Autoën géif »Nur Limonade« heeschen, well d'Hollänner nët esou op de Quetsch aus waren wéi déi Belsch.

An d'Hollänner hun sech all Méi gin fir hirem Numm gerecht ze gin. En hollännesche Familjepapp mat enger halwer Dose Kanner huet de Fernand am »Econamat« gefrot, wivill Prommen ee fir en halleft Pond krit. De Fernand huet se gewiën an et gouf eng Dose. »Dat zijn der zat!« sot den Hollänner an huet jiddfer Kand der zwou gin.

Bei de Raymond koum en aneren hollänneschen Tourist an e sot, en hätt jo gewosst, dass de Lëtzebuërger Muselwain herb wir, awer en hätt nët gemengt, dass en esou sauer wir. Se hätten e bal nët drénke kënnen. Du stellt en drai eidel Flaschen op d'Téik an dem Raymond si Mond an Nues opstoe bliwwen, wéi op de Flaschen d'Etikett »Vinaigre de vin« gesin huet.

En hollänneschen Tourist, dee mat séngem Auto déi enk Kéieren op de Sanatorium eropgefuert war, huet mech ganz besuergt gefrot: »Welke versnelling moet ik nemen om naar beneden te rijden?« Wéi e gesinn huet, dass ech nët richtig verstanen hun, huet e gewisen wéi wann en d'Gäng am Auto géif schalten an du hun ech verstanen, dass en Angscht hat fir de Bierg of ze fueren a gär wéisst, wat fir e Gank ee misst huelen. Ech hun e berouegt a gesot, et wir nët geféierlech a mam zwete Gank géif et bestëmmt nët séier goën.

Wéi ech dem Emile Burggraf séng Plaz als Schoulmeeschter zu Veiane krut, hun ech och séng Plaz am »Syndicat d'Initiative« iwwerholl. Mir hun eis Versammlungen uewen um zwete Stack vum Victor-Hugo-Haus gehalen. D'Victor-Hugo-Haus as den 30. Juni 1935 als Musée ageriicht gin an d'Victor-Hugo-Büst op der Bréck gouf ageweit. Wéi et gong, dass déi Büst op Veiane koum, huet de Joseph Bech mir eng Kéier verzielt: »Wéi mer d'Victor-Hugo-Haus kaaft haten, krouch ech op eemol en Tëlefon vu Paräis vum Sénateur Léon Bérard, dee mer gesot huet: 'Monsieur Bech, j'apprends que le Luxembourg s'apprête à inaugurer une Maison Victor Hugo à Vianden. Les sénateurs socialistes viennent d'acquérir une copie du buste de Victor Hugo par Rodin pour l'ériger au Sénat à l'occasion du cinquantenaire de sa mort. Cepen-



dant, à cause des liaisons de Hugo avec la Commune, l'Action Française menace de boycotter la cérémonie. Pourriez-vous nous tirer d'embarras en l'acceptant comme cadeau pour la Maison Victor Hugo qui s'ouvrira à Vianden?» E puer Wochen drop koum d'Büst zu Fettelbréck an der Gare mam 'Zuch un.«

Dat Joër drop huet de Verschéinerungsveräin en Informationsbüro am Victor-Hugo-Haus opgemat, dat am Krich zu enger »GEDELIT-Volksbücherei« ëmgemodelt gouf. Wéi am September 1944 d'Ourbréck gespréngt gouf, as d'Victor-Hugo-Haus uergeschiedegt gin. Nom Krich as et erëm opgebaut gin an den 1. August 1948 war déi grouss, feierlech Aweiung, bei deer d'Groussherzogin an de Prënz Félix, d'Regierung, de Minister Robert Schuman, d'Anne Beffort, de Marcel Noppency, de Joseph Hansen, den Alphonse Arend an eng Rutsch Autoritéiten derbäi waren. Déi meescht Gäscht ware scho mëttes beim Banquet am »Grand Hôtel« derbäi, deen sech an d'Längt gezun huet, well de franséische Minister Robert Schuman eréischt méi spéit ukom. Sou souzen d'Autoritéiten nach beim Dessert, wéi hannen op der Bréck d'Veianer Musek schon de »Wilhelmus« gespillt huet, fir d'Groussherzogin ze begréissen. 'T gung alles drënner an driwwer well 't war keen do fir se ze emfänken. »Mä wou as dann d'Regierung?« hot ee geruff. – »Se si geschwënn hei«, huet en anere gehaut, deen se laanscht d'Gendarmerie erbäilafe gesouch, »do hanne kënnst schon de Bech galoppéiert!«

De Victor-Hugo-Musée gouf 1971 nei organiséiert an d'Haaptgewiicht gouf op Biller an Dokumenter vun dem Hugo séngem Openthalt zu Lëtzebuerg geluegt. De Musée gët e gudden Iwwerbléck iwwer dem Dichter séng Veianer Zäit, ma ech hun an der Ausstellung eng Fiederzeechnung vum Hugo vermësst, déi eng romantesch Bueg mat Walt-Disney-Tiirmescher duerstellt. Déi Zeechnung hung fréier am V.-Hugo-Haus an se war am Jean-Michel Renaitour séngem Buch »Le Grand-Duché« als »dessin inédit de Victor Hugo« ze fannen. Mam Professor Tony Bourg sin ech op de Späicher vum Victor-Hugo-Haus geklommen an do hu mer ënner alem Gerëmpel an ale Biller d'Zeechnung erëmfond. Zesumme mam Hugo sénger Zeechnung vum Schengener Schloss hängt se haut an der Stad am Staatsmusée.

Uewen um zwete Stack vum Victor-Hugo-Haus hält de Syndicat wéi gesot séng Versammlungen.

Do gët dacks lieweg diskutéiert an 't koume schon Iddien drop, déi Jalongen an der Geschicht vum Veianer a souguer vum Lëtzebuurger Tourismus gesat hun. Mat der Hëllef vum Syndicat as 1954 déi eenzeg Lëtzebuurger Scelbunn zu Veiane gebaut gin. Aner Neierungen haten nët den erhofften Erfolleg wéi d'Concerten am Kräizgang, déi dene puer Musekfrënn, déi nolauschtere koumen, immens gutt gefall hun, ma 't koumen der leider nët genuch nolauschteren, fir dass et sech op d'laang Weil rentéiert hätt. D'Promenadekaart vum Syndicat, déi éischt Lëtzebuurger Reliefkaart, d'Ourdallkaart, an de Guide »Vianden et ses environs«, deen ech 1976 fir de Syndicat geschriwwen hun, si besser ukomm.

An dene leschte Joëren huet d'Aktivitéit vum Syndicat staark zougehooll. D'Akommes as vun enger halwer Millioun op iwwer zwou Milliounen eropgaangen an d'Ausgaben hun an deem selwechte Mooss zougehooll. De modernen Tourismus huet an dene leschte Joëren e staarken Ëmschwong matgemat. No dem Krich as nach laang diskutéiert gin, iër e Camping opgemat gouf, haut verbréngen d'Touristen uechzegtausend Nuechten op de Veianer Campingen a vill anerer lounen fir hir Vakanz zu Veianen e Chalet oder en Appartement. Eng statistesch Zielung huet gewisen, dass d'Touristen aus Frankräich, Däitschland an England, déi virun dem Krich nach den Toun ugin hun, haut an der Minoritéit sin an dass uechzeg Prozent vun allen Touristen aus de Benelux-Länner Holland a Belgien kommen.

Virum éischte Weltkrich huet de René Engelman sech iwwer d'Autoë geiergert, déi duerch déi schmucl Veianer Gaasse gerannt sin an iwwer gring »Eifelwanderer«, déi d'Ourstiedchen iwwerschwemmt hun. Haut kloën d'Veianer iwwer déi jong Hollänner, déi owes mat hire »bromvietsen« duerch d'Gaasse reiden an d'Blummestäck an d'Our schmässen.

Lent awer as bliwwen wéi zu dem René Engelman sénger Zäit. Am Hierscht, wann d'Touriste fort sin, kommen di Veianer erëm zum Vorschein. Se gin erëm an d'Wiirtschaften, wou d'Touristen de ganze Summer iwwer dominéiert hun. Ma an de Wiirtschaften as et och nët méi wéi fréier. Vill Wiirt an Hotellicën hun no der Saison hire Boz gemat a maachen zou, fir mat de Villerecher op d'Mëttelmier ze zéien. Beim »Schirtze Finny« awer zielen déi Veianer vun de Spiichten, déi de Picars Matty an de Lorentzen Téid fréier gedriwwen



hun, well déi schausseg Veianer Wiirt sin hautesdaag och alt méi rar gin.

D'Finny, dat scho no dem éischte Weltkrieg dem Professor Huss aus Siwcbiergen Veianer op eng Plak geschwat huet, huet nët nëmmen de Willy Millowitsch, ma och de Willy Brandt an de Groussherzog Jean zu sänge Gäscht gezielt. An denc leschte sechzeg Joër si vill Gäscht a séngem Café aus- an agaangen, och vill Veianer Originalen wéi de Koster Charel, de Kleese Karel, de Friedrichs Néckel oder de Moresse Picr.

De Friedrichs Néckel war schon eng Zäitchen nët méi heim Finny gewiescht. Wéi e bei engem Begriefnis nach séier vrum Affer een huele koum,

sot d'Finny: »So Néckel, dou hoss nooch zwinn Humpe vuan Allerheiligen uan hei stöen!« – »Da schitt se rouig ous«, sot den Néckel, »well da sen se verleecht.«

Wéi ech vru kuerzem mat engem Professor aus der Stad beim Finny erakom sin, sot en: »Bonjour, Madame Finny, wéi hu mer et dann?« – D'Finny huet eescht dra gekuckt a geäntwert: »Dir broucht nët méi eran ze kommen.« De Professor as erfieert: »Ma Madame Finny, wat as da geschitt, Dir wäerd dach nët héis iwuer mech sin!« – »Nee, ganz a goor nët«, sot d'Finny, »Dir braucht nët mi eran ze kommen, well Dir sid jo schunns heibannen!«

Jean Milmeister



## Europa

D'Lokomotiv as ausgelieert  
 D'Energie si verfeiert  
 D'Waggoë stin um doudege Strank  
 De ganzen Ìnnerbau as krank  
 D'Wäiche si verkeiert gestallt  
 D'Stellwierk dat as kuurzgeschalt  
 D'Schinne feieren hier an duer  
 Kee weess wuer...  
 Den Zuch as fort

Pir Kremer

## Super

D'Frae kafen nët wéi soss  
 Beim Epicier. Mat Genoss  
 Gin se an de Supermaart  
 Wou e Superstock s'erwaart  
 D'Saache sín do superbëlleg  
 Superfrësch a supervëlleg  
 Vun dem Kaviar bis zum Miel  
 Hun se do eng Superwiel  
 Nëmme Superoccasiounen  
 Déi de Gank dohinne lounen  
 Supergrouss as d'ganz Gebai  
 Superpropper d'Metzlerei  
 Superfrëndlech den Accueil

\*T feelt jhust de Superportefeuille

Pir Kremer

## Recht

Recht as Recht!  
 Dat kléngt nët schlecht.  
 Ma, wann ee säi Recht muss sichen,  
 Da kënnt een an d'Hexekichen.  
 Am Gestrëpp vu Paragraphen  
 Déi dem Recht séng Basis schafen,  
 Fënt der Deiwel nët séng Mudder,  
 Dat as Affekotefudder.  
 All déi Coden, an die ganzen  
 Labyrinth vun den Instanzen!  
 Wic kee laangen Otem huet,  
 Fir deen as den Asaz schued.  
 D'Recht dat hëlt sech ganz vill Zäit,  
 Well de Rechtswee deen as wäit.  
 D'Käschtespill as ongeheier,  
 D'Recht dat kënnt um Enn sou deier,  
 Dass de riichteweeche Mann  
 Sech säi Recht nët leeschte kann.  
 An aus deër Ursach fleet  
 Muencheen op d'Gerechtegkeet.

Pir Kremer

## U Recken (Miersch)

Laanscht d'Äisch am wäite Wisendall  
 en Dierfche läit, dat eis gefall.  
 Mat séngen Häiser, Bësch a Feld,  
 et as eis heemlech, eege Welt.

Et wunne waakreg Mënschen dran,  
 déi gleweg staark hiirt Liewe man.  
 An hire Buedem, steif an zéi  
 mat räicher Früucht belount hir Méi.

D'Kapell, déi op Fenälter steet,  
 déi kennt eis Freed an och eist Leed.  
 De Wand lues iwer d'Koppe séngt,  
 ëm d'Häiser d'Nuechtklack friddlech kléngt.

Mäin Dierfchen hun ech ëmmer gär,  
 a wir ech him och eemol fär;  
 d'Verlaangren zitt duurch all méng Dreck  
 no Recken, do sin ech doheem.

Pauline Schroeder



## Matleed

Beim Stroossegruef sëtzt en Hond,  
séng Patte si vum Lafe wond.  
Sai Pelz deen as vum Reen sou naass,  
e leecht schon deeglaang op der Gaass.

En huet keen Heem, keen Ënnerdaach,  
vun Hunger as e scho ganz schwaach.  
E wënselt lues mat renger Stëmm,  
datt keen hie wëllt dat as esou schlëmm.

Séng An di schéngen d'Leit ze froen,  
wëllt kee vun iech mä Leed verstoen.  
Mä d'Leit gi laanscht, a meescht ganz séier,  
't huet keen e Bléck fir d'aremt Déier.

Du kënnt e Biefche laanscht de Gruef,  
an an der Hand en Akaafskuerf,  
gesäit den Hond, a voll Erbaarmen,  
freet hien, wat feelt dir dann, du Aarmen.

En heemelt lues dem Hond de Réck,  
den Hond dee billt vu lauter Gléck.  
de Biefche seet, géi mat mir heem,  
ech wunne bei den décke Becm.

Ech hun en Hamster an eng Kaz,  
a fir en Hond as och nach Plaz.  
Fir d'éischt wëll ech méng Mamm nach froen,  
mä ech wees, di géif dech ni verjoen.

Doheem, do reecht den Hond der Mamm séng  
[Patt,  
si gët him Mëllech an eng Jatt.  
De Biefchen iever hat mam Hond,  
dee beschte Frënd am Liewen fond.

F. Arnoldy

## Firwat

So Pappa, ech wollt froen  
firwat huet d'Schlaang keng Been?  
So Papp, kanns du mir soen  
firwat wiisst Gras um Steen?  
firwat sin hei keng Léiwen?  
firwat as d'Mir sou grouss?  
firwat si fënnf Zéiwen  
bei mir u jiddfer Fouss?

Da wéisst ech och nach gären  
firwat et Engle gin?  
firwat datt all déi Stären  
all Nuecht um Himmel stin?  
firwat kann ech den Herrgott  
do uewen ni gesin?  
So Papp, kanns du mer soen  
wat as wuel spéiderhin?

Refrain:

O Papp, ech weess nach villes nët  
wat ech sou gäre wéisst  
well et jo dausend Froe gët  
un denen een sech stéisst.

Longine Klauner-Reichling

## Léiwen Tony!

Du wonners Dech sécher, dass Du vu mir e Bréif  
kriss. Ech hun e mat schwéirem Häerz un Dech  
geschriwen. Wéi ech clo virun e puer Minutte vun  
eiser Rees mat Dëngem Auto erëm koum, hun ech  
emol grëndlech iwer eis zwéi nogeduecht. Ech gi  
jo zou, dass ech virwëtzig war, fir ze wëssen, wéi  
s Du fiirts. An ech war erstaunt, wéi sécher dass  
Du Däin Auto ënnert de l'angeren hues. Wéi s Du  
schon ugefuert bas, huet mer gewisen, dass Du nët  
zou dene virsichtge Fuerrer gehéiers! D'Kéieren  
hues De geschnidden, an Du bas duerch enk  
Gaasse gerannt an nëmmen Dënger Geschéck-  
lechkeet as et ze verdanken, dass De gutt un de  
Passanten vorbei komm bas. Op der Landstrooss  
hues Du mer da gewisen, wat den Auto alles hier  
gin huet. Du has esou guer nach Zäit fir mer e Kuss  
ze gin währends Du gefuert bas.

Den Doudschweess as mer ausgaangen.

Du si mer an eng kleng Stad komm an dun hues  
Du déi ganzen Zäit op d'Tut gedréckt. Kanner si  
wéi Hénger ausernee gerannt. Wéi ech zou Dir  
gesot hun, Du solls wéinstens op d'Foussgänger  
Rücksicht huelen, du hues De gesot: Dat as eppes  
fir dee kleng Mann, deen sech nët anersches  
Hëllef kann.

Neen, Tony, passéiert as näischt, mee ech war  
awer frou, dass ech erëm doheem war. Ech woussst  
dun, dass zwéi Mënschen an Dir wunnen, deen  
een, deen egoistesche brutal as, ëmmer wëllt am  
Recht sin, an dee Mann, Tony, kann a wëll ech nët



bestueden. Well d'Rees duerch d'Liewen as vill ze laang, fir dass nëmmen deer ee kënnt rücksichtsvoll a gutt fueren. Et si vill ze vill Autoën op der Strooss vum Liewen, fir dass een sech nët mat gréisster Virsiicht an d'Rei vun denen agliddere misst, déi vun haut an d'Zukunft fueren.

Verzei mir also dëse Bréif, Tony, dee mä leschten un Dech as. An denk emol driwwer no.

Alles Gutts Jeanny

Longine Klauner-Reichling

## De Protekoll

Matzen an der Groussgaass steet en décken  
[Amerikaner,

an hannendrun halen se bis bei d'Kathedral.  
Deen doten däärf wuel méi wéi déi aner;  
krenondidjéft, – ma geet et da ball!

Do as jo schon d'Meeschtgësch vum groussce Gefir;  
se war an Namurs e puer Kichelcher kafen.  
Si parkt am léifsten direkt vrun der Dir,  
soss misst een – wéi schrecklech! – zu Fouss  
[nach lafen ...

Ma scho kënnt och d'Police, lo gët se gepléckt.  
Zwéi Mann sprangen raus a stiirmen erbei.  
Wat wette mer, – déi do kritt een opgedréckt! –  
»Wéi as ären Numm? Wou haalt Dir dann lei!«

»Kennt dir mä Mann nët? Wat erlaabt der eech!  
Schount äre Crayon, a maacht iech ewech!«  
Hei gin eis Jhämpchen ëm d'Nues esou bleech;  
se steechen hiirt Bichelchen huerter an d'Täsch.

Op der Säit steet de Jang mat verwonnerten An. –  
»Wéi as et, Här Police, wat geschitt dann elo?  
Wat gitt der hei don, wéi sollt der et man?  
Kritt d'Madame e Protekoll oder loosst der hir  
[en no?«

Du don déi zwéi Flicker op eemol Kreesch:  
»Wat sees de, klenge Männchen? Wat geet  
[dech un!« –  
Et as denen Hären lo guer nët méi weech. –  
»Nach een eenzegt Wuert an da bas de drunk!«

Albert Dimmer

## Léift

D'Leift as e Feier  
a Flame verwandelt  
Du fills dech vu brennende Wonne  
mësshandelt  
du gees duerch dat Feier  
a bas de derduerch  
da brennt schon en anert  
Gëf nëmme gutt uecht  
Wat s de méi séier gees  
desto méi brennt dobannen  
däin Häerz – Pass dach op –  
Et gët keen Entrannen ...

Longine Klauner-Reichling

## Kiirmesméengeg

Ech hun all déi jong Leit gesin  
Ee mam aner danzen.  
Ech hun hir Gesichter gesin  
Eent deem aner laachen.  
Ech hun hir rout Lëppe gesin  
Der Nopesch hir sichen.

Hir Fangeren hun ech gespuurt  
Si hu sech d'eischt gefillt  
An du mat Stopp's gespillt  
Hir I länn hun ech gespuurt  
Si hu sech de Kierper gestréilt  
Bis an d'Déift vun hirer Séil.

Hiirt I Häerz hun ech gespuurt  
Klappen an hirer Broscht  
Klappe vun I hëtz a Gloscht  
Hir kleng Broschten hun ech gespuurt  
Vu Léift d'eischt zidderen,  
Vu Freed du wibbelen.

Ech hun all déi jonk Leit bekuckt  
Lues a lues ee vum aner goen  
Hir rout Aen hun ech och betruecht  
Wéi d'kal Tréine gelaf si koum.  
Ech hu si ower nët beklot;  
Si hu sech nët »Awuer« gesot.

Jean-Claude Schroeder  
(Arelerland)

# Erënnerungen aus der Stad Lëtzebuerg

## Erënnerungen aus der Stad Lëtzebuerg

Mir wëllen zesummen eng kleng Kasselettchen iwer d'Gewunnechten an d'Liewen an der Stad Lëtzebuerg vun de leschte 60-70 Joër halen. Wann och vill, besonnesch déi eler Lait d'Veerännerungen am Stadbild mat erlieft hun, sou as et awer sécher, datt scho mucniges vergiess as. Déi jonk Leit si villäicht dër Menong, et wir, wat Propre-téit a Bequémlechkeet ugect, ëmmer esou gewiescht wéi et haut as.

### 1. Stadbild vu fréier

Lëtzebuerg huet an dene leschte Joëren d'Gesicht vun enger Grousstad ugeholl. Et brauch een nëmme d'»Wolkenkratzer« déi nom zwete Weltkrich entstane sin ze kucken. Onst Stroossebild as villméi modern gin, wou fréier Dréit vum Tram waren, hu mir clo Verkéiersluuchte stoen. Leider sin och vill schéin Häiser ofgerappt gin, fir véier-eckeg Betonsbauten hincsetzen. Mir sin nët nëmme Europastad, mir sin eng éischt Finanz-plaz gin. Muss awer och gesot gin, datt grouss Ustrengunge gemaacht gin, déi al Architektur ze erhalen duerch d'Opréische vun de Fassaden; Beispill: Regierungsgebäuer a Kathedral. D'Liewe vun haut as villméi nervös wéi dat fréier de Fall wor, wéi d'Octroismännercher nach am Stadbild ze gesi worn. An dobei as dat nach nët esou laang hier, wéi si nach Déngscht an hire Büroë gemaacht hun. Den Octroi as 1863 an der Stad Lëtzebuerg ageféiert gin. Seither huet alles wat an d'Stad ageféiert as gin, missen eng Tax bezuelen; z. B. Fleesch, Déieren, Steng asw.

Octroishaiser stongen: am Bisserrwee am Stadgronn; um Kéibierg; am Pafendall; am Eechebierg; bei der aler Bréck; op der Paräisserplaz; bei der Stäreplaz; a Clausen; beim Konvikt an um Glacis. Dat lescht as dat eenzegt, wat nach besteet, wann d'Schouberfouer ofgehalé gët, huet d'Polizei hir Büroën dran.

1921 sin déi fréier Gemengen: Ech, Hollerech-Bouneweg an Hamm an d'Gemeng vun der Stad Lëtzebuerg opgeholl gin, do as den Octroi, deen 58 Joër bestan huet, opgeléist gin an d'Haiser sin u privat Leit verlount gin, spéider sin se no an no ofgerappt gin. Déi städtesch Taxe sin dou nëmme méi op de Mäert opgehuewe gin.

Dem Kniebge séng Kutschen, déi op dem Piquet stationéiert worn, hu missen de Kutschen ouni Päerd Plaz man. Dat selwecht as de Rollefaxe mat hire schéine kräftege Brauereispäerd geschitt.

Nom éischte Weltkrich sin d'Brauereien och eng Zäit laang mat Mauliesele gefuer, déi d'Amérikaner matbruecht haten. Och onsen Hygienschen Déngscht huet eng grouss Emwältung matgemach. Drecksemere, déi d'Leit muerges fréi virun hir Dir gestallt hun, si vun de Lompesammler, ier den offenen Drecksteimer d'Eimeren eidel gemaacht huet, grëndlech no nach brauchere Lompen an Eisen ënnersicht gin, dobei gouf da vill Dreck op d'Stroosss an den Tréttuar gehäit. D'Piffmaschin wor och en aldeeglecht Gefier op der Strooss. Si huet Zëtären an den Häiser eidel gemaach, eng Aarbecht, déi nët grad no Parfum gericht huet. Den Tout-à-l'Egout, deen duerch d'ganz Stad geluegt gouf, huet dës Maschin verdréien. Wann et am Summer ze vill warem wor, as ee Waasserwon duerch d'Stad gefuer an huet d'Stroosse genetzt, eppes wat een haut nët méi gesäit, a mat dem Wieder vun haut och nët méi brauch.

D'Lompen- a Pelzhändler sin duerch d'Stroosse gaangen an hu geruff fir d'Leit op sech opmierksam ze man, datt se Lompen, Huesen- a Kännerchererspeler gänge kafen. Och vrun de Schoule stongen se an hun de Kanner Spillsaache fir Lompen ugebueden.

Holz, Briquetten a Kuele konnten d'Leit am Klen-gen op der Strooss kafen. D'Kueleschépper si mat enger grousser Schépp, an deer hirem laange Still e grouse Kueref hong, duerch d'Stroosse gaangen an hun de Leit hiren Hausbrand an de Keller gedroen. D'Holzschnidder mat hirer Seemaschin hun am Hiersch d'Kuerten Holz geschnidden, gerass a mat den Hatten um Réck op de Späicher gedroen. D'Antermännercher hun der fir gesuergt, datt d'Gasluuchten an de Stroossen un- an ausgemaacht goufen. D'Männer vum Hygienendéngscht si mat der »Bonbonnière« duerch d'Stad gefuer, d'Stroosse propper maachen.

D'Mëllehmänner oder -frae si mat engem Isels- oder Hondsgespan mat Mëllechkanen an hire kleng Kanner duerch d'Stad gefuer Mëlch an hir Konnen ausdroen. Nët ze vergiessen d'Wäschfraen, déi sin all méindes mat hire Bieren aus dem Rolléngergronn eropgefuer a si bei hir Konnen an d'Stad Wäsch siche gaangen. Am Enn vun der Woch hun se déi propper Wäsch nees ofgeliewert. Am Wanter stongen op verschidden Ecker, och beim Zerkel, Käschtemännercher; am Summer hu Glacemännercher hir Plaz ageholl.



De Päerdstram, deem séng Bunn 1874 gebaut gouf, as 1876 vum Lampertsbiërg duerch d'Neipuerts- a Groussgaass, laanscht de Palais, de Knopf (dat wor e Merceriegeschäft am Haus wou haut d'Spuerkeess eng Filial um Knuedler huet), de Lassener, d'Kathedral duerch d'Athenäumsstrooss iwer d'Passerell op d'Gare gefuer. Vun 1907 un as den elektrieschen Tram gefuer, dee gouf duerch d'ganz Stad ausgedehnt. 1964 as och den Tram aus dem Stadbild verschwonnen a gouf duerch circa 100 Autobussen ersat.

De Wochemaart, mëttwochs a samschdes wor deemools méi interessant wéi de Maart vun haut. De ganze Knuedler an d'Wëllemplatz wor voll vu Geméis- a Blummenhändler. D'Baurefraen a Virkafeschen hun hire Botter, d'Äer, de schaarfen, wäissen a Kachkéis mat haarder Stëmm ugebueden. Deemools gouf nach gehandelt (gemeet). Dës Aart ze kafen läit de Fraen am Blut, nach haut. Gemeet gouf deemools och an de Geschäfte, duerfir konnt een a verschidde Buttiker d'Schëld gesinn, »Prix fixe«. Dat huet geheesch, hei gët nët gemeet. Um Wochemaart konnt ee lieweg Kanéngercher, Hénger a Gänse kafen, doheem sin dës Déiere mat méi oder manner Geschéck geschluecht gin, souguer kleng Honn krut een um Maart ze kafen.

Freides wor Fëschmaart um »l'ëschmaart«, do wou d'Fimaichen ofgehalé gët, haut heescht se »Sigfridsstrooss«. Spéider goufen d'l'ësch um kleng Knuedler, riicht-e-riwer vum Kolléisch verkaaft, da koumen se an d'Hal, wou haut Büroen vun der Gemeng sin, duerno op d'Wëllemplatz nieft der Trap, haut besteet guer keen extra Fëschmaart méi.

Op der Biederplaz bei der Paatrekiirch gouf am Hierscht de Gromperemaart ofgehalen, do konnten d'Leit Grompere kafen a bestellen, fir anzekelleren. Dee Maart as och verschwonnen.

All Dag stongen d'Geméisfraen um Knuedler, esouguer sonndesmuerges. Beim Passage stong d'Madame Fisenek, vum Wëllem stong d'Madame Jonas. Wéi déi zwou Dammen aus Altersgrënn hu missen ophalen, as och dëst Bild aus der Stad verschwonnen.

Am 1. Weltkrich an och nach eng Zäit duerno gouf an dem Haus niewent dem kleng Passage um Knuedler extra Mëllech fir déi kleng Kanner verkaaft. Dese Mëllechverkauf hat den Numm, »Gute Lait«.

Während dem 1. Weltkrich gouf an der Beau-

montsgaass No. 11, wou haut d'Innenministerium séng Büroen huet an d'CECA hire Sëtz dran hat, d'»Volkskichen« ageriicht. All mëttes um 12 Auer koumen d'Leit, besonnesch vill Kanner aus de Virstied vun der Theaterplaz erfirt an d'Volkskichen iessen. Duerch déi hëlzen Zabotten déi, besonnesch Kanner, an de Fëss gedroen hun, huet een se scho vu wäitem héiere kommen. Och Mëllech as do un d'Leit verdeelt gin, natierlech géint Geld.

Geschäfte, besonnesch Liewesmëttelgeschäfte, konnten op hun esou laang wéi se wollten, och sonndes a feierdeegs haten si stonneweis op. Coiffeurstuffe wore méi gesellg wéi haut, do sin déi allerlescht Neieketen op d'Tapéit komm a kommentéiert gin. Méindes haten d'Coiffeuren zou, mee sonndes muerges woren se all op, aus der Ursaach, well d'Männer deemools hire Baart nach nët selwer gemaacht hun, hun si sech all Woch eemol raséiere gelooss, an dat wor sonndes. Fréier hun d'Männer meeschtens e Schnuerz gedroen oder haten e Vollbaart, nom 1. Weltkrich woren d'Männer alleguer glat raséiert, dee Moud haten d'Amerikaner matbruecht.

Kee Radio a keng Tëlevisioun hun d'Familieliewe gestéiert. Si haten Zäit owes e gutt Buch oder e Kalenner ze liesen. Am Wanter as meeschtens mat de Kaarte gespilt gin, do wore 66 a Lamock déi beléifst Spiller.

Während der Besatzungszeit an denen zwanzeger Joren sin all owes géint 6 Auer franséisch Militär d'Neipuertsigaass erop marschéiert an hun de Clairon geblose bis bei de Park.

Deemools gouf et och nach Wäistuffen an der Stad. Déi lescht wor déi vum Här Nocké an der Beaumontsgaass No. 12. Bis zou séngem héijen Alter vu 97 Joër huet heen a séng Duechter dës Stuff geféiert. De Wäi gouf a grouse Fässer, déi zwee Päerd gezun hu bei d'Kellerdir geféiert, dann as duerch Schläich de Wäin an d'Fässer am Keller gezaapt gin. Zervéiert as de Wäin aus Karaffe gin, déi de Wiirt an de Keller felle gong.

Kiirmessamschdes konnt een Hausfrac gesin, ënnerem Arem hire Kuch a Quetschentaart bei de Bäcker droë fir ze baken. Houfreg woren si, wann den Deeg gutt opgaange wor. Quetschegebeess gouf an de Kofferkessele gekacht. Déi krut een an der Beaumontsgaass No.13 beim Schlüssermeschter Weber geléint.

Ons fräiwëlleg Kompani wor an de Kasären um hl. Geescht ënnerbruecht. Deemools stongen nach



déi zwee Gebaier do, esou datt dat ee Karo wor, an der Mëtt wor en Haff. An dem Haff gouf all Joër d'Parad fir Kinneksgebueertsdag ofgehalen. Vill Plaz wor nët do fir d'Leit nozckucken. Et wor jo deemools kee Feierdag. Schwammübungen hun d'Zaldoten an der Schwemm am Stadgronn am Bissrwee gemaach. All Sondesmuerges géint 8 Auer as eng Kompani Militär mat hirer Musek, ënnert der Direktioun vum Fernand Mertens, spéider vum Albert Thorn, vun der Kasär aus duerch d'Athenäumsstrooss, d'Enneschtgaass, de Gruef, d'Kinniginstrooss, de Krautmaart, de Feschmaart crof an d'Méheliskiirch marschéiert an d'Mëss vun 10 Auer. No der Mëss gong et zréck duerch d'Groussgaass, d'Philippsgaass, laanscht d'Gëlle Fra nees an d'Kasären. Leider géhéiert dëst der Vergaangenheet un. Beim Militär wor den héchste Grad, de Majouer, dat wor den Henri Beck.

Datt et deemools méi roueg an der Stad wor beweist, datt mir nëmme 7 Polizisten haten. Den héichste Grad wor de Kommissär, den Här Rupprecht, deen um Feschmaart an dem Haus mat der héijer Trap gewunnt huet. D'Hauptwacht, wéi se genannt as gin, wor e klengt Zëmmer am Zerkelgebäi bei der Lantergässelchen. All Nuets um halwer eng as d'Polizei l'ieierowend an d'Wiirt-schafte gebidde gaang.

## 2. Familjefeieren:

### Kanddaf – Hochzäit – Begriefnesser

D'Familjefeiere worc fréier méi feierlech a méi schéin ewéi haut. Zou all denc verschiddene Feiere gouf d'ganz Famillen agelueden.

D'Kanner si meeschtens dohccm op d'Welt komm. Fir ze Defe gouf d'Kënnche vun der Hiefan an d'Kiirch gedroen, wou nëmme de Pätter an d'Giedel derbei woren. Wann se dann heem gongen, sin d'Kanner aus der ganzer Noperschaft nogelaaf fir Zocker ze kréien. De Kanddafzocker gouf meeschtens zur Fënster craus op d'Strooss geworf. Da gong den Zodi lass, déi stäerkt an déi kléngst kruten de meeschten Zocker. Gottseidank as dëse Brauch aus dem Moud. Op engem richtege Kanddaafskaffi huet eng Schmier mat Kachkéis nët duerfe felen, dohier de Numm »eng Kanddaafsschmier«.

Bei der Hochzäit as d'Brautpuer mat de Gäscht zou Fouss an d'Kiirch gaang. Geschenker fir de Kanddaf, d'Hochzäit an d'Kommunioun wore méi bescheiden ewéi haut.



D'Feierlechkeet bei engem Stierffall hu 4 Deg gedauert. Dräi Deg wor den Doudegen dohccm opgehoort, da wor mëttes d'Begriefnes mat engem Cortège vum Haus aus bis op de Kiirch. Deen Dag duerno gouf muerges d'Doudemëss gehalen.

### 3. D'Schoulzäit

Den éischte Weltkrich as den 11. November 1918 zou Linn gaang. Déi 1913 gebuer gouwe sin am Hierscht 1919 an déi grouss Schoul gaang. D'Aldringerschoul, am Volksmond, »Neit Schoulgebaie« genannt, wor fir Kanner aus der Niklospor. Si stong do, wou haut de »Centre Aldringen« as. 1884 as an dem Gebai de Schoulbetrib opgeholll gin. De 5. Februar 1968 gong am Gemengerot rieds dervun dëst Gebai ofzerappen an d'Autobus-gare dohin ze man. 1977 wor de »Centre Aldringen« fäerdeg.

D'Aldringerschoul wor agerücht fir Klasse fir Medercher a Jonge vum 1. bis 6. Schouljoër, donieft wor och nach eng Spillschoul. De Schoulhaff wor duerch eng héich Mauer getrennt, lénsks d'Medercher, rechts d'Jongen. Zwëschen dem Schoulhaff fir Jongen an dem deemolegen Hotel Schwartz (een neit Bankhaus), wor den Dépôt vun de Stroossekieier. Déi Wenercher, genannt »Bonbonnières« hate keng Gummisrieder, duerfir hu se och vill Spëtakel gemaacht.

Geféierlech wor den Tram, dee vun der Neier Bréck duerch d'Enneschtgaass laanscht d'Zinag, dann, laanscht d'Post am Hauptportal vun der Schoul erop an d'Groussgaass gefuer as. Jhust vrun der schaarfer Kéier fir rechts an d'Grouss-



gaass wor e géie Stouss, do as den Tram bal all Dag entgleist. Dat wor oft d'Ursaach, datt mir ze spéit an d'Schoul koumen.

De Piquet wor no dem Ofrappe vun der Juddekasären am Joër 1920 laang nët verbaut. Uewen um Eck wor Schneitzen hiirt Geschäft mat de Spillsaachen, um Eck vum Piquet stongen dem Knicbge séng Kutschen. Ongeféier an der Mëtt vun der Beckstrooss wor dem Kass séng Schmëdd. De Geroch vum gesengten Houf, wann d'Päerd beschloe gouwen, gong bis an d'Schoulsäll. De Mëllechhändler Mohrheng vu Märel huet all muergens säin Iesel bei der Schoul un de Strail vun der elektrëscher Tramsleitung ugestréckt. Vu Laangweil huet den Iesel IAH gejaut, dat huet de Kanner vill Spaass gemaacht. De »Charly« wor dem Léierpersonal hire Verdross an de Kanner hire Jux. Besonnesch déi Schouklassen, déi zum Boulevard Royal lougen si vill gestéiert gin, wann de Charly de klenge Stouss fir an d'Arsenalstrooss wéint de Blieder, déi am Hiescht gefall sin, nët eropkoun.

Bis zum Joër 1922 gouf d'Kannerléier wéint dem Schoulgesetz vun 1912, dat de Bëschof Koppes nët unerkant huet, nët an der Schoul gehalen. Kaplén hun d'Kanner bei der Schoul ofgcholl a si mat hinnen an d'Schwecsskimmerche gaang an hun do Kannerléier ofgchalen. Dëse Sall, deen am Agank vun der Cathedral, rüchteriwer vun der

Dir fir op den Duxall wor, as nët méi do. Am Wanter huet onse Kaploun de Kanner eng Tut Käschte beim Käschtemännche vrum Zerkel kaaft.

Wann et waarm wor, wéi 1921, kruten d'Kanner »Hitzferien«, eppes wat ons Kanner vun haut nët kennen. An den éischte Schouljoëre wor nëmme Donneschdesmëttes fräi, spéider koun den Dëschdesmëtteg derbäi. Doduerch konnten d'Oweschoulen op nomëttes verluegt gin.

Déi éischt Zäit sin nach Buchpräisser an der Schoul verdeelt gin, spéider sin déi ofgeschaaft an duersch e Schoulfest ersat gin. Dat Schoulfest as a Form vun engem Turnfest, wou all Schoulkanner matgemaach hun, um »Velodrom« op Belair ofgehal gin. E Schoulausfluch hun nëmme déi iewescht Klasse (5. a 6. Schouljoër) gemaach. Grouss Verkanz wor an der Stad ëmmer 14 Deg virun der Verkanz um Land, doduerch konnten d'Kanner um Duerf hëllef an d'Gromperen goen.

An déi zwee Cinemaën déi an der Stad woren, am Schoulbiërg an de »Cinéma de la Cour«, si mir heian-do mat der Schoul e Film kucke gaangen. Déi zwee Cinemaën sin nët méi do. D'Schoulbibliothék wor deemools vis-à-vis vum Palais an engem Hannergebai. Do kruten d'Schoulkanner schéin an interessant Bicher geléint.





#### 4. Kannerzäit

D'Kannerspiller woren der Saison ugepasst. An der gudder Zäit gouf mat dem Dapp, der Giisch an dem Reef gespillt. D'Medercher hun sech am Krees gedréit an dobei schéi Lidder gesongen: ca. »Mariechen sass auf einem Stein« Mat de Stroossenrenner an den Trotinetten, déi deemools grad an de Moud koumen, hu Bouwen an de Stroossen an op de Place Course gefuer, et hu jo deemools keng Autoë gehënnert. Déi méi grouss Bouwen hu Fussball gespillt. Beléifte Spiller woren och: Stëppches, Fänkes an d'Week. Wa Schnéi loug gouf mam Schlitt gefuer, all Bierg an der Stad wor gutt duerfir, z. B. de Paffendallerbierg; de Rollengergrënneschebierg; de Paifeschbierg. Déi beléifst Plaz fir roueg mam Schlitt ze fuere wor op der Bellevue am Fondatiounspark. Krichspillgezei huet een déi Zäit nët kannt, héchstens Zënnzaldoten.

Och an de Kleder woren d'Kanner praktesch ugedoen. Bouwen ewéi Medercher haten e Schiirtech un, dat d'Mamm schwer gemaacht huet. Laang gestréckt wëlle Strëmp, och eng Aarbecht vun der Mamm. D'Bouwen haten eng kuerz Box un, déi méi kleng ésouguer eng Deckelsbox.

E Streiselskichelchen huet 4 Su kascht, spéider 5 Su. Iwregens wore mir nët esou verwinnt mat Naschlechten ewéi dat haut as. Schockela, Kuch an Taart as et nëmme sonndes a feierdeegs gin. Esouguer Fleesch wor nët all Dag um Dësch. Duerfir woren d'Kanner méi frou an zefriden ewéi haut.

#### 5. Éischt Kommunioun an d'Firmong

Laang vum éischte Kommuniounsday as eng extra Kannerléier gehale gin. An der Niklospor as déi am Veräinshaus, riichteriwier vun der Kathedral ofgehele gin. Muerges ëm siwen Auer wor schon eng Kannerléier, da gong et ëm halwer aacht an d'Schoulmëss. De Kommuniounsday selwer wor fir d'Kanner méi schwéier wéi haut. D'Kommuniounsmëss wor schon um siwen Auer, well vu Mëtternuecht un huet misse gefaacht gin. Ëm véirel vir siwen Auer sin d'Kanner vum Här Bëschof am Paschtoueschhaus ofgeholl gin an an der Prässessioun, un der Spëtz d'Stadmusek, an d'Kiirch geleet gin. Nëmme wann et gereent huet, wéi 1924, konnten d'Kanner direkt an d'Kiirch goen. En Taxi oder eng Kutsch konnten déi kleng Leit sech nët leeschten.

Um ning Auer woren d'Kommuniounskanner

schon erëm an der Houmëss, um dräi Auer an der Vesper an um sechs Auer an der Andacht. Do kruten d'Kanner dann vum Paschtouer hiirt Kommuniounsundenken.

Kanner aus der Niklospor haten an hun nach haut déi Eier vum Bëschof an d'Kiirch geleet ze gin an d'III. Kommunioun gereecht ze kréien. Kanner vu St-Méhel sin op hirem Eierendag no der Mëss vun der Militärmusek mat schéine Melodië begreisst gin. D'Medercher wore wäiss, an d'Jonge schwaarz oder gro gekleet, nët uniforméiert, wéi dat eng Zäit Moud wor.

Am Joër 1924 hun an der Niklospor, 55 Jungen, 48 Medercher an 23 Kanner vu St-Sophie déi éischt Kommunioun gemaacht. Péngschtméindeg, den 9. Juni huet de Bëschof Nommesch all dës Kanner an déi vu St-Méhel, an der Kathedral gefirmt. Fir d'Kanner aus der Kathedral wor den Här Jean Waldbillig, aus dem Huttgeschäft an der Kapuzinergaass, Firmpätter; a Firmgiedel wor d'Madame Goergen-Kinzelé. Wéint dem »Eucharistische Kongress« vum 19.-22. Juni 1924 an der Stad Lëtzebuerg, wor de Votivator vun der Oktav (11.-25. Mee) stoe bliwen, doduerch haten dës Kanner d'Eier um Votivator gefirmt ze gin.

#### 6. D'Fuescent

Fréier konnten d'Leit nach besser Fester feieren ewéi haut. Déi Verkleet sin duerch d'Stroossen an duerch d'Wiirtschafte gelaf a gesprongen. D'Leit hu sech nach besser op der Strooss amusiéiert wéi haut op de Baler. Vum Hotel »Cologne«, an der Neipuertsgaass; op dem Plëssdarm; um Lampertsbierg, jee an der ganzer Stad wor eng lëschteg Stëmmung. An de Wiirtshaiser hu Bockemiller muencherengem ongeschminkt d'Wourécht gesot.

Wou sin d'Kavalkaden hi komm? Deemools wor eng Freed op der Strooss, wann déi schéin, schwéier Brauereispäerd déi schéi gerëscht Ween duerch d'Stad gezun hun, begleet vun de Musikgesellschaften: Concordia a »Luxembourgeois«, an déi Verkleeten: jonk an al niewendrun, dat wor wirklech e Volleksfest.

#### 7. Ouschteren

D'Ouschterwakanz huet Gréngendonneschdes ugefaang an huet bis Méindes no Wäissen Ouschtersonndeg gedauert. D'Bouwe sin vu Gréngendonneschdeg muerges bis samschdesmuerges klibbere gaang. Donneschdesmuerges



sin d'Klacken op Roum beichte gaangen a koume Samschdesmuerges erëm. D'Ouschterliturgie as deemools am Dag ofgehalde gin.

D'Éimaichen as um Feschmaart ofgehalde gin, wéi och nach haut. Nëmmen d'Preisen haten am Krich 1940/44 d'Éimaichen op de Knuedler verluegt. Dat huet bei de Leit keen Uklank fond, a koum nom Krich crëm op de Feschmaart. Op der Éimaiche gouf et deemools wéi haut, Péckvillercher, Wäiraachfässer asw. Mat den Ouschteräer gouf getéckt, mat dem Sproch, »Spëtz fir d'Leit«. An de Wirtschafte kruten d'Stammgäschter dräi Äer geschenkt.

## 8. D'Oktav

Seit 300 Joër as d'Leift zu der Muttergottesoktav hei zou Lëtzebuerger bliwen, mee weenst dem Fortschritt am Verkier si muench religiéis Gebräicher verluer gaang.


Ir d'Kathedral am Joër 1938 vergréissert gin as, stong de Votivaltor an der aler Kierch virum Kouer zwëschen den éischten Stäiler. D'Säitenaltär wore rechts a lénks un dës Stäiler ugeluegt. De Kouer vum Votivaltor huet bis un déi zweet Stäiler gereicht, domat wor den hëlzene Priedegstull mat an de Kouer abezun. Rechts, vis-à-vis vum Priedegstull wor de Bëschofstroun opgestallt. Dat Ganzt wor mat hëlze Kommunikatiounsbänken ofgeschloss. Um Haapt- an den zwee Säitenaltär an un de Verbindungsärem hongen

honnerte vu gëldenen a sëlweren Häerzer, kleng Kreischen an Amplen. Alles Geschenker aus der fréierer Zäit, déi Leit als Merci fir Erhéierung vun hire Gebieder der Muttergottes geschenkt hun. Niewent de Säitenaltär stonge rechts a lénks grouss an déck Votivkerzen. Un der Kroun vum Haaptaltor, den Ärem an dem Kapp vum de Säitenaltär hu Gaslämpercher geliicht. Sou stong d'Mamm vum Land aacht, spéider véierzéng Deg am Sënn vum Wuert, mëtten ënner hire Kanner.

De Kouer vum Votivaltor wor fir d'Schoulkanner reservéiert. De Paschtouer Wilhelm Plettschett (20.9.1913 – 5.12.1922), huet all owes an der Oktav an der Kannerandacht um sechs Auer an enger klenger Priedeg all cenzelt Stéck vum Votivaltor an de Sënn vum der Oktav erkläert. Dës, fir Grouss a Kleng léicerräich Priedegten hu leider mam Doud vum Paschtouer Plettschett 1922 opgehale a sin ni méi opgeholl gin.

Vun sechs Auer un as um Héichälter een »Hochamt« un deem aner bis zwielef Auer gesonge gin. Vu fénnef Auer u sin op den Niewenaltär an op de Säitenaltär: Herz-Jesu, hl. Josef, hl. Niklos an hl. Johannes-Nepomuk eng Liesmëss un deer aner gehale gin. Wann nët genuch Mëssendénger do worn, hun oft al Leit d'Mëss gedéngt.

D'Koschteren: Pir Anzia a Bernard Muller, dee 40 Joër laang Koschter an der Kathedral wor, † den 25.10.1968 am Alter vun 73 Joër, haten d'Aufgab, nomëttes virun an no den Andachten d'Rouse-





kränz, d'Medailen asw. un d'Muttergottesstatu ze réieren.

Vis-à-vis vun der Kathedral, un der Mauer vum Gaart vum Veräinshaus stong an der Oktav e Buttick mat religiöse Saachen. Dese Stand feelt och seit Joëren. Nieft der Trap fir op de Knuedler, stong de klenge Georgely ze fechten.

D'Prëssëssioun konnten d'ganz Breet vun der Strooss anhuelen. E Bedo (Schweizer) huet all Prëssëssioun begleet. Deemools as den Tram nach laanscht d'Kathedral gefuer, dat gouf ee Gedrécks a Gewulls vrun der Kiirchdir. Jhandaarmen a Galauniform hu während der ganzer Oktav de Verkéier gelect. Déi éischt an eenzeg Männerprëssëssioun déi gaang as, wor déi vum Veräin vun der hl. Familien aus der Paatrekiirch. Un der Spëtz d'Stadmusék, gong des Prëssëssioun den 2. Méindeg vun der Oktav duerch d'Kapuziner-, d'Dreikincks- an d'Enneschtgaass an d'Kathedral an d'Rousekranzandacht ëm aacht Auer.

Den Dag vrun der Schlussprëssëssioun sin d'Stroossenaltär an Dännebeem opgeriicht gin. Déi grouss Fiendele sin iwert d'Stroossen opgezu gin. D'Leit hun d'Haiser mat Girlanden, Fiendelen a Kränz gerëscht. Un de Stroossenecker huet d'Stadverwaltung Fiendelen opgehaang. Sonndesmuerges sin d'Stroossenaltär fäerdeg opgeriicht gin an zwar: um Knuedler, Enneschtgaass, Groussgaass, Neipuertsagaass, Beaumontsagaass a Roude-Pëtz. Viru Joëre sin déi al Altär duerch méi modern Altär ersat gin.

Den Ufank vun der Schlussprëssëssioun huet d'Militär gemaacht, da koum de Bedo, den Här Schwachtgen, no séngem Doud hat den Här Mathékowitsch, dann den Här Bastian des Charge. Da koumen d'Kouerjonge mam Kräiz, Bouwe mat den Innungsschëlter aus der Stad. Zéng vun deenen dräizéng Schëlter sin haut ronderëm vum Altar an der Groussgaass. Da koumen d'Bouwe mat Schärpen un an hate kleng Fiendelen aus der Paatrekiirch.

Deemools waren nach derbei: De Veräin vun der hl. Familien mat dem ganz grouse Fuendel, deen zwee staark Männer hu missen droen; an de kath. Gesellenveräin (Biz). Haut sin an hirer Plaz Kaschtler an déi Deportéiert aus dem 2. Weltkrich. D'Gnodbild vun der Tréischterin as vu Gecshtlech Härën ënner engem Himmel gedroc gin, haut as den Himmel nët méi derbei, doduerch gesinn d'Leit d'Muttergottes besser. De Schluß hun d'Jhandaarmen zou Päerd gemaacht, hannendrun

das »Betende Volk«. Leider hu mer keng Päerd méi, déi sin duerch Motoren ersat gin.

D'Vergreisserung vun der Kathedral an denen dresseger Joëren huet et mat sech bruecht, datt de Gottesdénsgscht och an der Oktav sech méi schéin entfale kann.

### 9. Christihimmelfahrt

Op desen Dag hun déi Stater hiren éischte grouse Spadséiergank am Joër gemaacht. No der Mëss muerges gong et lass, de Rucksak um Réck gong et entweder op d'Biergerkräiz; an d'Schetzelschiel; op de Waldhaff; an d'Waldschenk, déi och nët méi do as; op Hesper oder den Izegersteck. Dat waren oft Strecke vun 20 km.

E beléifte Spadséierwee wor: den Eechebiereg erf op Dummeldéng iwert d'Techternachestrooss op de Waldhaff, hei gouf Piknik gemaacht, d'Maansleit hun dann nach eng Parti Kelen op der Sandbunn gespillt. Da gong et weider op Senningen, no enger kuerzer Rascht gong et viru op de Fündel, deen deemools awer anescht ausgesin huet ewéi haut. De Café Brouschert as nët méi do, nët nëmmen datt een do eng gutt Kéisseschmier krut, mee an dem Café waren déi 7 Schlässer aus dem Dall vu Miersch gemoolt. Vun do aus gong de Foussmarsch weider an d'Neiduerf, wou no enger klenger Rascht mam Tram heemgefuert gin as. Déi gutt zou Fouss wore sin och nach duerch dat laangt Neiduerf gaangen. No esou engem Spadséiergank huet een nët brauchen an de Schlof gesongen ze gin.

### 10. D'Schueberfouer

»T as Kirmesdag an eng Gei jénkt muerges an der Gaass. Des Weis as esou al datt kee weess wou se hirkénnt. T weess och kee wat d'Schof mat enger Kirmes ze din hun. Beim Arthur Schon kann ee liesen: 3. 9. 1739. Die Bruderschaft des hl. Sebastian (Schützenbruderschaft) weisst nach, dass sie in ihrem Recht gestört wurde »vom Sonntag der Schobermess, aus der Stadt ziehend trommelschlagend und mit entfaltenen Fahnen und sobald auf der Schobermess mit dem erstklassierten Schaf angekommen, die Spielrechte zu erheben, welche hier am selben Tag halten«.

Ob dat villäicht den Ufank vum Hämmelsmarsch wor? Zéng bis zwanzeg Schof mat Bänn a Flätsche gerëscht si vrun de Musikante getrappt. Muerges hun déi Stater en Tour ëm de Stack gemaacht fir an hirer Stammwirtschaft e Patt ze huelen. De Wiirt



huet all Konn eng Kiirmesdrëpp an -zigar spendéiert. Nomëttes gong et da mat de Kiirmesgäscht op d'Schouerfouer. D'Schouerfouer wor deemools ewéi haut, mat dem Ënnerscheed, datt Éilewuerschbuttécker, ierden Déppen, an de Schweizer vun 'Tréier mat sänge Messeren a Schéieren aus Solingen do woren. Dës Bude stonge gewéinlech am Allee.

D'Schouerfouer huet ugefaang mam Vëimart, genannt »Schwéngerchersmart«, de 24. August. Deemools wor nach Véi do, a keng 'Traktëren.

### 11. Krëschtdag a NeiJoërschdag

Schoulverkanz wor vum 25. Dezember bis 2. Januar. D'Krëschtmatten an der Kathedral hun um dräi Auer an der Nuecht ugefaang an hu bis siwen Auer gedauert. Do hate mir och nach bis 100 Seminaristen, déi de Gottesdëngscht mat hirem Gesank verschéinert hun.

Stiewesdag wor um Knuedler de Kënnerchersmaart. D'Kniecht an d'Meed hun sech do afond fir sech bei engem Bauer ze verdangen; Kniecht, déi mat Pärdr konntnen ëmgoen, haten eng Baatsch bei sech. De 6. Januar, Dräikinneksdag, wor en zwete

Kënnerchersmaart fir déi, déi schon erëm wollte wiesselen.

NeiJoërschdag hu mir onsen Éilteren d'Neit-Joër gewënscht, nomëttes gong et da bei d'Grousselteren, de Pätter an d'Giedel. Bei dëser Geleënheet krute mir Kanner e Geldstéck als merci.

An de Wiirtschafte krut all Stammgaascht eng NeiJoërszigar. Dësen Dag wor kee Feierdag. Als Feierdag hun nëmme gezielt: Ouschterméindeg, Pengschtméindeg a Stiewesdag, mee uni Pai.

D'Aarbechtsbedingunge woren deemools nët esou sozial ewéi dat haut as. 12 Stonnendag unni Urlaub wor normal. D'Éierjongen hun 9-10 Stonnen den Dag geschafft, dat unni Loun, verschidden hun nach misse Léiergeld un de Meeschter bezuelen.

D'Brëfdréier hun an der Stad Lëtzebuerg muer ges zwou a mëttes eng 'Tournée misse man. Sonndes a Feierdeegs eng 'Tournée. All Brëf a Kaart hut missen bis bei den Empfänger gedroen gin, egal ob en am ënneschten oder um véierte Stack gewunnt huet.

Dat wor déi deemoleg gutt al Zäit, déi keen sech erëm wënscht.  
Franz Schwab

*E glécklecht neit Jor*

*laang ze liewen*

*gléckséileg ze stierwen*

*an eng Kroun am Himmel ze ierwen*

*Wënscht Iech alleguer d'A.L.*

# eise jongen hiirt feier

josy braun

dës geschicht hei muss ech schreiwen,  
datt se soll erhale bleiwen;  
erzicht gouf se dëslescht beim papp  
zu pärel an ech krut se mat.

't gouf geschwat vum leschte feier  
op dem haff vum schäffle meier;  
de ganze butek huet gebrannt,  
ganz pärel as dohi gerannt,

trëppelt sech op d'féiss, an d'wueden,  
wolwen, maartleng war vertrueden,  
vu bungref koume wéi de blätz  
eng zéng kadette mat der sprëtze,

riichten d'ledere laanscht d'scheier,  
sprëtze wéi déi wëll an d'feier.  
dem meier jhust stoung näischt gutts un:  
wou as dann d'pärler sprëtze nees drun?

stonne spéider koumen d'jongen,  
't war dem kommandant gelongen  
d'équipe um enn op d'been ze kréin  
an du, sot d'wirtsfra, gouf et schéin:

wéi déi bungref gesouchen  
a wat déi mam feier mouchen,  
mä du koom d'feier réischt an d'stréi,  
se packen d'roserei nüt méi,

d'jonge stin all wéi e mann do,  
flëppe will hält de kommando:  
rof do, soss riichte mir iech d'lanz  
mat vollem wuppes flang op d'panz!

knaps gesot, gemaach: se strenzen  
d'bungref mat véier lanzen,  
se sprutzen s'a verdéngter strof  
wéi d'mécke vun de leedre rof.

d'wirtschaft houl nüt op mat laachen,  
ech sot jhust: sin dat da saachen?

sou spréngt een nüt mat noopen em,  
mä déi gesitt der ni méi rëm!

ech stong op mäi papp ze blechen,  
wat sot dir?, ergrëmmt sech d'frächen,  
eis noopen?, héiert ees dee mënsch,  
mäi léiwen här, do leit der wënsch!

hei as pärel, an dat feier  
war zu pärel, frot de meier!  
sai feier war also, geldiert,  
ganz sécher eise jongen hiirt!

# op der bréck

josy braun

di zwee boungen iwwert dem glänner  
vun der neier bréck  
baussent der stad  
hir rieder louchen um trottoir  
an hannert hirem réck  
as den zwouaerverkéier gelaf

si hun näischt dervu gemierkt  
se hun erof op di nei autobunn gekuckt  
déi wäit dohannen um flouer verschwénnt

elo am fréijor  
soll se opgemaach gin



Iwwert d'Schéiereschlëffer aus dem Pafendall

# De Jean Bousson (1884-1959)



De Jean Bousson mat senger Schläifmaschin

Hutt Dir näischt ze schläifen, hutt Dir näischt ze schläifen...? Esou sin a fréieren Zäiten d'Schéiereschlëffer duerch d'Land gezun fir hiirt Brout mat deem Handwierk ze verdingen.

Ec vun dese Schéierschlëffer sollt hei ervirgheue gin, an domat säi Liewen, séng Aarbecht a säi Stolz.

Säin Numm: Jean Bousson, gebuer den 23. September 1884 zu Dikrech, Jong vum Franz Bousson an der Margréit Kappell. Am Joër 1903 huet de Jang sech mat engem Maarnecher Meedchen, d'Anne-Marie Hary, bestued.

De Jang Bousson as duerch d'ganz Land mat senger Schläifmaschin gefuer, jo esouguer bis a Neibelgien erop. Dobäi as en net ëmmer eleng gefuer, well eng gutt Parti vun där Zäit as säi Brudder Anton (1888-1963) mat him ënnerwee gewierscht. Och am Krich (1940-45) si se erausgefuer. Mä si hun net nëmmen Messeren a Schéiere geschlaff, och Prabbelien hu se gefléckt. Wann se erausgefuer sin, haten se ëmmer Liederschongstréckele bei sech, déi se un d'Bauere verkaaft hun. Do konnten se dann och emol am Kéistall schlofen, fir deen aneren Dag erëm virun ze zéien.

D'Bauerefra huet hinnen dann och d'Kleder gewäsch. Esou si se och eng Kéier op de Grondhaff an den Hôtel Brimer kom. De Jang huet hinnen d'Messere geschlaff an du gefrot fir kënnen am Hôtel ze iuernuechten an ob hie séng Maschin kinnt ënner Daach stellen. Do war kee Problem, sot den Här vum Hôtel, an huet ee vu senger Leit geschéckt d'Garagepaart opman. »Den Här Bousson setzt séng Maschin gär cran.« De Jong, deen d'Paart opgemat hat, huet emol grouss gekuckt, wéi de Jang mat senger Maschin gerullt koum. Hien hat sech eppes anescht virgestallt, wéi de Patron vun enger »Maschin« geschwat huet.


Obschon de Jang an den Tunn matenee gefuer sin, haten se dacks Kaméidi ënnert sech, well keen d'Maschin« wollt drécken. Den Tunn sot ëmmer: »Et as jo déng Maschin, dann dréck se och!« Wann se dann en etlech Kilometer zu Fouss getrappt waren, sin se se zesummen an eng Wiirtschaft gaang, fir e bëssen ze raschten. Da suz de Jang an deem engen Eck vun der Wiirtschaft an den Tunn an deem aneren an hu kee Wuert geschwat...

D'Maschin selwer hat véier Stempelen aus Holz an hat nëmmen ee Rad, fir ze fueren. Wann d'Maschin op de Stempelen stung, da war d'Rad an der Luucht an as geholl gi fir d'Pulli vum Schläifstee mat engem Liederrimm unzedreiwien. Vir erlaanscht hat de Jang dann un der Maschin e puer Prabbelien hängen, déi nach ze flécke waren. Un engem Stempel hat de Bousson's Jang ëmmer en Ersatzschläifsteen ugestréckt. Wann de Jang erëm wollt virun zéien, dann huet en de Liederrimm vum Rad erofgehäit, séng Schläifmaschin vun de Stempelen op d'Rad gekippt an huet se virun sech gedréckt, esou wéi een eng Schubbiert féiert.

Um »Schläiftour« huet hien a säi Brudder sech heiandsdo beim Bauer e bëssche Speck an e bëssche Miel gefrot, esou dass se erëm genuch z'essen haten, fir op en neits eng Rëtsch Kilometeren ze man.

Esou wéi dat fréier de Brauch war, hat bal jidder een nieft séngem normalen Numm och nach e Spottnumm. De Bousson's Jang hun se kuerzerhand de »Pustangs Jang« oder »de Monnonk« genannt. Hien hat an der Zäit, wéi hien nach Kiirmes gefuer as, eng Schéissbud, Stillercher a spéider en Zockerbuttich. De Wanter sin d'Kiirmesleit mat hire Ween an der Sichgaass (op enger Plaz, wou fréier Haiser stungen) hale bliwwen an hu gewaart, bis Ouschteren, wann d'Kiirmessen





D'Sichegaass aus dem Pafendall mat der Plaz, wou fréier d'Ween stongen

crém ugaange sin. Während dëser kaler Joreszäit sin d'Ween an d'Spiller an d'Rei gemat a frësch ugestrach gin. Meeschtens as séng l'ra mat de Kiirmesse gefuer an hic war op der Wanderschaft mat sénger Machin.

Op der »Plaz« an der Sichegaass waren se alleguer zesumme komm: d'Kiirmesleit, d'Schéierschlëffer, d'Prabbelsflécker an d'Déppegeisser. Do war Rieds vum »Iölzernen Herrgott« (Schmit), vum »Buuschemätt«, vum »Schëppebauesch Pir«, dee mam richtigen Numm Pierre Neumann geheescht huet. Anerer hun och nët gefeelt, ewéi de Schëppennéckeli, de Stiwwels Méchel an de Mätt, d'Lantergréit an déi al Zerfs, déi mat der Drëuer gel gangen as.


De »klengen Alen« (Pier Baumgarten) an d'»Schokelas Elis« haten eng Schläifmaschin zesummen, déi se ënnert dem Arem gedroen hun. Wann se vun engem Schéieren ueder Messer kruten, dann huet deen een d'Maschin ugehal an deen aneren huet geschlaff. Wa mer scho bei de Schéiereschlëffer sin, da sollt mer de »Roude Niki« awer och nët vergiessen. En anere Schéiereschlëffer war de Jacques Thilmany aus dem Pafendall (1879-1967), dee spéider Redakter vun der lëtzebuerger Zeitung »Der arme Teufel« gouf.

Gewéinlech hun déi Leit hir Schläifmaschinnen och selwer gemat. »Dem Monnonk séng muss iwwert 100 Joër gehat hun« krut ech vun engem Pafendaler verséichert. De Schéiereschlëffer Jang Bousson as domadde bis op Malmédy, St.Vith, Burg-Reiland a bis an d'Mincetstgëgend gefuer.

De Buurgermeeschter vu Réimech huet de »Pustangs Jang« bei sech schlofe gelooss, well hien e gutt konnt brauchen.

Wann se erëm am Pafendall waren, si se bei den »Iollerecher Geck«, eng kleng déck Fra aus dem Pafendall, een huele gaang. D'Fra hat d'Wiirtschaft mat enger Epicerie. D'Wiirtschaft hat si nët dacks op; si huet hir Gäscht ëmmer an der Epicerie schluppe gelooss. Dat war déi Zäit, wou vereenzelt Händler an Déppeflécker en Hond hate fir hir Kärcher ze zéien. Wann d'Honn nët méi gutt genuch ware fir de Weenchen ze zéien a fir mat op den Handel ze goen, dann as et emol virkomm, datt se geschluecht gi sin. D'Hausfra huet se nonee gemat an da sin se mëttes op den Dësch komm. Géintiwuer vun der Sichegaass am Fiels war e Krop, do sin se mat engem Seel cropgezu gin an hun eng mam Knëppel op d'Stir kritt. Duerno as dann de Pelz afgezu gin. Esou war et guer näischt Aussergewéinlech, wann ee fir d'Eischt Kom-





Am Zivilhospiz as de Jang Bousson 1959 gestuerwen (uewe riets). Lénks am Bild de Jakobstur; ënnert deen huet de Jang an der lescht séng Schläifmaschin gestallt.

mioun »e Quinn« opgedëscht kritt huet. (Quinn heescht an der Zigarettenproch en Hond.)

Séng lescht Joëren huet de »Bousson's Jang« op der Rumm verbruecht. Vum Här Lambert vum Zivilhospiz konnt ech nach dëst gewuer gin: De Jang as op der Rumm ukomm de 15.12.1951 (koum vun Dikrech), dunn as en crém fortgaang de 7. Februar 1956 an den 20. Juni vum selwechte Joër erëmkomm. Séng Maschin huet en all Kéiers mat erop op d'Rumm bruecht. Fir d'éischt huet en se mat an den Hospiz era geholl; mä well en ze vill dacks eran an eraus gefuer as, huet den deemolegen Direkter, den Här Schmit, him gesot hie misst séng Schläifmaschin dobaussen halen. De Bousson's Jang huet se vun do un ënnert de Jakobstur gestallt. Mä eng Kéier hate Vandalen se

iwwer Nuecht den Hiwwel crof gehäit an d'Gestell mat de Steng war gebrach.

Wat duerno mat der Maschin geschitt as, dat wousst den Här Lambert nët ze soen. Op der Rumm as de Jang Bousson dann am Alter vu 75 Joër de 16. Oktober 1959 gestuerwen. Sāi Brudder, den Tunn, huet et nach véier Joër weider ausgehalen. De 15. Oktober 1963 as hien zu Suessem verscheed.

Fernand Toussaint

*Quellen:*

Gemengenarchiven Lëtzebuerg  
Gemengenarchiven Dikrech  
Der arme Teufel p. Janine Wehenkel-Frisch  
Ennerlage vum Zivilhospiz/Rumm  
Matdclonge vun der Famillen zu Uewerkuier, Neiduerf a Pafendall.

Wann ech glifft !

Denkt elo drun fir är Cotisatioun vun 200 Frang fir 1980 ze iwverweisen. Merci.

## Dem Jang Bousson säi Stammbam dem Familjennumm no:

	Busson Jean-François * †		
»Eiseschneider«, Schmadd	Busson Jean-François * 1787 Hulan † 19. 3.1825 Weimeschkiirch	(O)	Brÿer Elisabeth vun Dummeldéng
Lompemann	Bousson Mathias * 17. 1.1823 Eech † 24. 2.1880 Zivilhospiz	3.1.1848 Eech (O)	Wagener Margréit vu Weimeschkiirch
Trafikant	Bousson François * 8. 3.1852 Eech † 22.11.1919 Ettelbréck	7.12.1873 Koplescht (O)	Kappell Margréit vu Koplescht
Schéiereschlëffer	Bousson Jean * 23. 9.1884 Dikrech † 16.10.1959 Rumm	7.12.1903 Lëtzebuerg (O)	Hary Anne-Marie vu Marnech

Trotz intensive Fuersungen hun ech et leider nët fäcrdeg kritt, fir dem Schéiereschlëffer Jean Bousson séng Virfueren am Frankreich opzefannen. Säin Urgrousspapp Jean-François Bousson sollt zwar géint 1787 zu »Hulan« am »arrondissement de Vesoul« gebuer sin, mä dëst war awer leider nët ze beleën. (Unhaltspunkt war de Stierfakt vum Urgrousspapp aus dem Joër 1825.) D'Identifikatioun vum Duerf »Hulan« war schons schwéier genuch. An den »Archives Départementales« zu Vesoul hu mer ons op »Loulons« gëenezt, dat Duerf wat phonetesch dem »Hulan« am nooste läit. Dat eenzezt wat ee ka soen, dat as datt et deen Numm Bousson do tatsächlech gët an zwar an dëser, awer och an anere Formen wéi: Bousont, Boussan, Busson, Buissont, Buson asw. E gudden Deel vun dëse Famille ware Schmadd genee wéi dem Jang säin Urgrousspapp. Wat ech méi laang do ënnen an den Archive »gewullt« hun, wat déi Famille méi ausernec gongen. Esou hun ech Famille fond vu Loulons-les-Forges a Vesoul selwer, Courchaton, La Courbe, Gray, Maizières (alles am »Département de la Haute-Saône«). Mä da sin ech awer nach op ancere Famille gestouss, déi vun dësen Uertschaften hir koumen: Montenay (Mayenne), Clermont-Ferrand a Riom (Puy de Dôme), Champagnat (Saône et Loire), Poligny (Jura).

Zu Maizières, nët wäit vu Loulons cwech as de 6.2.1786 e Jean-François Bousson gebuer, deem säi Papp Nicolas geheescht huet a Schmadd vu Beruff war. Fir dass dat awer sollt de richtege sin, wären 2 Felcr am Stierfakt vun deem selwechten: 1. Wä dem Jang säin Urgrousspapp zu Maizières an nët zu Loulons alias Houlon gebuer, an 2. wä säi Papp kee Jean-François, wéi am Stierfakt ervirgong, mä wéi uewen ugin, en Néckela. D'Beweiser si mär awer nët handfest genuch!

### Quellen fir de genealogeschen Deel:

Archives Dép. Haute Saône à Vesoul:  
Etat Civil de Verchamp p. Loulons-les-Forges  
Etat Civil de Loulons-les-Forges  
Etat Civil de Maizières  
Etat Civil de Vesoul  
Testament B 3233 f. 158 verso  
Testament B 952 f. 76 recto  
Notaire Lancrenon 2 E 16750



# Psalmen

iwwersat vun A. & G. S.\*

## Psalm 1

### BEATUS VIR

#### Geseent as dee Mënsch

Geseent as dee Mënsch,  
Deen nët mat denc geet  
déi him schlecht roden,  
Dee sech nët ophält  
op dem Wee vun de Sënner  
An dee sech nët tëschent déi setzt,  
déi de Geck mat allem man.

Au contraire,  
Heen huet séng Freed  
Um Härgott Séng Geboten,  
An Dag an Nuecht,  
biet hee mat séng Lëpsen  
iwwer Séngem Gesetz.

Heen as wéi ee Bam  
Dee beim Waasser geplazt as,  
Deen zu sénger Zäit séng Fruucht bréngt  
An deem séng Blieder nët verwielegen.

Alles wat hien ënnerhëlt,  
geréit him.  
Anesches as et bei denen  
Déi dem Härgott de Réck dréien.

Jo, ganz anescht as et do,  
Well si sin ewéi d'Spree,  
Wéi de Kuef vun der Hucwer  
déi vum Wand gejet gët.

An esou as et och beim leschte Geriicht.  
Weder déi Béis nach d'Sënner  
Stin an der Gesellschaft  
vun denc Gerechten,  
Well YAHWE kennt de Wee  
vum gerechte Mann,  
Awser de Wee vun denen Aneren  
verléiert sech.

**De Mënsch schwätzt mam Härgott.** E Versuch vum Alice a Gaby Schraell fir 50 Psalmen op lëtzebuergesch fräi z'iwwersetzen. D'Buch as an der Suskriptioun bei hinnen, 12 Charlemagnestrooss, lëtzebuerg ze kréien. De Präis as 400 Franc, Postscheck 53340-87. 4 Konschtfotoën (Fanny Haas-Michel), vu Kofferstéch vum Gust Tremont aus de Paarte vun der Kathedral vu Lëtzebuerg. Suskriptioun bis de 17. Dezember 79.

\* as d'Méiglechkeet vun denen zwee Weër am Mënsch-liewen. Ee Psalm iwwer d'zäitlech Belounong vum gerechte Mann a vun der Strof, déi denc trifft, denc dem Härgott Säu Gesetz nët befollegt, dat Heen dem Mënsch fir säi Gléck an d'Häerz geluegt huet.

## Aus dem alen Testament

frei bearbecht vum Dr. Michel WELTER,  
erschingen an der »Hémecht« Joër 1896

Aus de Psalmen.

### Psalm 1. Beatus vir qui non abiit in Consilio impiorum

O gléckléch dé Mënsch, déi nët héert  
Op dem Fërféierer sei falsche Rôt,  
Déi net mat de Sënder ferkéiert  
A mat de Schléchten kën Emgank hôt.

Dén nëmme nom gëttleche Wëllen  
Nüots an am Dô séng Gedanke richt;  
dén iwerall trübscht fir z'erfëllen,  
Wat him d'Gesetz gebidd a séng Flicht.

Hien ass wéi e Bam, de voll Bléen  
Am Frëjor stët a Frucht zur Zeit bréngt;  
Belont gët hi fir sei Beméen  
"I gléckt alles, wat ëmmer hien ufenkt.

Nën, sò ass et nët mat dem Schléchten:  
Dén ass wéi Stéps, déi de Sturem jët;  
I'erlöst gët hi fun de Gerëchten,  
Wa Gott mat him an d'Gericht ägët.

Gott kënnt de Wé fun de Frommen:  
d'Schlëcht léisst Hien élend émkommen.

## Psalm 23 22

### Dominus regit me

### Du bas bei mir

De Psalm as vum David, denc esou säi Vertrauen ausdréckt. Dëst Bild vum Härgott als Schützer gët an de fréiesten Zäite vun Israel gebraucht, et zéit sech dourch d'ganz A.T., fir séng Erfëllong a Christus ze fannen. Dee Sech de gudden Hiirt nennt an eis och als Gaascht u Séngem Dësch Plaz huet léisst no den orientaleschen Gebräicher.

Den Här as mäin Hiirt  
näischt geet mer of.

Heen deet mech raschten op enger säfteger Weed,  
Hee féiert mech bei ee rouegt Waasser  
an do mécht Hee méng Scil ewéi nei.  
Hee leet mech op dem riichte Pad  
aus Léift fir Säin Nuem.



# Lëtzebuergesch an der Kiirch

Wat ech hei iwer d'Sprooch vum Vollek an der Kiirch soen, as méng perséinlech Menong, ma ech fäcrten nët, wann déi Menong objectif ënnersicht géif, dass ech Recht behéil. Ech kommen nët dolaanscht fir e puer Wieder ze soen, déi vläicht deem engen oder anere Respönsabele vun eiser Diözes pénibel sin, oder misste pénibel sin!

Fir d'éischt wëll ech drun erënnern, dass d'Sproochreform an der Kiirch fir d'A.L. och eng ganz wichteg Saach wor, well déi éischt Leit, déi d'Käpp zesummegestreckt hun, fir esou eng Verengong ze grënnen, hun et gemat aus lenger iwer déi däitschsproocheg Massen, déi sech iwer Nuecht an eise Kiirche breet gemat hun. Wuel woren nach aner ganz wichteg Ursachen do fir no esou enger Verengong ze ruffen, ma d'Reform vun der Kiirch huet d'Faass iwerlafe gelooss. D'Mooss wor op emol voll!

Dec groussen, gerechten lenger kouw haaptsächlech duerch eng Noriicht aus dem Bistum an där ze liese wor, well jo déi däitsch- a franséischsproocheg Texter vun deem neien ORDOE MISSAE virleigen, sténg jo *näischt* méi am Wee, fir bei eis d'Massen an där vu Roum gewünschte Sprooch vum Vollek ze halen. Schwaarz op wäiss stong dat am Fettdrock am »Wort« ze liesen! Et as bal nët ze glewen, ma esou wor et! Also d'Direktive koume vum Bistum. an ech behaapten datt déi Direktive sech nët mat den Instruktioun vu Roum gereimt hun a reimen! Well am Paragraf 2 vun der Konsti-

tutioun iwer d'Helleg Liturgie as rieds dovun, dass de Gebrauch vun der MAMMESPROOCH nätzlech *kënn* sin, an dofir soll där Mammesprooch méi eng breet Plaz an der Liturgie ageraumt gin.

An am Paragraf 1 steet: De Gebrauch vun der laténgescher Sprooch soll an de laténgesche Ritten erhale bleiwen. Also: Iwersetzongen an eiser Mammesprooch hat oder wollt eise Bistum dee Moment nët virleien, also bestong keen eenzege Grond, fir d'Latäin zu Gonschte vu friemen, manner nétrale Sproochen ofzeschaffen.

Et as alt gutt datt een Zougi muss, datt verglach mam Ufank vun de 70er Joëren eng liicht Besserong ze gesin as. Op Reklamatiounen vun hott an har sin du an dene gréissere Uertschaften och franséisch Massen ageféiert gin, déi iwer och näischt mat der Sprooch ze din haten an hun!

Wat läit dann haut vun d'Exter vum Bistum aus vir? D'Gebieder bei der Daf, der Houchzäit, beim Begrieffnes och e puer Gebieder an enger Doude-mass. Fir an der Mass selwer, also reng Massgebieder, hu mer soss näischt wéi de Kanon AD EXPERIMENTUM; dat as dat Stéck tëscht der Präfatioun, also vum Sanctus u bis virun de Pater Noster. De Pater Noster selwer as scho nët méi dobei, obschon all Kand vum drëtter Schouljoër un, déi Iwersetzung maache kënn.

(Dann heescht et nach ewell lacks an de Massen: Looss mer elo bieden wéi den Här eis geléiert huet: VATER UNSER DER DU BIST...) Droleg... oder nët? Bei all deem Respekt, deen ech fir d'Saach hun; Dat fannen ech direkt lächerlech!

Woufir gouf dann iwerhaupt d'Saach hanner vir ugepaakt? Woufir nët fir d'éischt déi Gebieder iwersetzen, déi an all Mass virkommen? An dann d'Rousekranzgebieder? As et net fir sech ze schummen, wann een eis Prässessiounen héiert? As d'Sprooch nët och eng Ursach, woufir datt se an de siwwenzeger Joëren esou kleng gi sin? Warscheins gouf gehofft d'Leit géifen sech no an no un dat Importéiert winnen, wat jo och vill méi kammoud wir, wéi wann sech muss ugestrengt gin, fir selwer eng Iwersetzung ze man? Dass domat eng ganz Parti Leit vun de kiirchleche Manifestatiounen verdräwe gouf, dovun gët nët geschwat! An déi Leit, déi ewech blouwen, schécken natürléich hir Kanner och nët...

\* \* \*

Zougi mussen mer dass déi international Massen, wou ee vill Däitsch, Latäin, Franséisch an eng

► A wann ech misst goën

duerch eng däischer Gruecht,  
Ech fäcrten nët, well Du bas bei mir.  
Däi Staf, Däin Hiirtebengel,  
dat as méng sécher Staip.

Géideniwwer denen déi mech ploën

Hues De mir,  
ee festlech gedeckten Dësch geriicht,  
Mäi Kapp hues Du ageriwwen  
mat engem gudden Uelech,  
A mäi schéine Kellech  
hues Du zum Iwwerlafe gefëllt.

Jo, d'Gnod an d'Gléckséilegkeet

gi mat mer all Dag vu méngem Liewen,  
An ech wunnen an Dëngem Zelt, o Här,  
de léiwe laangen Dag.



kleng Grimmel Lëtzebuergesch héiert, eis besser gefalen, wéi déi däitsch oder déi franséisch, ma och domat as d'Problem vun der Sprooch vum Vollek nët geleist.

Wat d'Sprooch vum Vollek as, dorun as, spéitstens zanter dem 10. 10. 1941 nët méi ze diskutéieren. Och wann, vun der Sproochwëssenschaft aus gesin, Ursaache genuch bestin, fir eis germanesch Sprooch als SPROOCH ze bezeichnen, as dat menger Menong manner wichteg wéi dee bekann-ten 10. Oktober 1941. Eis Sprooch as nët däitsch an nët franséisch. An eist Land as nët dräisproocheg a nach vill manner zweesproocheg! Wann eis Po-litiker oder aner Leit esou kommen, dann as et meeschtens fir ze bralen. De Pompidou huet sën-gerzäit e Speaker vu RTL. erëmgeholl, a gesot Lëtzebuerg wier nët zweesproocheg, ët wier dräi-sproocheg. Dat wor jo ganz léif vun deem Mann. Bei den diplomatesche Riede sicht alt een deem aneren e bësschen ze blimmelen!

Vergläiche mer emol mat der Schwäiz: d'Schwäiz as véiersproocheg, well se aus véier verschiddene Sproochgebiddler besteet, wou se an all Sprooch-gebit eng aner Sprooch schwätzen. All Sprooch-gebit as eesproocheg, wat nët verhënnert, datt do een oder deem anere wunnt, dee vläicht sechs-sproocheg as!

Also Lëtzebuerg as ee-sproocheg, wat jo nët ver-hënnert dassdeen een oder anere soe kann hie wir véier-sproocheg, ma mam Land huet dat jo näischt ze din!

A vun där enger Sprooch, déi mir alleguer verstin a schwätzen, an där eis Schréiftsteller alleguer schreiwen, as an eise Kiirche séier weéng ze héieren, an eis Prässessiounen ënnerscheden sech an näischt vun denen, déi een an deem enge Nopeschland héiere kann!

An dofir bleiwen ech dobei, datt eis Respönsabel am Bistum hiren Obligatione géint Kiirchen a géint d'Land *nët* nokoumen, wéi se dat *neutraal* Latäin ofgeschaaft hun, fir et duerech friem, on-neitraal Sproocher ersetzen ze loossen.

Wat kann een do als Ursaach uféieren? Ech per-séinlech hun emol fir eng Spezialgeleéenheet eng lëtzebuergesch/laténgesch Mass gefrot: »Do mer dat nët un«, krut ech gesot, »ech weess emol nët, wou ech méng laténgesch Bicher leien hun.« Du as et eng lëtzebuergesch/franséisch gin! An deem Fall wor jo d'Bequemlechkeet ganz bestëmmt d'Ursaach, an ech froe mech op dat net iwerhat déi cenzeg Ursaach as, déi een nenne kann! Well fir

importéiert Ännerongen ze fuerderen, dat as am Bistum eng Saach vun Deg. All Mount gët et jo eppes Neis! Ma fir eis Texter définitiv festzeleën (mengt nët et wiere keng do), do hu mer 100 Ursaachen fir et net ze man! Wann et d'Ausländer nët sin, déi als Sënnbéck durhale mussen, dann as et d'Schreifweis, jo, Roum as alt schon dra gezu gin, wéi wann do een Fenzegen ëmstand wir d'Situatioun vun hei ze beurteilen. Dofir huet de Poopst jo iewer als Verlängerung vu séngem Aarm séng Bëschoef. Well de Paragraf 2 vum Art. 22 seet, datt et de Bëschoef aus dem gläiche Sproochraum zoukënnt, fir ze bestëmmen, ob a wéi d'Mammesprooch gebraucht gin dierft. Wann des Décisiounen och vum Apostolesche Stull musse confirméiert gin, dann as et jo iewer klor, dass dat nëmmen eng Formsach as, well se dat néidegt Vertrauen an de Bëschof mussen hun, dee jo do as, fir déi Texter virzeschloen! Ech huele jo nët un, dass Paragraf 2, Art. 22 auslännesche Bëschoef d'Recht gët fir bei eis matzeschwätzen, well do heescht et: Och der rechtméisseg konsti-tuéierte Bëschofskonferenz kënnt et zou, d'Litur-gie a bestëmmte virgezunnene Grenzen ze uer-den??? Well wann ee gesäit, wat all déi Joëren an eise Kiirchen iwer d'Bühn gong, kënnt ee roueg unhuelen, all déi Änneronge wire vun enger däit-scher Bëschofskonferenz ordonnéiert gin! Well wann dat de Fall wir, da sollen eis Respönsabel eis dat emol riicht eraus soen. De Rescht kéim vun selwen ...!

Lit kënnt een nach stonnelaang iwer déi Saach rieden a sech iergeren, ma cent steet fest: Obschon et jo ganz kloer as, dass d'Ursaach vun deem Malaise an der Spëtzt vun eiser Diözes ze sichen as, kënnt nëmmen eng Ännerong wann d'Basis, also déi Gleweg, des Spëtzt un hir Obligationen erënnere!

Mir hun och e Recht op eng Mass an eiser Sprooch. An esou laang d'Saach bewosst oder onbewosst vun uewen erof verschleecht gët, hu mer d'Recht op eng Mass an dene vu Roum virgeschriewene Li-miten: Dat heescht eis Sprooch, wou Texter do sin (ech ka jo nët soe wou SCHON Texter do sin!) a fir de Rescht Latäin bis et esouwäit as!

*Dat as eist Recht!* An dofir musse mer antrieden a streiden, wann et muss sin! All Eenzelne vun eis an och d'AL.

Charel Malané

*Dat as méng Menong!*

N.B.: Jideree soll dofir all déi Geeschlech, mat denen e Kontakt huet, un déi vun eiser Diözes versaimt Obligationen erënnere!

## Konstituion iwwer d'Helleg Liturgie

### 1. Kapitel

(de laténgischen Text gouf promulguéiert an den »Acta Apostolicae Sedis 56 (1964) 97-138. déi däitsch Iwersetzung gouf erausgin am Opdrag vun den däitschen, éisterreichischen a schwäizerische Bëschoffen.

Artikel 36 Paragraph 1. *Der Gebrauch der lateinischen Sprache soll in den lateinischen Riten erhalten bleiben, soweit nicht Sonderrecht entgegensteht.*

Paragraph 2. *da bei der Messe, bei der Sakramentenspendung und in anderen Bereichen der Liturgie nicht selten der Gebrauch der Muttersprache für das Volk sehr nützlich sein kann, soll es gestattet sein, ihr einen weiteren Raum zuzubilligen, vor allem in den Lesungen und Hinweisen und in einigen Oratationen und Gesängen gemäß den Regeln, die hierüber in den folgenden Kapiteln im einzelnen aufgestellt werden.*

Paragraph 3. *Im Rahmen dieser Regeln kommt es der für die einzelnen Gebiete zuständigen kirchlichen Autorität zu, im Sinne von Artikel 22, Paragraph 2 (»Auch den rechtmäßig konstituierten, für bestimmte Gebiete zuständigen Bischofsvereinigungen verschiedener Art steht es auf Grund einer vom Recht gewährten Vollmacht zu, innerhalb festgelegter Grenzen die Liturgie zu ordnen.«) – gegebenenfalls nach Beratung mit den Bischöfen der angrenzenden Gebiete des gleichen Sprachraumes – zu bestimmen, ob und in welcher Weise die Muttersprache gebraucht werden darf. Die Beschlüsse bedürfen der Billigung, das heißt der Bestätigung durch den Apostolischen Stuhl.*

Paragraph 4. *Die in der Liturgie gebrauchte muttersprachliche Übersetzung des Lateinischen Textes muß von der obengenannten für das Gebiet zuständigen Autorität approbiert werden.*

Artikel 37. In den Dingen, die den Glauben oder das Allgemeinwohl nicht betreffen, wünscht die Kirche nicht eine starre Einheitlichkeit der Form zur Pflicht zu machen, nicht einmal in ihrem Gottesdienst; im Gegenteil pflegt und fördert sie das glanzvolle geistige Erbe der verschiedenen Stämme und Völker; was im Brauchtum der Völker nicht unlöslich mit Aberglauben und Irrtum

verflochten ist, das wägt sie wohlwollend ab, und wenn sie kann, sucht sie es voll und ganz zu erhalten. Ja, zuweilen gewährt sie ihm Einlaß in die Liturgie selbst, sofern es grundsätzlich mit dem wahren und echten Geist der Liturgie vereinbar ist.

Artikel 38. Unter Wahrung der Einheit des römischen Ritus im wesentlichen ist berechtigter Vielfalt und Anpassung an die verschiedenen Gemeinschaften, Gegenden und Völker, besonders in den Missionen Raum zu belassen, auch bei der Revision der liturgischen Bücher. Dieser Grundsatz soll entsprechend beachtet werden, wenn die Gestalt der Riten und ihre Rubriken festgelegt werden.

Artikel 39. Innerhalb der Grenzen, die der »editio typica« der liturgischen Bücher bestimmt werden, wird es Sache der für ein Gebiet im Sinne von Artikel 22, Paragraph 2 zuständigen kirchlicher Autorität sein, Anpassungen festzulegen, besonders hinsichtlich der Sakramentenspendung, der Sakramentalien, der Prozessionen, der liturgischen Sprache, der Kirchenmusik und der sakralen Kunst, jedoch gemäß den Grundregeln, die in dieser Konstitution enthalten sind.

Am Artikel 40, dien absëns fir d'Missioune wichtig as, geet nach rieds vun enger eventueller Upassung vun der Liturgie a méi schwéiere Situatiounen. Do heescht et, et solle vun Ufank un Expere mat erugezu gin an Upassungen eventuell »ad experimentum« erlaabt gin.

Iwwer den Artikel 36 (dat as hei fir eis de wichtigsten) schreift e Kommentator:

»Wie zu erwarten, traten die entgegengesetzten Standpunkte zutage, vom ausschließlichen Festhalten am Latein als Band der Einheit und Schutz der Rechtgläubigkeit bis zur Forderung ausschließlicher Verwendung der Volkssprache. Die Kommission stand vor keiner leichten Aufgabe. Sie empfahl die Haltung jener Väter, die im Schema eine Mittellösung erblickt und dessen Fassung gutgeheißen hatten.« »Schema« an deem Zesammenhank as näischt anischt wéi den Artikel 36.



## As et eng So oder nët?

Wéi de *Cortez* am 16. Joërhonnert *Mexiko* ënnerworf huet, huet do e klengt Vollek gelieft, d'*Azaputen*.

Wéi si gesin hun, dat näischt géint déi Friem ze maache wir, hu si sech ëmmer méi wäit an d'Bierger zrëckgezun.

Déi Saach hat awer en Hoken.

Vun Dag zu Dag gouf de Kascht méi rar a si hu sech misse soen, datt si verluer wiren.

Si wollten awer nët, mir näischt dir näischt, verschwannen; dofir hu si d'Käpp zesummegegestach an iwwerluegt wat si maache kënnten, fir datt d'Erënnerong un hiirt Vollek nët ganz géif verluer goen.

Dat wourop se am houfregste waren, war hir kleng ege Kultur. Gemooss un deem, wat di aner Länner opzeweisen haten, war et näischt Aussergewöhnlech.

Mee si waren iwwerzeegt, datt si sech deer Saach nët bréichten ze schummen.

An duerfir hu si hiren Entschied getraff.

Véier Leit gouwen ausgewielt: e *Moler*, e *Museker*, en *Dichter* an dat schéinst *Meedchen* aus dem ganze Vollek.

All lessen an Drénke gouf hinnen iwwerlooss a vun hire Leit kruten si dës Missioun:

de *Moler* sollt Dag fir Dag nei Biller molen, di schéinst an deierst. Fuerwen sollte jhust gutt genuch sin, fir ze weisen, datt si ëmmer un dat Gutt gegleeft hun;

de *Museker* sollt vu mueres fréi bis owes spéit déi Lidder spillen, déi dat klengt Vollek frou an zefridde gemaach hun;

an den *Dichter* sollt op den héichste Bierg klammen a vun do aus der Sonn, dem Mound an de Stären vun hinnen erzielen a soen, wat si alles am Laf vun de Joërhonnerte geduecht a gedreemt hun;

an éier dës dräi Männer sech dann zu gudder Lescht och missten niddlerleën, fir ze stierwen, sollte si aus hirem Häerzblutt fir d'*Meedchen* en Drank maachen, deen him gif d'Kraaft gin éiweg ze liewen.

»Wann een iwreg bleift«, sou duecht dat klengt Vollek, »da si mir nët vergiess.«

Dir frot iech villäicht aus wat fir engem Grond ech iech haut dës So erzielen.

Abee, dëser Deg stung an der Zeidong en Artikel iwwert »Lëtzebuerg«, deen hat als Titel:

»Das sterbende Volk.«

René Kartheiser



# E Stéck verhondst Liewen ...

## Krëschtdag 1975

Du,  
sou wäit ewech vu mir!  
Ech kucken Dech  
a gin et zou:  
gesin Dech gier!

## Januar 1976

Du, wäit ewech vu mir,  
an iewer ganz eleng mat mir  
a méngem Hierz!  
Méi no, wéi all déi, déi lo ëm mech sin  
an hënneren ...

## 13-2-1976

Ët konnt nët anescht sin!  
Mir hun eis fond am selwéchte Gedanken!  
Ët konnt nët anescht sin!  
Eis Hierzer, Kierper, schlou an engem Takt!  
Vergiess as Suerg a Leed!  
Esou e Gléck, sou grouss! ...  
so, kann dat halen ....?

## Summer 1976

Dir,  
Dir hun ech méng Léift, all méng Léift gin  
an domat mech Dir u mäi Kräiz geschlon!

Bei Dir hun ech all Freed gesin  
bis ech gewosst Dech och op aner Blumme gon!

## Krëschtdag 1977

Verflucht den Dag, wou mir eis d'ëischt gesin  
verflucht den Dag, wou d'ëischt zesumme mir  
[gesong,  
verflucht den Dag, wou ech d'ëischt Bees dir gin,  
verflucht den Dag, wou mir zesummen d'ëischt  
[geschwomm!  
Dräimol verflucht den Dag,  
wou ech fir d'ëischt bei Dech an d'Supp geklomm!

## Januar 1978

Och wann ech weider géint Dech rosen, fluchen,  
a weider op Dech schrecklech Wieder puchen  
dann iewer nëmme fir mir selwer ze vertuschen  
déi Wieder, déi mir géint all mäi Wëll,  
op d'Zong nees ëmmer rutschen:

## 13-2-1978

Du,  
onendlech wäit ewech vu mir  
gesin ech Dech ...  
an hun Dech weider gier!

*Aus dem Roman: Der Nonn biert Meedchen v. Chama*

# Eng Réischen

Am Gaart do steet e Meedchen  
an engem rouden Kleedchen.  
Kënnt ech dee Gaart betrieden,  
dee Räckelchen do frieden!  
Ei!

Et steet am rouden Räckelchen  
wéi e Rousestäckelchen.  
Wéi gäer géif ech mech bëcken  
déi Réischen do ze plécken.  
Ei!



# Wéi et dem Hergott an dem Péitrus a »Clomes« ergaangen as

Et war un engem spéide Spéitsummerdag, den Herrgott an de Péitrus si vum »Réideschbiërg«<sup>(\*)</sup> eraafkom. Si si bei de »Clomes«<sup>(\*\*)</sup> Jang gaang an hu gefrot, ob se eng Nuecht bei him schlofe kënnten. De Jang sot: »Wann der mer hëlleft dreschen, dann kënnst der haut hei schlofen.« Déi zwéi wärc gläich averstan. Si hun nach giess a gedronk, a du sin se op d'Bett gaang an hu geschlof bis den anere Muerent.

Mueres um dräi Auerkoum de Jang an huet geruff: »Elo muss der opstoen, et as Zäit.« Domat as hien gaang.

Den Hergott, deen eeschtlech midd war, sot zum Péitrus: »Mer hun nach gutt Zäit, et as jo nach däsichter! Loosse mer nach e bëssche leie bleiwen an eng Iddi brucken.«

Op eng Kéier rífft de Jang fir d'zwéet. Wéi awer keen geäntwert huet, hëllt en e Bengel a roest ganz béis d'Trapen op. De Péitrus loug grad vir am Bett an huet natiirlech d'ganz Portioun kritt. An de Jang, deen der Menong war, déi Kéier hätt et gegruff, geet crém af.

No enger Weil, wéi kee vun dene zwéin sech geréiert huet, huet de Jang nach eng Kéier geruff. Du sot der Hergott zum Péitrus: »Elo wäed e gläich kommen; looss mech vir leien, soss kriss du der nach eng Kéier.« De Péitrus wiesselt d'Plaz, a schons as de Jang mam Bengel do.

»Déi Kéier kritt den hënneschten ës cmol«, duecht hien. Natiirlech gouf et de Péitrus nach eng Kéier. Du hat en ës awer henuch. »Elo muss mer awer opstoen, elo hun ech ewell zwou Bruckechte kritt.« – Do sin se dann opgestan an hu gehollef dreschen bis ëm den Owend.

Wéi se fäerdeg waren, sin se op Enelter<sup>(\*\*\*)</sup> bei den hellegen Theobald gaang. Den Hergott war vun

all dem Stébs aus Clomes hiner Scheier al duusch-trog gin an en huet gefrot: »Hues de keng gutt Fläsch Wäin an déngem Keller?« – »Ma neen, der wësst jo, ech sin en aarme Klausner, ech hun nëmmen en etlech Fläsche Waasser.«

Du huet den Hergott aus dem Waasser e puer Fläsche gudder roude Wäin gemaach. Si hun déi éischt, déi zweet, déi drëtt an déi véiert gedronk. am Ufank waren se al lëschteg, hanneno waren se allen dräi gutt gebotzt.

Op eng Kéier sot de Péitrus: »Elo drenke mer och nach déi lëscht, an da maache mer eis op de Wee. Den Hergott hat awer an dier Zäit déi fënneft Fläsch Wäin an Esseg a Gal verwandelt, an hien huet nët méi matgedronk. Déi aner zwéin hun awer nët opgehal an se hun nach en etlech dëck Schëtz geholl. Hei fänken se un ze späizen an den Hergott ze vernennen. Dun huet dien agesin, datt et Zäit wir fir virun ze jappen. En huet de Péitrus, dien nët méi fest op de Bce stong, an den Aarem geholl an as mat him queesch iwer d'Stécker gezun. Den hl. Theobald as nach mat hinnen zu Geleet gaange bis an de Kolmer Bësch.

Ann.:  
\*) Réideschbiërg: Hank westlech vu Recken, rëschent Recken a Bruch.  
\*\*) Clomes: Hausnumm zu Recken.  
\*\*\*) Enelter oder Älenter: Eng Kapell nord-westlech vu Recken, läit om fréie Bann. Den hl. Theobald vu Provins soll ëm 1050 do gelieft hun als Klausner.

Dës Seechen as vrun ongeféier 30 Joër vun de Schoulkanner vu Recken opgeschriwwen gin; de Charel Merges aus Spranks huet se ëmmer erzielt. De Grevt huet se nët.

G. Frings

D'Sprëss vun enger Leder sin nët erfond gin fir drop stoen ze bleiwen an ze raschten  
mä nëmme fir e Moment de Fouss drop ze setzen a fir mam anere Fouss e bëssche méi héich ze kommen.

nom A. Huxley iwwersat

# Bleif mer ewech mam Zänn Dokter!

Wann se komme, wann se gin,  
d'Zänn mat Péng verbonne sin;  
't sief ee grouss an 't sief ee kleng,  
siele kënnt ee laanscht déi Péng.  
'T as esou de Weltelaf.  
Dofir huet dat an de Kaf!  
Tréischt iech, och de Noper huet  
scho gesouert, wor verbruet. –  
Wann dir emol keng méi hutt,  
maacht iech durfir kee schlecht Blutt:  
Stiecht eng Rei gro Schäiner an  
a loosst iech du fir *neier* man!

(Harry Trauffer)

Den Zänn Dokter as en noutwendegt Iwwel! A wie behaapte wëllt, dass e gär bei den Zännrappert geet, die schwätzt gewëss nët eierlech. An dach: loosse mer frou sin, dass mer an eng Zäit gefall sin, wou d'Zännrappen op eng méi *human* Manier praktizéiert gët, wéi dat bei eisen Urgrousspappen de Fall war. Deemools as de Schénner nach opgesicht gin, oder 't huet ee mam geschwollene Gesiicht a mam rosenen Zant lafe missen, bis de Back de Fierkelen d'Zänn pëtzen oder de Päerd se ofraaspele koum. Da gouf dann an engems no de wéien Zänn gekuckt.

De Back huet deemools och scho mat enger Assistentin geschafft. Dat war d'Mreikätt, séng Fra. Déi huet de Patient am viraus ënnersicht – nët an der wäisser Schipp, ma am sëlwergeroe Kascweck – as him mat enger décker Brosch an de Mond gefuer an huet domat lues op den Zant getéckt.

De Meeschter Back hat d'Zaangen der Wiel no. Wann een den Nerv gär matgrappt hat, dann huet en esou eppes wéi en Tirc-bouchon geholl. Bei méi klengen Zänn gong et och scho mat engem Tournevis duer. Dee gouf da bei déi kleng Hiw welen a Béckel op den Zant gesat. War schon e Rass oder och e Lach am Zant, da gouf den Tournevis dodran agesat, gedréckt – a ritsch der ratsch – den Zant mam Nerv a mat der Péng war raus! De Kanner, déi bei der Operatioun mäerderesch gebläert hun, huet d'Mreikätt op séng Manier Kuraasch gemaach: »Jäiz, mäi Jong, jäiz gutt haart, da fueren d'Ballere lass, da kréie mer den Zant besser!«

Sou war et *fréier*. Aus dem Zännrappert as derbaans en Zänn Dokter gin; a mat him as och – wéi scho gesot – d'Behandlungsmethod méi mënschlech gin. Awer ganz ouni Péng geet et och haut nach nët. An 't as gewëss ëmmer vill méi licht,

Kuraasch ze weisen, wann een en *anere* virschubse kann, dien d'Péng erdroc soll:

Den Dentist mécht d'Dir vu sénger Salle d'attente op: »Den éischte vun denen Herrschafte, wann ech gelift!« Den Tunn kënnt eran: »T' as wéint denen dräi Wuurzelen am ënneschte Gebéck, Här Dokter, huet déi Borschten emol mam Schlawittchen an dann och nach zwéi Stömp uewe rechts, rappt mol déi Kadetten eraus, Här Dokter, an dat mat Wuppdisitéit, an ouni mat schmerzlos, Här Dokter, verstitt der! Mer wäerten och wéint esou Klengeschkere vill Fiselmatente maachen.« »Bravo, Tunn«, sot den Dentist, »Wann se all esou e Kuraasch hätten ewéi s du, – dann huet der mol Plaz hei, Tunn!« »Ech? Här Dokter – a neen, 't as fir d'Fra, fir eist Kätt, et steet dohause virun der Dir...«

\* \* \*

Do war d'Bäbb vun Hénkel. Dat hat wuel eppes méi Matgefill fir säi Bouf wéi den Tunn fir séng Fra, ma knéckig war et a gewinnt an aläert, fir ze maarten an ze krempelen... a wéi et mol nom éischte Krich mam Pitti, séngem Jéngsten, bei den Zänn Dokter no Waasserbëlleg koum, fir deem en Zant rappen ze loosse, wollt et och déi Saach namol sou bëlleg wéi méiglech hun. »Wat gemaart as, dat as bezuelt!« duecht d'Bäbb. »Wat kascht et?« frot hatt den Dokter. – »Ouni Péng 20 Frang!« sot den Dokter. – »A mat Péng?« – »Zéng Frang!« äntwert den Dentist. – »o, da maacht et alt fir 15 Frang«, méngt d'Bäbb, »esou hallef an hallef.« –

Méi raffinéiert nach wouss de Klos vu Blaschend et unzekéieren, fir nët nëmmen »hallef an hallef«, ma *ganz* laanscht de Käschtepunkt vun der Pique ze kommen:

De Klos kënnt bei den Zänn Dokter a freet, wat et kascht, fir en Zant gerappt ze kréien. – »150 Frang ouni Déidong, an 220 Frang mat Déidong«, äntwert den Dokter. »Dann déit mer de Kadett!« – Den Dokter déit en. Wéi en du d'Aspréztong gemaach hat, seet en zum Klos: »Gitt elo 10 Minuten an d'Salle d'attente, bis d'Gëft gewiirkt huet, ech zervéieren da bis dohin alt den nächsten.« – De Klos geet. No denen zéng Minutte kënnt en awer nët erëm... Den Dokter geet no em kucken, – säi Patient as verschwonnen... »Tjeft, wat muss deen Angscht hun«, denkt den Dokter...

De selwechten Owend trifft en am Staminet säi Kolleg. Iwwert dem Gespréich seet dien op cemoor »Haut hat ech e gelungene Fall. T'kënnt ee mat engem geschwollene Bak bei mech a seet,



grad, wéi wann dat näischt wär: «Rappt mer séier den décke Bakzant hei, Dir braucht en nët ze déiden. Fuert duer a maacht virun!» an 't war e schwéiere Kadett mat dräi Wuurzelen. Ech rappen en, a mäi guttste Mann huet nët mol mat den Aë gefackelt. Et gët awer nach kurajhéiert Leit!»  
»Wann et alt as!» mengt den éischten – a mécht endommt Gesiicht. –

Dass de »Kuraasch« am Licwen och hinand'wider mol dër Topgekket d'Hand reecht, dat erzielt eis déi kleng Geschicht hei: E gudden Dag kënnt e Bauer bei en Zänndokter an d'Stad, sëtzt sech op de Stull a seet: »Wat kascht et, fir en Zant ze rappen?« – »120 Frang!» – Da rappt mer een!» – »Wat fir een?« freet den Dokter verwonnert. – »T as egal«, baupst de Bauer duer, »huelt den éischte beschten!« – »Ma huet Der dann d'Zänn wéi?« – »Nët déi Boun«, seet de Bauer, »nu maacht virun!« – Den Dokter deet dem Baierchen de Wëll a rappt en Zant. – »Wat frot Der fir deen zweten?« – »Och 120 Frang!» – »Da fuert duer, huelt en zweten!« – »Ech kann dach nët«, sot den Dokter, »Dir huet Zänn ewéi Pärclen!« – »Dat huet kee Wäert!« drop de Bauer, »fuert duer!« – Den zweten Zant as raus. – »Dräi Zänn, dat wär, wann ech gutt rechnen, fir 360 Frang.« – »Dat stëmmt!« seet den Dokter. – »Abee, da rappt och nach een!« – »Ma sid der dann draus?« granzt den Dokter, »ech kann dach nët an engem Stéck käergesond Zänn rappen, neen, dat man ech nët!« – »Dat gesi mer dann emol«, war de Bauer rëm do, »maacht keng Konsten oder Dir gitt nët lieweg hei raus!«

Wat sollt den Dokter man, e rappt och nach en Zant. Du spréngt de Bauer op, späizt op de Bucdem – eng déck routbluddeg Plaatsch a bicrelt: »Sou, du Sténkert, lo si mer quitt, du bass mer nach dräi Zenner Grompere schëlleg, lo sin déi bezuclt!« – a fort war en ...

»En erfuerene Mann as e gudde Weeweiser«, seet e Spréchwuert, an en ale Baierche kann och mol engem jongen Zänndokter op d'Spur hellefen! Do koum am virgte Krich en éislécker Bauer bei e jongen Dentist an d'Stad. »Huelt mer den hei craus«, sot en, »en huet mech ewell dräi Woche laang rose gemaacht wéi näischt gutts.« – Den Dokter bekuckt sech dat Gebëss, dat schwaarz a schaardeg war wéi d'Kroun vun engem ale Festongstuum. »Mortjéft!« sot en, »wat huet Der dann hei fir eppes stichen?« an en tuppt mat engem Stëft op e Kiischtesteen, dien téschent zwéin Zänn ageckilt war. – »Ëm Gotteswëllen«

riff de Bauer, »loosst d'Fanger dovun, die sëtzt op d'manst zéng Joër do, an en as besser, wéi e richtigen Zant!« – Den Dokter laacht an hëlt mat Récken an Zécken e bëssche weider den uerge Stomp eraus. – »Déi do as wüirklech nët schlecht mat deem Kiischtesteen! ... déi do as wüirklech Patent!« mengt en. »Sot emol, zillt Dir och Kiischten?« – »Ma gewass!« äntwert de Bauer, »mir hun e Bam or zéng.« – »A la bonne heure, da kënnt Der mer wuel sécher e Pond or zwanzeg schécken, mengt Der nët?« A wéi de Bauer hien esou schacks uluusst, riet e weider: »Kuckt, déi do mat dem Kiischtesteenzant, déi wëll ech ausprobécieren. Also denkt drun!« – »Gewass, gewass!« seet de Bauer, »ech wäerd mäi Wuert nët friessen«, bezuelt a schréckt sénger Wée.

Den Dokter huet all Dag op d'Knappkiische gegamst, an d'Zäit war bal erlaanscht, du krut en e gudden Dag eng grouss Zigarekëscht voll fei polécirt Kiischtesténg. An uewendrop loug en Ziedel: »Lieber Zaandocker, wenn wir mal gebrannt haben, kriien sie noch eine Kolenbootsch voll, die lei sind von den Kinder.«

\* \* \*

Gutt, staark a gesond Zänn si gewëss eppes wäert! Déi kann och déi schéinst an »natiirlechst« Prothese nët ersetzen. An dach:

»Eppes as wouer an nët ze bestreiden,  
Och déi Schaardeg hu Virdeeler bei hire Leiden:  
Don hinne mol d'Zänn wéi, si man sech näischt  
[draus

An si huele ganz einfach se eegaangs craus.  
A sti mir virum Hergott beim jéngste Gerlicht,  
O, wéi hun s'en dann och nach sou villmol méi  
[licht:  
Déi Zänn hun, dei müssen drop grätsche vu  
[Schan,  
An déi keng hun, déi brauchen nët midd sech  
[ze man.«  
(Max Duchscher)

Falsch Zänn hun och nach dee Virdeel, dass se nët wéi din, wéi déi richtig. Mengt Dir? ... Dir duerft se awer nët zevill »natiirleche« wënschen a bestellen, wéi dat bei der Joffer Jolibois aus der »Önnischtgaass« de Fall war. Déi koum no e puer Deg mat hirem neie falsche Gebëss bei den Dentist zréck a klot: »Här Dokter, déi Zänn, déi Dir mer agesat huet, do mer terribel wéi.« Den Dentist hat eng fein Exkus parat: »Ma, sot mol, Joffer«, mengt en, »Dir wollt déi Zänn dach esou »natiirleche« wéi méiglechl!«

Gleeft Der, dass déi Äntwert d'Joffer Jolibois al gefoxt huet, an si dem Dokter d'Prothèse nët bezuele wollt ... ? Dee wousst awer och do rëm de Schallek rauszekéieren. Hien huet der Joffer an engem Brëif ze wësse gedon, wann se hiirt neit Gebëss nët bannent aacht Deg bezuelt hätt, da géif en déi Annonce hei an d'Zeitong setze loosser: »Ze verkafen eng duebel Rei vu falschen Zänn. Libhaber kënnen se gesei bei der Joffer Jolibois aus der »Önnischtgaass« – Den Dag drop schon huet den Dokter séng Suë kritt ...

A well mer schon emol bei de falschen Zänn dru sin: eng Méiglechkeet bestect bei hinnen, déi et bei den eegenen ni ka gin. – Dir sollt Iech verwonneneren – : Et kann ee sech dermat selwer a säin Hënneschte hässen. Lauschtet:

»En Imchen, dee wollt mol eng Trap erfogöen  
An du rëtscht en an as onverséins duer geschloën;  
"I notzt näischt, säin Erwieren, e fällt riicht op

[d'Schnëss

A vum Schlag spréngt eraus säi kënstlecht Gebëss!  
Si bocklen zesummen erof bis un d'Enn,  
A flang sëtzt den Ale mam Réck an den Zänn.  
"Téischt jätzt en, da flucht en: »Krcmillnondikass!  
Lo hun ech mech selwer an den Hënner gebass«

(Max Duchscher)

Zu Bouckels hat mol an den zwanzeger Joëren e ganzt Haus séng schéinsten Oprengung, well d'Fra hiirt falscht Gebëss sollt ageschléckt hun. D'Nopesche si mat denen alen Hausmëttele komm, fir der onglécklecher Fra d'Péng am Hals an am Leif ze verdreiwën, awer 't war alles ëmsoss. "I as näischt anescht iwreg bliwwen, wéi d'aremt Mënsch an d'Klinik ze féieren. Dräi Dokteren hun d'Käpp zesumme gestrécht a sech beduecht, wéi do am beschten ze hëllefe wir. Se hun der Fra d'Strass wond geriwwen mat den Zaangen an hir eng Porjéieréng no der aner gin, 't huet näischt gedéngt. Den drëtten Dag hu se d'Hänn ofgeschlon an d'Fra erëm hecmgeschéckt. Owends huet se sech mat hire Kënnercher un den Dësch gesat, a wéi se d'Brout mam grouse Messer wollt schneiden, do spiirt se, dass et nët recht wollt duerch de Ruecht gon. Si huet gegarrelt, wat se konnt, awer et war grad, wéi wann s'op eppes Haardes géif stoussen. Wéi se mat viller Méi eng Knaus erfogesewelt hat an de Ruecht op den Dësch wollt leën, do fällt e Gebëss mat siwen Zänn craus. »Do geséik« sot de Papp vum Haus, »déi waren der an Ongedanken an d'Mull gefall, wéis s de e Samschdeg gebak hues. D'Haus kann näischt verléieren! Wa mer clo nach wéissten, wou déi Péng am Leif hierkomm as ... ?«

Jean Haan

## Novemberstëmmong

Déi lescht wël Blieder rabblen dir,  
se schwiewe lues vun de Beem crof.  
De Novemberwand dreift se virun sech hir,  
d'Natur as bereet, zum Erhuolongsschlof.

Um Kiirfecht d'Chrysanthèmepracht,  
huet de Frascht gesträift.  
De Stuurm wéi wëll em d'Haiser facht,  
't as mucrges wäiss geräift.

D'Huegäns zéien héich um Himmel,  
hirc Kreesch verhaalt an der Loft.  
't richt no Néklosdag schon eng Grimmel,  
duurch d'Haiser zitt Liefkuch an Äppeldoft.

Den éischte Schnéi fällt iwwer Nuecht,  
wéi Bléien, vum wand verstreet.  
En huet sech wéi e Flom op d'Gwan geluegt,  
d'Natur pronkt am wäisse Kleed.

E. Arnoldy



# Sproochesträit

Mir hun an de leschte Jore vun dem Spécktakel aus der Belscht an de Zeidonge gelies, wou d'Flamänner al dergéint manifestéiert hun, datt an de Kiirche vun hinnen och franséisch gepriedegt géif. Wuel déi allerwéinegst Lëtzebuerger denken, datt och sou eppes bei äis hei kënnt geschéien a méiglech wir. Mä da missten se mol e bësschen ueter d'Géigenden am Land fuerschen a lauschtere gon, da wiren se verwonnert, datt mir och dovunner melle kënnten. Ien deen engegermoossen an eiser Sproochgeographie Beschued weess, weess datt mer laang nach e puer Dierfer am Land haten, wou nët lëtzebuergesch, ma wallounesch geschwat gouf. Et waren d'Dierfer Ischpelt, op franséisch Tarchamps; Donkols; Walter, franséisch Watrange a Soller, franséisch Sonlez.

Dat sin déi Dierfer déi des Säit vun der wallounesch-lëtzebuergescher Sproochgrenz geleën hun. Si waren ëmmer méi zur belscher Säit hin orientéiert. Um Fënn vum Ancien Régime huet Ieschpelt zur wallounescher Herrschaft Wardin bei Baaschtnech héiern; Soller, Donkels a Walter waren zesumme mat Bärel, Harel a Sir (Surré) vum wallounesche Losange ofhängeg. Zënter der Gréiwin Ermesinde waren déi Dierfer all der Probstei Baaschtnech an der Grofschaft Laroche ënnerstallt. – Haut hu mer nach esou e Fall zu Lasauvage, wou vill Leit nach franséisch schwätzen.

Nuja, zu Donkels gouf et och virune Joëre 60 sou e klenge Sträit, och weinst der Sprooch an der Kiirch. An der Fréimass, déi zu Soller gehale gouf, Donkels war d'Por, gouf wi iwerall am Land bant der Mass de Rousekranz gebiet. Dat as a wor sou de Gebrauch. An näischt Apaartes. Awer, do wor et op franséisch. Op franséisch konnten si sech am beschten mam Hergott ënnerhalen.

Dat wor alles gutt a schéin bis en neie Paschtouer an d'Duerf koum. Deen alen I Här wouss séng Leit unzepaken an huet se gewärdelooss. Hien huet séng wallounesch Lëslécker kannt an as gutt mat hinne gefuer. Bis dann du deen neie Paschtouer koum. Dee wor voller Seilenäifer a voll neier Kraaft a wëlles eppes Extraës opzerriichten. Hien

hätt awer misse wësse, wat kéim. Hien hätt och misse wëssen, datt eng al Gewunnescht an en ale Gebrauch nëmme mat vill diplomateschem Geschéck z'änneren as. E wouss et awer nët. Him as dat wallounesch Gemiermels wuel nët gaang, an en huet séng Schewercher opgefuerdert an der Fréimass op däitsch ze bidden. Dat wor nun dem I Här an de Frack gegräff. Séng Schewercher goufen zu tockige Béck. Et gong nët sou mir näischt dir näischt, wéi hien sech dat erwaart hat. Si hun sech nët un *hie* gestéiert a gemaacht wéi d'Fra am Beichtstull, déi sot: hei héiert een näischt. Hien, den I Här Paschtouer, huet nees eng Kéier gepriedegt, si missten op däitsch bidden. Du hat et awer geschellt. Et gouf Kaméidi am Duerf. Si hun nach eng Kéier op wallounesch probéiert – an hien, säi Kapp gewisen – dat misst däitsch sin.

Du wor et ganz Feierowend – Sonndes drop stoung hie mat e puer Mimmercher an e puer Kanner eleng an der Kiirch. Séng Schewercher hu gestreikt, eis Lëtzebuerger wallounesch Baueren. Iaten se da nët Recht: si waren ewell zënter Jorhonnerten esou gewinnt an op ee Schlag eng Ännerong, dat wir gelaacht.

Nun, de Streik huet eng Zäit gedauert. Wéi laang, si mer nët gewuer gin, vläicht kann ee vu Soller äis dat genee son, mir wirc frou.

Wuel wäerd den Här Paschtouer Waasser a säi Wäi geschott hun an sou wiren se dann zu engem Kompromi komm.

Bis an déi drëssiger Joren eran hu Leit vu Soller wallounesch geschwat an om Bietdag vun der Por gouf et eng extra Bietstonn, wou franséisch gebiet gouf. Déi Bietstonn huet bis an de leschte Krich eragedauert éier et eriwuer wor, wuel d'meescht well keng al Lëtzebuerger Wallouner méi do waren.

Nun, Dir gesitt, datt alles och hei am Land do wor, mir sin crëm, wou déi aner lo nach hi wëllen. Nëmme mir man hei kee grouse Spéktakel dermat a jäizen nët op der Strooss, awer sou ganz ouni näischt loosse mer dach nët mat äis man wat aner wëllen.

Henri Rinnen

## E mëtshgiewegt Häerz

1. Rau räisst de Wand de Rescht vum Laf;  
Ech schuddre mech, ech schnaddren.  
De Papp läit krank an d'Mamm am Graf,  
Ech fréieren, vergaddren.
2. Hun d'Uebst geglannt u Bam a Strauch,  
D'lescht Gromper aus der Scholl geraf;  
Eng leedleg Gloscht gamst mir am Bauch,  
Vergarrelt as de Ruecht am Schaf.
3. Muss piertle gon! Sid matledeg  
Dir Leit, wann d'Aarmut hieft de Grapp!  
Wat hien erwëscht as nët fir mech,  
Ech dron et frou dem kranke Papp.

Chr. Clement

## Wien as dee Mann?

1. Dobausse steet e stomme Mann,  
Séng Wop huet d'laarf vum ganze Bann;  
Säin Häerz as kal a frued säi Kleeed,  
Hien huet kee Sënn fir Mënscheleed;  
E steet dobaussen Nuecht an Dag,  
Wien nach as vun deem haarde Schlag?
2. Dach wann de Wanter vun äis geet,  
Wat dréckt hien dann en Häerzeleed!  
E saakt zesummen an der Sonn,  
Säi Schweess fëllt d'Griecht am Wiscgronn.  
Op séngem Graf laut d'Schneéklack d'Péiss  
An d'Hieselheck drescht Bléiegréiss.

Chr. Clement

## Um Ree

1. Owes zans ëm d'Lëlenzäit  
Schlappt de Schappmann duerch de Bësch;  
D'Kanner, déi hien dra gesäit,  
Kommen ni méi un den Dësch.
2. D'Hucrcil kippt um Himeswee  
Mat der Hechel an der Hatt;  
Wat as dat eng fatzeg Fee!  
D'Kanner schleeft se heemlech mat.
3. D'Huertefra, de Biirkemann  
Fëischtre falsch ëm d'Spillmannsmuer,  
D'Kanner schnappen s'all vum Bann,  
D'Schanke fënt e Fuuss, en Huer.
4. Wat huet d'Mamm eis dacks gedrot  
Mat all Bobëssen am Bësch!  
Näischt krut eis vum Ree verjot,  
Meescht hat d'Fra eis nët um Dësch.

Chr. Clement

## Den Auschelt as nees do!

1. Den Auschelt as nees do,  
D'Viëlche plauscht um Ho!  
Nu Kanner hänkt nët leinsch am Haus,  
Sprangt op a laaft an d'Sonn craus!  
Ëm Heck an Ho  
Jot frou ëm Fréijor no!
2. Frësch gréngen Draf an Dällt,  
Wéi schéin as d'Fréijorswelt!  
De Léiwenk duddelt wansch um Bann,  
De Päipel zaapt un Zwénk a Gann;  
Ëm Heck an Ho  
Jot flénk deem Kärel no!

Den Auschelt: fréi am Fréijor, d'Aussenzäit, d'Aussotzäit;  
leinsch: linkisch  
D'Draf, de Ree: Bor vum Bësch  
wansch: vorlaut  
mëtshgieweg: gët gär mat  
frued: kal, ouni Liewen  
Wop: Kostüm, Kleeed



# Ambulanz

Virun der Lampertsbierger Porkiirch loug eppes queesch iwwer de breiden, soss em déi Zäit, cidlen Trottoir. Et war donneschtes nomëttes géint drai Auer. Ech kouw vun uewen erof, a vu weidem wouss ech nët richtig wat dee klengen, donklen Iiwwel do hannen um hellen Trottoir si kënn? E Kand? E puer uerdentlech iwwert cnce getässelt Kannermäntel? Eng Sait war jiddcnfalls eppes wéi e Kapp. Oder eng eidel Mutz...?

Ouni de klengen Haf aus den Aen ze loossen, hun ech mech dohi getommelt. Wä et e Kand dat do léig, da misst ech jo hëllefen, zumol wäit a breet soss keng licweg Scil ze gesi war.

Wéi ech bal derbei war, koumen e puer Kanner am Spillschoulalter aus dem Kiirchcnhaff craus-gelaf, an hun sech dirckt ronderëm deen donklen Haf um Trottoir opgestallt.

Elo war ech och no bei. A wat gesouch ech?

Et war wüirklech ee klengt Kand, dat laang ausgc-streckt um Réck do loug. Ob et e Jong oder e Meedche war, dat konnt ech nët ënnerscheden, se si jo haut all cent ewéi dat anert ugedonk, an zéien d'Mutzen an d'Kapuze bal bis iwwer d'Nucs erof...

Wat war geschitt? War et verongléckt? Mäi Gott, da misst ech jo asprangen...

Dat hun ech nët bräichen.

Déi erbei gelafe Kanner, Boxemännercher a Boxe-frächercher, blouwen iwwer d'Kand gebéckt do stoen, an eent huet eppes zu him gesot. Dorophin hieft d'Kand, vum Buedem erop, ganz lues a geschéckerlech séng zwéi Féissercher an séng Schëlleren, eng Grimmel an d'Luucht. Ec vun de Kameroden faasst et un den Enkelen, een aneren ënnert d'Schëlleren, an een uewen, een ënnen, hiewen si et ganz virsichteg op, a leën et op e klengt Plastiks Dräirad, dat si matbruecht haten. Dat war guer nët esou einfach. D'Dräirad war kleng, an et gong nët anescht: De Kapp kouw op de Suedel, d'Bengercher iwwer de Guidon, an hun erof gebampelt...

Esou gouf d'Kand fortgefëiert. Vir huet een d'Gefier gezunn, hannen een et gedréckt. Ee Bouf as derniewent marschéiert: »Maacht dass alles uerdentlech geet, ech sin d'Police«, hat hien sech gemellt...

Knapps war d'Plaz um Trottoir geraumt, do pucht sech en anere vun der Band, mat Genoss de laange Wee drop. En huet dat gemat wéi wann en sech doheem an säi Bettche gehie géif. An iwwerdeem

riff e ganz resolut: »Ech gin awer och mat der Ambulanz cwechgeholl« a mécht d'Ae fest zou fir säin Tour an der Rettongs-Aktioun ofze-waarden.

Elo hat ech endlech kapéiert. D'Kanner hun Ambulanz gespilt. An ech muss soen, ech war begeeschtert vun der Aart a Weis, wéi dat krap-pegt Geschir sech ugeluegt huet, fir eppes opze-fëieren, dat si wahrscheinlech an der Télévisioun oder op der Strooss bei engem Ongléck gesinn haten.

Och aus dem Verwonneren kouw ech nët craus: esou natiirlech, disziplinéiert a konschtgerecht hun des Kanner vun héichstens fënnf Joër, hire Verwonnten-Transport hei organiséiert. An alles ënnert der Opsicht vun enger Police, déi grad esou grouss war wéi si selwer...

Op dem Dräirad, pardon, mat der »Ambulanz« op drai Rieder, gouf d'Affer vun engem Verkéiers-ongléck, engem Onfall oder Iwwerfall, an d'Klinik bruecht.

Och dat Spidol war eppes ganz faméis. Fir war nët méi an nët manner wéi d'Kiirchcntrap vum Ilaaptportal. Déi Paart as grouss a schwéier, si war zou, a stong ewéi eng héich Mauer hannert den Träpplécken. D'Trap selwer as nidreg, si huet jhust zwéi Ofsätz, déi awer breet sin.

An do, op den zwéi Träpplécken, also »an der Klinik«, louge scho véier aner kléng, gutt warem ugedonkte Kanner, schéin opgereit ouni sech ze réieren, ouni sech ze mucksen...

De Kapp vu jidder Kand, déck verpaakt an enger waarmen, handgestréckter Mutz, loug um Fouss vun der Kiirchepaart, d'Bengercher hongen erof. Si waren esou kuurz, dass se nët emol op de Buedem opkoumen. Eng Koppel vun dene Bee stouch an décke roude Strémp, d'Féiss a wäisse Schong. Dat war bestëmmt e Meedche.

Dat neit Affer gouf ganz virsichteg vun der »Ambulanz« erof gehuewen, an an d'Rei geluegt. Do blouf et grad esou steif lén wéi déi aner. Nëmmen d'Guckelcher vun hinne alleguerten hun ënnert dem Bor vun hire Mutze geféinkelt vu Freed do ze leien a bei esou engem opregende Spill matzemaachen...

An dat war ze vill eppes Léiwes: Déi fënnf Strippercher do opgereit op der Kiirchcntrap, hir Guckelcher déi geféinkelt hun, déi zéng Strampelen déi ouni ze wibbelen, erof hongen...



# De Filax

Séng Mamm huet Bella gheescht. Dëst Fréijoer hat se an énger Hickecht sechs kléng Mippercher, routgeblimmelt, ee méi léif wi dien aner.

Duerfir huet de Bauer Krecké och keen dierfen ersefen. Iwregens hätte séng Fra a séng Kanner dat nët zougelooss. Esou sin di sechs eropgewuess a sin an hiner Hët, déi an éngem Schapp stong, sechs an dun och aacht Wochen al gin. Si haten déck Käpp a ware ronn a mockeleg wi Bommelen. Vun do un hun di sechs Raiber der Bella all Dag méi déck gedon, an och d'Madam Krecké vum Dudderhaff zu Dellen huet missen d'accord sin, fir Mëttel duran ze man. D'Mippercher solle verkaaft gin, esouguer verschénkt, wann se nëmmen an e gutt Haus kéimen.

An deer band koum den Här Glatz vu Foulscht, die grad no éngem jonge Kéihond gesicht huet, zu Delle laanscht an huet ee vun de léiwén Hënnercher matgcholl.

Als Präis huet hie missen der Madame Krecké fir den Hierscht eng Koppel deer schwaarzer Lëchingerpëlle versprechen. Dat huet den Här Glatz gär zougesot, wëll dat jo an de Revéier vu sénger Fra gehéiert huet an hien nët gebraucht huet a sai Portmonni ze greifen.

Esou koum de jonke Mupp no Foulscht, an d'Kanner aus der Glatzer Vogtei hun e gaangs gedeelt.

»Filax soll en heeschen!« huet dien celste gesot. An di aner Kanner waren es gläich d'accord, oons ze wëssen, datt dat Wuert grad kléngt wéi am Griicheschen an do »Wiechter« heescht a Phylax geschriwwé gët, mat h an y.

No éngem Joër war de Filax e richteg Wiechter um Haff gin. Hien hat bal alles aus sech geléiert, wat en do ze hidden hat; esou voll gudder Dugende souz dee Borscht.



Wat ech do, esou ze soen, materiewe konnt, war am Fong en ergräifend Spill vu Kanner vun haut. Ouni Gemauls, ouni Gestreits an Duercherneen hun si Zenen aus der heiteger Zäit, ganz richtig nogespillt.

\* \* \*

D'»Ambulan« gouf gläich erëm op den Trottoir gezunn, fir deen Nächsten opzelueden, an als sechsten, an d'Rei vun de Verongléckten op d'Kiirchentrap ze leën ...

Ry Boissaux

Gehutt huet hien d'Haus an d'Scheier, d'Kéi an d'Schwäin an d'Schof. Jo, wëll hien owes en etlech Mol mat gaang as, d'Hinger aus dem Schapp an de Stall dreiwén, huet en och dat geléiert. Wann et däischter gin as, gung hie vum selwe lass an huet alles erof- an opgedriwen, wat dorëmmer gehuckt huet.

Doriwwer war d'Meeschtesch abséns frou, wëll elo war se sécher, dat kee Véidéier a kee Fuuss hir nuets kënnt een Hong wiirgen an ewech droën.

D'Madame Glatz huet fond, datt de Filax séng Koppel Pëlle wäert war; si huet se gär hier gin, fir dee gudden Hiddler ze bezuelen.

Vum zwete Joër un an nach éng hallef Dose Joëren derbäi huet ganz Foulscht de Filax weenst séngen apaartiën Egeschaafte bewonnert.

Huet de Filax enker Grenze vun énger Wiss kannt, da wosst hien, wuerun datt d'Kéi sech ze halen hätten. As och emol sai klénge Meeschter, den Ugen, no Äppel a Quetschen ausgeréckt, dann huet de Filax kléng op d'Häerd uechtgedon.

Och ënnerwee huet en zu zwou Säite gehutt, datt och di geckigste Ranner schéi bei der grousser Häerd um Wee bliwe sin. War de Filax iewer emol enker krank, wëll e sech verfriss hat, an duerfir doheem a sénger Héit leie bliwwen as, da war alles zu Bock. No alle Säite sin d'Kéi an d'Ranner ausgebrach an ënnerwee riichtzou an de Kléi an an d'Wicke gelaf.

De Filax hat esou geléiert, d'Päerd hidden. Ma dobei hat e schwéier Léiergeld gin.

Hien hat den Zock, d'Kéi, wa se gebëselt sin oder wollte bëselen, an d'Nues ze pëtzen. Hu se guer nët paréiert, dann huet e se ennen an d'hennescht Bee gebass. Nët esou fest, datt et geblutt hätt oder datt Stécker Haut ewech gefuer wieren, mee, iewer fest genuch, datt et gedint huet.

Nu, bei de Päerd huet hien dat selwecht probéiert. An do war d'Leier deier. Enner de Päerd war e jonke Fuel, vu bal zwéi Joër. Die war esou muttwëlleg, datt en heinsdo nët wollt an de Stall era-göen, wann en aus dem Pesch komm as.

Datt huet de Filax, dien dem Meeschter an dem Edy nogekuckt hat, uerog gefox, an hien huet säin Trick probéiert.

Ma, de Mutong huet hannenaus geschlo an dobei de Filax ënnert de Kënn geroden. Nëmme esou neelech, mee, dat huet al gepéffert, an de Filax huet Zäit kritt, fir sech ze besannen.

Wéi de Mutong erëm enker séng Konscht pro-



béiert huet, hat de Filax eng l'ent beihand.

Knaps hat hie gepëtzt, war hien ee Saz zréck a lug flaach um Buedem. De Streech as och vum Mutong komm wéi crwaart, mee iwwer dem Filax sai Kapp ewech. A knaps hat de Mutong de Fouss erëm um Buedem stoën, waren dem Filax séng Zänn erëm drun. Dës Kéier méi fest wéi virdrun.

Vun deem Moment un hun och d'Päerd him paréiert. An d'Nues huet en se iwer nët ze pëtze kritt. Wann de Filax erbäigelaft as, hun Päerd de Kapp op hirem laangen Hals héich an d'Luucht gehal. Vun hire viischte Been huet e sech esou-wéisou ewechgehal, soss wir hien ënner hir haart l'leif geroden, a wir et him schlecht ergaang.

Bei den Hinger war dat eppes méi einfach. Déi hun de Filax vu virera gfaart. Mee, do huet et eng aner delikat Aarbecht gin: d'Klucke mat hiren Hinkelen ze hiden. Déi haten nämlech eng Parti raffinéiert Géigner: de Kueder, d'Krëien an den Hingerleif.

De Kueder, d'ien as em d'Haus geschlach. Wann dann d'Kluck mat hire véierzéng Hinkelen em de Giewel komm as, wupp, hat de Kueder cent an der Maul a fort war en. Dobei as eppes dem Filax zu pass komm, séng réng Nues. Hien huet de Kueder vu weitem geroch an as em direkt entgéint gaang; dann huet die sech de ganzen Dag nët méi gewisen. Do waren och d'Krëien an den Hingerleif. Am dréchene Summer, grad éi déi éischt Fruucht zeideg gin as, goufen et kéng Wirem méi, an de Mais konnte sech och gutt am Gras verstoppen. Da sin déi Raubvigel absens uereg op d'Vullen an och op d'Iinkele gin. Déi Raiber do sin natiirlech aus der Luucht crofgeschoss oder aus engem décke Bam. War iwer de Filax doheim, dann huet séng Nues och déi gespiirt, an hien huet se ugebilt, bis se sech ewechgemeet hun. Wëll, wann hien deer een erwëscht hätt, da wir en tëscht séngen Zänn zu Bräi gin.

Natiirlech, wann de Filax mat de Kéi op der Weed war, wäit fort an der Gewan, dann huet d'Madame Glatz misse selwer op hir Klucken a jonk Pëllen uecht gin. Eng Kéier hat och de Meeschter eng Kréi geschoss an se héich op énger Staang opgehaang. Dun as e puer Woche keen esou ee Raubvull méi erbäigaang.

Et kann ee verstoen, wéi frou datt d'Meeschtesch mat em Filax war. »Esou een l'fond gët et nët méi am ganzen Éislek«, huet s'en e bei den Nopesche gelueft. A si huet en och gutt gefiddert a ge-

féischtert, well dat hun d'Honn gär, béides hu se néideg.

Eng Kéier hat de Filax iwer bal eng gestiicht.

'T war am Wanter géint den Owend. Déi jong Pëllen hu sech ënner de Schapp verdréckt, am plaz an hire Juck ze goën.

Do drënner war esou ee gesprinselt, dat de Filax wéi gezeckt huet. Et as hanner de Manéisch gelaft, dun ënner de Won an ënner d'Éigen. Jee, de Filax as verdrésslech gin an du béis. Op eng Kéier huet en déi gesprinselt Pëll an éngen Eck vum Schapp ze pake kritt an eng Kéier zougedréckt. Du huet d'Dickeli Kreesch gedo. D'Meeschtesch as erbäigelaft an huet iwwer de Filax gejaut, well d'Dickeli huet e bëssche geblutt.

Du huet de Filax sech geschumt, a vun deer Zäit un huet e bei den Hinger ni méi richtig mat sénger Maul zougegraff.

Aus all deem kann ee verstoen, datt de Filax een Hond war, dee vu ganz Foulscht as ee Wonnerdeier ugekuckt gin as. Sain Talent lug a sénger Nues. Mee, do lug och séng Gefor. Hien huet heinsdo sénger Nues nogin, och wann en do durch mat séngem Liewe gespilt huet. As een l'lieschen ze no laanscht gelaft, da konnt de Filax sech nët halen. Da war hien hannen drun, an en huet och alt emol een erwëscht an dem Ugen e bruecht.

Enges Daags war de Filax an den Ugen erëm eng Kéier mat de Kéi an der Gewan. 'T war Hiescht, an d'Juegd war op. 'T war och verbueden, d'Honn fräi lafen ze loossen, well 't ware rose Fiiss fond gin. An d'Jcër, déi d'Juegd deier bezucht haten, hu gedreet, si géifen esou Honn einfach nidderknalen.

Nu koun do op engker een décken Hues duerch d'läerd vun de Kéi gelaft. Dat war iwer géint dem Filax sai Gesetz, datt näischt a keen dierft durch séng Häerd goen.

An dien décken l'Hues huet esou staark geroch, datt de Filax nët widderstoë konnt. Éi den Ugen sech émsinn hat, war de Filax hopp an dervun, dem Hues no. Duerch déck an dënn. Leider huet de Filax den Hues erëmkritt a gedréint. Esou si si riicht op d'Jeër duergelaft, déi do zu dräi iwwer d'Gewan getrëppelt sin.

'T huet e puermol geknaalt, du lug den Huesi do. An 't hat nach engker gekraacht, du war et och fir de Filax geschitt.

Wéi den Ugen dat gesin huet, as hien op d'Jeër duergelaft. Hien huet se vernannt a gemengt, de

## Ridiküll

Wann d'Lächerlechkeet déide géif  
bei eis am Ländchen hei,  
dann dréige mer, gleeft mer es méng Léif,  
d'ganzt Jor duerch schwaarzt Gezci.

Mir hätte Lächen teimerweis,  
mat Nimm eng laangeg Löscht,  
't géif vill méi eidel hei bei eis  
an 't géif vill manner Mëscht.

Well wat un Dommheet et haut gët,  
geet nët op eng Kouhaut.  
Ee Gléck, si spiren 't selwer nët,  
well wat géif da gejaut!

Ma leider as et nun esou,  
ech hun et nët erfond,  
hir Dommheet hält se frësch a frou  
a jorelaang gesond.

Wann si den Uz hei héieren,  
da laache si sech kromm.  
Si sin 't jo nët déi stéieren,  
*mir* aner sin déi Domm.

G. M.



Filax hätt nach ni een Hues gefaang. Dat misste si  
deier bezuelen. Mee, du huet dien ee Jeër gesot:  
»Wat geet ick un? Huelt ieren Hond a sid ze-  
fridden, wa mer iech nët nach ee Prätekoll man.  
Der wësst dach, datt der am Feler sid.«

»I war geschitt. Do war näischt méi z'änneren. Wéi  
traureg as den Ugen dien Dag mat sänge Kéi  
heemgcfuer!

An doheem war och groussen Trauer. Den Här  
Glatz an den Ugen sin de Filax mam Teimer siche  
gcfuer, an den Ugen huet dat gutt Déier matzen  
am Pesch begruewn. Do, wou dem Filax säi  
Revéier gewiescht war, a wou en esou gär lug,  
Haus an Haff ze hidden.

»T as nët erlaabt!« sot d'Meeschtesch. »Wou solle  
mer crëm esou en dichtegen Hond hierhuelen? De  
Filax hätt nach esou gutt dräi bis véier Joër hei  
gelicft. En hätt säi Gnodebrout dacks an nengker  
verdingt gehat. Aarme Filax!«

E. S.

## Wat ech brauch

(Margot)

Ech brauch nëmme een dee mat mir geet  
duerch Liicht a Schiet an duerch Gléck a Leed.  
Ech brauch nëmme een dee mech versteet,  
dann dréit mä Wierteg en houbescht Kleed.

Ech brauch nëmme een deen em mech baangt,  
dee mech hemelt, mir gutt Würder gët,  
dee frou mat mir as an no mir verlaangt.  
Deen cenzenen. Méi brauch ech nët.

G. M.

## Hierscht

Déif bécken sech d'Bäm  
ënnert séisser Laascht,  
blosëlwereg Fläm  
hun d'Quetschen um Aascht.

D'Wäindrauwe schwëlle  
voll Saaft un de Stäck.  
D'Blieder si gëllen  
a Bësch an Heck.

D'Astere bléien  
douthleech an de Gäert.  
D'Wollécken zéien  
déif iwer d'Äerd.

Den Hierscht ongehënnert  
huet sech breet gemaach.  
Un d'Stierwen erënnert  
Allerséilendag.

G. M.



# Zwete Knoutereck

De Knoutereck an eiser Nummer 9 hat op Plazen esou gutt gefall, datt ech eng Folleg hei muss gin. Fir alles wat ech kritiséiert hat, vun der »Porte ouverte« bis zu de »Ruc... Ruc... Rue...«, vum schéine »Coq« bis zu de »Bidonvilles«, vum »Footings« bis zum »Durchlaufrhitzer«, hat ech voll Zoustëmmung kritt, mä... geännert huet sech bis haut nët vill!

Léif Leit, et geet nët duer, dass mir gesot gët: Dir hut recht, sot et allen emol gutt! Et geet nët duer, wa gelueft gët: e Gléck, datt eng »Actioun Lëtzeburgergesch« ewell do as, déi emol richteg derhannert geet, ... an da geet déi grouss Mass nees zefridden der dagdeeglecher Gemittlechkeet no... et sin der jo do, déi sech ëm *alles* këmmen...

Neen, léif Leit, déi do wudden, déi gin nët duer! Wann eppes erreecht soll gin, da musst Dir all matmaachen. Reklaméiert, maacht Är Kritiken, iwwerall wou néideg!

Mir hun z. B. Mëmbler, déi och an enger esou sympathescher Gesellschaft ewéi AMIPERAS sin, an déi sollen et nët elo kromm ophuelen, mä huet do schons ee reklaméiert géint »Portes ouvertes«? Näischt fir ongutt, mä grad duerch d'AMIPERAS huet dësen Ausdrock esou eng immens Verbredung fond, duerch dagdeegleche Gebrauch, duerch dagdeegleche Artikelcher an den Zeitungen!

Viru Joëren nach huet kee vun enger »Porte ouverte« geschwat, do huet een iwwerall, wann een sech enzwousch begéinc wollt, eng *offen* Dir gehat! Do konnt och gepotert gin, do war dann och e gemittliche Mëtteg ze verbréngen, do konnt och eppes besprach oder ofgemat gin, firwat elo awer ebeemol fir all Zëmmerchen, fir all Lokal ouni a mat Besuchszäiten: Porte ouverte!... oder »Porte ouverte – rencontre«, an op enger Plaz esouguer schons eng »Maison Porte ouverte«!!?

Dir all, léif Leit, Dir géift an Ären Uertschaften och soss nach vill, ganz vill fir eis Sprooch, eis Eegnaart, eis Identitéit maache kënnen. Reklaméiert, wann eng Kritik ubruucht as, dach och emol bei de Gemengepolitiker, bei de Lokalreporter! Et as z. B. grad esou séier *Strooss*, *Wee* oder *Gaass* gesot a gcschriwwen ewéi »Ruc... Rue...«!

Sot awer och, d'lëtzeburgergesch Nimm bräichte nët *mini*, ganz kleng, verschotert a verschimt ënnert en »offizielle« Numm gepecht ze gin! Si sin esou »offiziell« ewéi déi aner a sollten, wann nët eleng,

wéi z. B. »Raspert«, »am Becheler«, »Millewee«, »Hiel«, dann awer wéinstens gläich grouss wéi déi franséisch Nimm geschriwwen gin!

F. Bravo fir all déi Gemengen, déi dat schons ugefaang hun!

A wat fir d'Stroossenimm gëlt, zielt och fir d'Uertschaftsimm! E Merci dofir do och eiser Stroosseverwaltung (oder hätt ech misse »Ponts et Chaussées« soen?), an allen aneren Instanzen, fir deen Ufank, dee viru Joëre gemaach gin as a wou et hoffentlech nët bei den éischten Ueschléi bleift!

Vill Leit, a speziell vill Zeitungsleit, kennen awer leider nët méi déi richteg Lëtzeburger Nimm vun cisen Dierfer, speziell am Norde vum Land. Si müssen se nees léieren, si sollten dofir s'emol an eiser Extranummer 3 kucken.

Am Fong muss een sech jo wuel och nach bal wonnere, datt bis haut d'Uertschaftsimm nach nët alleguere verwelscht a verschampléiert gi sin, wéi dat de Fall jo as mat Boulaide, Bigonville, Tarchamps, Cinqfontaines, Troisvierges, Bascharage, Larochette, Pontpierre asw., well soss hätte mer och nach e »Pierresfort« aplaz Stengefort, e »Routes« aplaz Stroossen, e »Crèvefer« aplaz Freckeisen...!

Mä och op villen, ganz villen anere Plaze géif Dir all, léif Leit, immens hëllef kënnen, mat richteger Bemierkung, mat Virschléi op der richteger Plaz am richtigen Ablack.

Wieder an Ausdréck wéi »Entraide, d'Foire, Centre d'Accueil, Jeunes en Marche, Pélé des Jeunes, Centre hospitalier, Tronc commun«, a nach vill, ganz vill anerer, iwwer déi dierfte mer och nët op Schrack an Tratt falen, déi duerfen och nët weider wéi Parasiten an eis Sprooch abrieche!

Et kennt ee bal mengen, eng »fënneft Kolonn« wär um Wullen, egal op an de Verwaltungen, op Büroen, bei Veräiner, Firmen, Geschäfts- a Privatleit! Wann Dir d'Schrëften op Gebaier a Buttécker, op Stroossen- an Uertschaftsschëlter, op Reklamemen a Bréif, jo iwwerall bekuckt, mengt Dir nët bal Dir wäert am Franséiseschen? Passt et an e Land mat eegener Sprooch, datt z. B. do steet oder ze héieren as, (konterbont elo gemëscht): Hôtel de Bourgogne, Administration des Biens..., Boutique de Paris, Pâtisserie de France, Résidence Belocil, Clinique pédiatrique, Café de l'Empereur, Résidence »France«, Résidence Camenbert, Caisse Nationale d'Assurance Maladie des Ouvriers (méi

laang as et nët gaang ...!), Restaurant Fourchette d'Or, La Bonne Cuisine, Administration de l'Emploi (au, méng Oueren um Téléfon!), Boulevard Napoléon, Caisse Rurale ..., Fiduciaire H., Concours Miel, Transports Pêle-Mêle, Air-Mer-Routes ...??

An engem gewësse »Centre Culturel ...«, dee bestëmmt all Joër mat Milliounen vu senger Natioun gestäipt gët, dee keng Woch erlaanscht goë léisst ouni egal wou eng kleng Annonce, eng Reklamme an der Press ze bréngen, do an och bei nach enger Parti ënnerdéngeger Matlefer, muss jo vu Freed d'Häerz an der Broscht klucksen, gesin se dach do méi wéi jee de »Luxembourg francophone«, oder dreemt do vläischt schons gläich ee vu méi ...?

Bestëmmt denkt awer kee bei engem Veräin, bei enger Gesellschaft oder an enger Verwaltung un esou eppes!

Oniwwerluegt sin dofir awer och Nimm wéi »Sauvez la Ville«, »Jeunes et Environnement«, asw.! Kënnten eis jong Leit och keen anere Numm fannen ewéi »Club des Jeunes« ...?

Eis Verwaltung kënnten och kuurz a gutt lëtzebuergesch Nimm »offiziell« hun, z. B. »Krankekeess« (Aarbechterkrankekeess) »Spuerkeess«, »Aarbechtsverméttlung« ...

Wéi schéin as et, begéint een am Land enger Residenz »Renert«, »Bambesch«, oder »Museldall«, »Malpaartes« ..., engem Camping »op der Sauer«, »Fuussckaul« ..., oder kann een e gudde Mäifelchen hannert d'Knäpp kréien an engem Restaurant »Bräiläffel«, »op der Genn«, »um Juck«, »Kofferpan«, an enger »Stuff«, um Réimerwee, um Bock, an der Kléck ...!

Op Lëtzebuurger Godréns a Lëtzebuurger Iesswueren, jee op alle Produkter aus dem Land, gehéiert och e Lëtzebuurger Numm! D'Kanner sollen sech z. B. nët ganz ugewinnen »Jus de Raisins«, »Jus de Pommes«, »Chocolait« a wat nach ze froen ...

Eis Kanner sollen an de Schoulen awer och nët nëmmen eis Sprooch matkréien, si sollen och d'lëtzebuergesch Nimm vun de bekannteste Planzen an och Déiere léieren.

Wann d'Kanner, déi nach nët d'Franséisch masseg agetriichtert kritt hun, dofir awer nëmme mat »Däitsch« voll gestoppt sin, vun »Eichhörnchen«, vu »Schmetterlingen«, vu »Kunsthonig«, vu »Flieder«, vu »Löwenzahn« a vun »Herbstzeitlose« schwätzen, dann as dat grad esou schlëmm.

Also och géint iwerméissegen »Eintopf« musse mer äis wieren, *huet do eis Schoul bis elo versot?*

An an eise *Kiirchen*, firwat gët do d'Sprooch vum Vollek nach op de meeschte Plaze verstouss ??? Firwat heescht et nach bal iwerrall »Im Namen des Vaters« ..., oder »Au nom du Père« ..., firwat »der Herr sei mit Euch« ..., firwat »Gehet hin in Frieden«?

Gin duerno all Lëtzebuurger »hin in Frieden«? Neen, et muss aneschter gin, mä et gët wuel nëmmen aneschter, wann Dir all hëlleft! Wann Dir all matmaacht, iwerrall wou Dir sid, wou Dir hikommt!

Maacht emol Virschléi, schéckt mir nei Iddien. Solle mer emol zesummen e puer kleng Kongkuren organiséieren, esou léif kleng »Jeux« mat engem Präis als Belounung?

Em. Schmit

## Matdelung

Mir wëllen d'Lieser an d'Irënn vun »EIS SPROOCH« drop opmierksam man, datt an de nächste Wochen d'*Suskriptioun* uleeft vun engem klengen Band vun »50 Psalmen op lëtzebuergesch« mat dem Titel

## De Mënsch schwätzt mam Härgott

't as am Täschelbuchformat mat enger Grafik um Deckel vum Abbé Paul Klein a véier Konschtfotoë vun de Kofferstéch, déi de Gust Tremont an de Paarte vun der Kathedral geschaf huet.

D'Motive vun de Kofferstéch bezéie sech op ee Saz aus engem Psalm: 1. dem Abraham sein Affer; 2. den David, deen dantz; 3. Virstellung vu Jesus am Tempel; 4. Pëngschten.

Dat hei as e Versuch vun zwou kathoulesche Laien A. a G. *Schroell*, fir no hirem Aarbechtswien am sozialen Dëngsch, dat Gespréich zanter Joërdausenden tëschent dem Härgott an dem Mënsch hin an hir geet, de jonken an den ale Leit méi no ze bréngen.



# Nei Bicher

De **Lëtzebuergער Dixonär** as nach ëmmer ze kréien. Déi 5 Bänn kaschten elo gebonnen 3000 Frang, nët gebonnen 2000 Frang. Méi e schéint Geschenk kënnt Dir nët fannen, egal fir wat fir eng Geléienheet.

Lëtzebuergער Dixonär, 5, Bredewee (rue Large), Lëtzebuerg, Tél. 28 816

*Schaus, F.: Buurkels Marjänn.*

Os hiren Tagebicher.

An deem leschten Heft vum »Bulletin Linguistique et Ethnologique« (21) gin op de Säite 97-145 Auszich aus den »Tagebicher vum Buurkels Marjänn« an der Rëmmerecher Sprooch publizéiert. D'Bauerefra Buurkels Marjänn, déi e puer Jor am Pensionnat wor, huet an der Zäit vun 1900 bis 1930 Buch geféiert iwwer dat, wat si am Dagdeeglechen erfuer a matgemaacht huet. »Et as mer allemol méi liicht, wann ech méng Gedanke kann elei nidderschreiwen«, seet si, well hire Mann nët staark Stécker op Sentimentalitéit a laang Gespréicher hält. – Mat dësen Notizen kréie mer e Bild vun deer Zäit, an déi och den éischte Weltkrich fällt; mir gesinn d'Liewe vun deemools op nët grad deem klengste Bauerenhaff; wéi d'Opfaassung vun engem Bauer as, wou et fir d'éischt ëm d'Virugoe vum Wiese geet an dono eréischt dat anert kënnt. D'Marjänn huet ze leiden ënner deer eppes rauer Natur vum Bauer, wann se och gär Baurefra as. »Si hânt u Kruden.« – Nieft dem soziologeschen Aspekt, wann een esou e geléiert Wuert wëll brauchen, as dat Ganzt en Dokument vun deer ägenaarterger Rëmmerecher Sprooch am westleche Gebitt mat deem Sproochfrënn a -furscher eng gutt Iwwersiicht vum »Lautstand« kréien an hinnen eng Grondlag gebuede gët aus deer munneches ze schäffen as, sief et phonetesch, sief et syntaktesch, sief et morphologesch. – Fir den auslänneschen intresséierte Leit entgéint ze kommen an d'Verstoën iwwerhaapt méiglech ze maachen, as dat alles wuertwierlech an e schlecht däitsch iwwerdroen an e Glossar ugehaange gin.

Alles an allem muss een esou enger Publikatioun hiren duebele Wäert zouerkennen, engersäits dee soziologeschen an andersäits dee sproochlechen. Et géif ee wënschen och aus anere Géigenden eppes Gläiches am Uertsdialekt ze hun; kéim dobäi nach eng Plack, dann hätt ee fir spéider en eenzegaartegt Sproochdokument, en Dokument dat mer haut esougär vu virun 100 Jor doleien hätten.

H. Rinnen

*Dockendorf, Metty: animateur am Jugendgrupp.* Egeverlag, Betebuerg, Sigfried-Strooss, 9, 251 Säiten. Präis 300 Frang.

Et as mir eng apaart Freed vun deem Buch hei e puer Wuert soen ze kënnen, well et éischstens eppes ganz Aneshtes as, wéi déi gewéinlech Bicher an Hefter, an zwetens, datt een de Courage hat fir deer Bicher eent op lëtzebuergesch ze schreiwen, an drëtens, et selwer bezuelt an erausgët. – De Metty Dockendorf as deen, deen zënter Joren, déi Leit léiert a weist, déi dono mat jonge Leit ëmgoe mussen (odder wëllen), fir se am Ameséieren eppes ze léieren, se ze weisen wéi a wat an a mat der Grupp ka gemaacht gin asw. asw.

Esou Bicher gin dach gewéinlech an normalerweis op franséisch, op däitsch, op englesch souguer, ënnert d'Leit bruecht. Wann de Metty Dockendorf dat elo op lëtzebuergesch mécht, et esou duerleech, wéi et am Praktesche gemaacht gët, derbei nët zéckt fir déi Wieder ze brauchen, déi och wërklech gesot gin an nët engforcéiert Iwwersetzung sicht ze maachen, dann hu mer nieft deem Nützlechen e Portri, wéi et mat der Sprooch op deer Plaz am Dagdeeglechen as. Et muss een dem Metty Dockendorf wënschen, esou wéi et am »Eklengt Virwuert zu enger grousser Saach« vum Pierre Grégoire steet: »datt en dru säi schéinst Verwonneres erliewe soll«.

P.S. Eng nei Oplo as fir Enn November z'erwaarden.

H. Rinnen

*Kimmes, Alphonse, Clement, Georges: Martelange et sa Toponymie.* Egeverlag, Juli 1978. Offset mat Zeechnongen a ville Biller. 56 Säiten DIN A 4.

Et as e schéint Buch dat lieweg wirkt an duurch d'Zeechnongen alt sicht d'Flouernimm aus der belscher Maarteler Géigend verstoën ze loossen. Flouernimm zesummenstellen, déi am Laf vun de Jorhonnerten entstanen sin, kënnen an d'Geschicht vun der Géigend e Licht bréngen. Et as dofir interessant déi Flouernimm ze sammelen, ze

vergläiche mat anere Géigenden an se doduurch verstoen ze léieren; eng léif, mä keng lücht Aarbecht. Et as derbäi vill Archivaarbecht néideg, fir ze gesinn, wéi déi Flouernimm fréier geschriwwen si gin, an doraus duurch Vergläichen a l'uerschen, och sproochlech, d'Explikatioun kënne kréien. Et vermësst een an dëser Broschüre déi al Formen, et vermësst een awer och bei den Explikatiounen e méi déift l'uerschen, well déi zitéiert Bicher sin dofir net all zouverléisseg. Ouni elo d'Aarbecht vun den Autoren croumaachen ze wëllen, sief awer gesot, datt een un en etlech Explikatiounen zwiwele muss. Sou z. B. wéi wann »Um Ehl« mat Telebou ze din hätt. Et schéngt dach, datt do éischter un L'il – Al – ze denken as, dat heescht Waasser, suppeg Wiss. Ob een do mat ka goen, wann et heescht: Hengen-Schleid als Pleonasse, well Hengen a Schleid en Hank vun engem Bierg wiren. As et net éischter Hengen (Familjennumm) hir Schleid. Kënnt een net bei Moselt, Massolt och vu »Maasselter« (lët. Numm fir Ahorn) denken? Ob »Äch« eppes mam däitschen »Esch« ze din huet an net mat »Fische« as eng aner Fro. Et kënnt een nach virufueren.

Wéi gesot eng léif a schéi Publikatioun, wou een awer fir d'Explikatiounen Reserve muss maachen.

H. Rinnen

**Kartheiser, René: Wëlle Wäin.** Impr. Centrale. 103 Säiten, ill. vum *Wagner* Laury. 21,5x15,5. Präis 385 F. gebonnen.

Virun en etlech Méint (1978, Fréijor) koum ënner deem Titel dat lescht Buch vum René Kartheisereraus.

L'rlaabt mer dës kuurz Bespriedung mat enger klenger Provokatioun un den Auteur unzefänken: op der leschter Säit, der Säit 103, déi bal plakeng as, wou deemno net vill steet, do steet dees Gudden e bësse vill: siwe Bicher an Zäit vu siwe Jor (vun 1971 bis 1978) huet de René Kartheiser publizéiert! Et si bal nëmme poetesch Texter, haaptsächlech Lyrik. Näscht géint déi helleg Zucl siwen, mä dat as e bësse staark! Et gët net vill Lyriker – a kenger Sprooch – déi an esou kuurzer Zäit esouvill lyresch Wäertvolles färdeng bruecht hun. – De René Kartheiser och net! Vläch wollt de Fernand Hoffmann (vgl.: »Trotz allem: Bilanz positiv« – Lux. Wort 19. 5. 1978) dat net riicht eraus soen, wann en säi Virwurf, datt muench Texter oder muench Plazen an den Texter vum Kartheiser zevill Gepoters bleiwen, an net déi Densitéit, déi

suggestiv Kraaft an déi knaps Ausspuertechnik vun der moderner Mondaartlyrik erreechen, esou ofgeschwächt: »I hier (gemengt as 'Eng Päif laang' vum René Kartheiser) kamen ihm seine in glücklichen Augenblicken großartige Fähigkeit, durch Verdichtung Atmosphäre zu schaffen, eine angeborene epische Veranlagung und noch etwas, das man in seiner Lyrik leider vermisst, die Kunst der Verkürzung, der Aussparung aufs glücklichste zu Hilfe...«

De R. Kartheiser ënnerschätzt sech wuel net, wann e schreift (S. 26: D'Muttergottesheer) séng Gedichter, déi erauskommen, wärend esou reng an esou lücht, datt se un engem »Muttergottesheer (déi reng Fiedem vun der Planz) klunschelen, ouni datt et futti firt...«

Et geet eis natierlech näscht un, »wéi laang datt (hien) muss dréien a kéieren, fir e Gedicht esou-wäit ze bréngen«, mä heiandsdo huet een den Androck, e géif net laang genuch un der Sprooch oder um Inhalt feilen oder revidéieren.

Li puer Beispiller:

- De Päiperlek (S. 11) huet en iwwerluedene Schluss (déi zwéi lescht Versen)
- D'Iuergäns (S. 21), déi zweet Strof, géif och mengen, as iwwerflësseg: si seet bal dat selwecht aus ewéi déi éischt an as zimlech epigonal (vgl. Nietzsche: Vereinsamt; R. M. Rilke: Herbsttag)
- Et gët Deg (S. 37) oder »Enn Wanter« (S. 38) si keng schlecht Stëmmungsgedichter, mä si hun net déi selwecht Ausdruckskraft wéi muench anerer vum Tidd Schroeder oder Marcel Reuland, un déi een elei automatesch denkt.

Muench vun de »Biller aus der Stad« gräifen déi grouss Themen a Motive vun der moderner Literatur aus dem 20. Jorhonnert op: d'Veerenzelong, d'Verfriemong vum Fenzelen an der Groustad, an der Fabrikhal, déi sozial Ongläicheit an Ongerechtegkeet... D'»Säfeblösen« erënnere un d'Illusiounen, déi am Liewe platzen, vum Alldag zerquëtscht gin... Déi ganz Saach as och e bësse verwuerelt: et as heiandsdo zevill Dilettantismus mat am Spill. Versteht mech richteg: den Auteur huet et bestëmmt gutt gemengt, wann e bal poetesch-visionär, bal realistesch an naturalistesch Wendungen a Biller a Vergläicher gebraucht, dann erëm weist, datt en och eppes vu surrealistescher Literatur kennt, an eppes héieren a gelies huet vu moderner Sachlechkeet a revolutionärer politescher Lyrik, vun der sougenannter



»Dokumentarliteratur«... Dat as dees Gudden zevill: sproochlech an inhaltlech!

An de »Kuurzgeschichten« kënnt dann nach heiansdo bei säi realistesch Sekundestil e Schotz »retro«. Resultat: déck opgedroc »Geschichten, die das Leben schrieb« ewéi: »Dat friemt Meedchen« (S. 91), »D'Strof« (S. 89) oder »Zevill as zevill« (S. 78), oder dee melodramatesche »romantesche« Schluss vun »De Bréif« (S. 96). Et kann een sech dem Kritiker aus dem Wort nëmmen usschleissen: »Weniger wäre mehr gewesen«.

Ma et soll natierlech nët den Androck entstoen, wéi wann näischt Gutts un dësem Buch wir. Dat stëmmt och crëm nët: d'Lëtzebuergesch, dat de Kartheiser schreift, as echt. Et klängt guer nët derno wéi wann englesch, franséisch oder däitsch Lyrik oder Kuurzgeschichten iwwersat gi wärd, och dann nët, wa vläicht Virlagen oder Virbiller benotzt si gin (vgl. Ennerwee – S. 83; Den Zampa – S. 86).

Dem R. Kartheiser séng 't'exter sin et jiddelfalls d'rwäert, datt een sech dermat ausenanneretzt: si brauchen eng Kritik nët ze fäerten. Aner Texter, déi een heiansdo bei eis am Land liest oder héiert (ech denken un RTL), verdéngen dat iwwerhaapt emol nët méi. gppr.

P.S.: Als Ofschlos en 'Text, dee mir perséinlech guer nët schlecht gefall huet:

## D'Standauer

»Gi mir d'Auer opzéien?»

Wann de Mätti, ee Sonndeg wéi deen aner, géint en Auer er zéng, dëse Saz gesot huet, hat séng Stëmm e Klank vu Freed an Houfert, deen ee soss seile bei em héieren huet.

Séng Fra, déi da gewéinlech am Gaang war d'Gromperen ze schielen oder d'Zalot ze botzen, huet de Knäipchen op de Waasserstee geluegt an zesumme si si an déi bescht Stuff gaang.

Aus dem icweschte Buffecstirang huet de Mätti de Schlëssel vun der Standauer, e kleng Pënsel an eng ganz mëll Stëbslomp crausgefësch.

Fir d'éischt huet en d'Gehais vun uewe bis ënnen afgemaach; et huet sech bal ugesin wéi wann en d'Auer géng hemelen; duerno gouf all eenzelen Eck, all geschnëtzelt Blumm nach eemol extra mat dem Pënsel gebotzt.

D'Grédi stung dernieft an huet opgepasst, ob och keng Blumm, keen Fackelche vergiess géif gin.

An da koum de groussen Ament.

Lues a feierlech huet de Mätti d'Dir opgespaart hannert deer di gëlle Gewiichter geliicht a geféckelt hun.

En huet séng Fra bekuckt.

»Soll ech?» hu séng Ae gefrot, an eréischt, wann d'Grédi mat engem verdreemte Laache jo gewénkt hat, huet en d'Gewiichter no uewe gezun.

Hand an Hand stunge si virun der Auer an hu gewaart bis datt dat éischt Véirel geschloen huet...

---

»Dajee Jongen, dat gitt iech endlech eens«, sot de Mätti.

De Jhämp, de Jong vum Haus, de Pir an de Fränz, déi zwiéin Edemen, stungen do an hun d'Auer bekuckt.

Ouni Schlag a Stouss sot de Fränz: »Ech wëll se nët.«

»An ech hätt se gär«, sot de Jhämp, »ech mengen als Felsten hätt ech e Recht drop.«

»Nët méi an nët manner ewéi d'Alice«, sot de Pir, deem jéngste Meedche säi Mann, an en huet de Schwor riicht a fest an d'Ae gekuckt.

»Wéi wir et mat enger Stee?» frot de Mätti.

De Jhämp an de Pir hu sech d'Saach duerch de Kapp goe gelooss, mee well se sech kannt hun a well se wossten zu wat dat ënner Ëmstänn kënnt féieren, ware s'allebéid géint dëse Virschlag.

»Lich si mat méngen Latäin um Enn«, sot de Mätti.

»Ech och«, sot de Fränz.

»Ech hun e Virschlag, Jhämp«, sot de Pir, »wann s de fir zwéi Su Kuraasch hues, dann as d'Saach an Amen an jo erledegt.«

En huet an d'Boxentäsch gegräff, e Frang crausgeholl a gefrot: »Kapp oder Mënz?»

De Jhämp gouf bleech am Gesiicht, en huet sech misse setzen.

»Fir mech Mënz«, sot de Pir.

Mat ziddrege Frangeren huet de Mätti de Frang an d'Aut gehäit. Iwwertdeem huet en un d'Grédi geduecht an e war frou, datt hatt dësen Abléck nët erlieft huet.

Aacht Aen hun nogekuckt wéi d'Mënz, no dräi, véier Kopplabunzen op de Buedem gefall... an ënnert dem Buffet verschwonnen as.

»Béck dech Fränz«, sot de Schwéierpapp, »a krop de Frang eraus, ouni en ze dréinen.«

»D'Auer as déng, Jhämp«, sot de Pir.

*Union des Mouvements de Résistance Luxembourgeois: L'épopée des sans-uniforme.* Unio'n. 1944-1979. Verlag: Unio'n. 120 Säiten. Präis 210 F. 23x16.

Fir de 35. Joresdag vun der Unioun kréie mer an engem Buch, dat schéin a gutt opgemaacht as, eng interessant Publikatioun vun der Resistenz an all deem, wat dermat ze din huet. Et as nët eng laang a breet opgedëscht Geschichtsbeschriewong, mä eng Dokumentatioun mat kuerzen Artikelen, op lëtzebuergesch a franséisch, iwwer déi Resistenz, déi gemaacht gouf vun den Organisatiounen wéi J.P.I., L.V.L., L.R.L., I.F.K., asw., vun den eenzelne Leit, wéi et gaangen as, wéi de Wee verlaf as, wat se gemaacht a matgemaacht hun an de Prisongen an an de Kazerne, a vill hiirt Liewe gelooss hu fir d'Hemecht an d'Fräiheet. Zer gläicher Zäit gët d'Erënnerong un déi uerg Zäit nees lieweg a steet virun engem wéi e schrecklechen Dram; et wünsch een, datt esou eppes ni méi dierft geschéien.

Fir déi jong Leit, déi nach nët vill odder bal näischt dervun héieren hun, et vläicht bis elo nët verstoe konnten, as dat Buch mat senger Artikelen a senger Biller doudsécher eng Dokumentatiounsënnerlag, déi se munneches begräifen deet.

Loosse mer hoffen, datt dat Buch säi Wee do fënt, wou bis elo nach kee Pad wor a weist wéivill gelidde gouf fir d'Fräiheet, déi mer denc verdanken, déi fir si, an äis, gestuerwe sin.

hr

*Milmeister, Jean: Aus der Schoul geschwat.* Erliettes. MOL 3. Ed. Centre Culturel de Differdange. 40 Säiten. Bestelle bei Josy Asselborn, 36, Pierre Neiertz-Strooss, Zolwer.

An deier neier Série MOL as fir dat 3. Heft, vum J. Milmeister mat deem duebelsënnege Titel, »Aus der Schoul geschwat« erauskom. De J. Milmeister as Schoulmeeschter zu Veianen, an dofir kann hie wiirklech aus der Schoul schwätzen. Wéi et an der Schoul as an do zougeet mat hire Konterbosseketen mat de Kanner, den Elteren erzielt hien op eng lieweg Manéier sou, datt ee selwer u senger Schoulzäit zrëck denkt, wou deier Saachen a Geschichter och alt geschitt sin, dobäi säin ale Schoulmeeschter nees viru sech gesäit stoen.

An deier neier Serie MOL kommen am Abonnement 6 Nummern am Jor eraus, déi 250 Frang kaschten, een Heft kascht 50 Frang.

Kuckt Iech se mol eng Kéier un an urteilt selwer.

H. Rinnen

*Boissaux, Ry: Mäin Diddelenger Geschichtsbuch 1903-1918.* Kremer-Müller & Cie, Esch-Uelzecht. 1979. 101 Säiten. Ill. Zeechnongen: Fanny Haas-Michel. Fotoën: Antoine Boissaux. Virwuert: Nic. Birtz, Buurgermeeschter vun Diddeleng. 300 Frang.

Geduecht als Buch fir Jonk an Al, als kleng perséinleche Beitrag fir d'Internationaalt Jor vum Kand, huet d'Madame Ry Boissaux hir Kanner- a Jonktemserënnerongen aus der Zäit vun 1903 bis 1918 hei beienegesat, aus deier Zäit, wéi et nach keng, odder bal keng Autoë gin huet, awer e grouse Krich dra fällt. Et liest ee mat engem kleng Schmunzelen, da mat Intressen, da mat Bedauern, dat alles, wat e Kand an e jonkt Meedchen erlieft an erdreemt huet. An et mengt een heiansdo, et seiz ee bei der Bomi, déi engem Geschicht geif erzielen, déi bal mat »et wor emol« ufänke géifen. D'Madame Boissaux potert, schäfft esou aus Erënnerongen, déi all dat an sech hun, wat déi jong Joren an engem Liewen ausmaachen an engem am Alter ni ausdenke gin, déi hänke bliwwe sin.

Ma et sin nët nëmme Geschichtercher, et kritt een zer gläicher Zäit en Abléck an déi Zäit mat hire Gebräicher, hire Gewunnechten, hiner Liewensart, an dofir as et e Buch, dat et verdéngt nët nëmme vu Kanner gelies ze gin, e Folklor-Intressierte fënt esou Munneches dran, wat fir hie Wäert huet.

Et muss een zouginn, de Styl as wuel op Kanner zougeschnidden, mä dat stéiert trotz allem nët esou vill. – Bestëmmt fannen déi Diddelenger, déi Al wéi déi Jong, sou viles dran: déi eng aus hiner egener Kannerzäit, déi aner gi gewuer, wéi et du wor.

Eng apaarte Bäigof sin déi flott Zeechnongen vun der Madame Fanny Haas-Michel, déi mat e puer Stréch dat treffen, wat gezielt gët, dann d'Fotoen an d'Biller vun alen Ansichtskarten.

Et kann ee mam leschte Saz aus dem »Wuert mat op de Wee« schléissen, dat de Buurgermeeschter schreift: Mir wënschen der Madame Boissaux deen Erfolleg, deen hiirt Wierk verspricht.

H. Rinnen



*Turpel*, Hari: **Witzbuch mat 750 Witzen an Anekdoten**. Illustréiert vum Gab Weis. Sankt-Paulus-Dréckerei. Lëtzebuerg. 1979. 199 Säiten. Präis 375 Frang. 18x13.

Den Hari Turpel, genannt de Monni Hari, huet elo fir séng 80 Jor äis e kammoud l'äschebuch mat all dene Witzen dohi geluegt, déi en am Laf vun de Joren a Kalenneren emol zem Beschte gin hat an nach alt dorueter gesammelt an erfond huet. Wat e Witz as, kann een an eng ganz geléiert Explikatioun kleden, dat guer kee Witz as; wéi e Witz as, dat liest een an dësem kammoute Bichelchen. Se sin onschëlleg, nët zweedäiteg, an dach reng a gudder Dëng, an et kann een driwwer laachen. Am Witz weist sech dat, wat eis am Liewen dréckt, woumat mer am Dagdeeglechen am meeschte Kontakt hun. Sin dat nët d'Frach, d'Medercher an d'Freieren a Freieschen, d'Schwéiermammen, déi dacks onschëlleg fir eppes bludde mussen a wéi se dach laang nët ëmmer sin, d'Bopaën, d'Bomiën, d'Kantuenjer an d'Büroleit?

Nun et as hei nët geduecht fir eng philosophesch Aféierong an de Witz ze gin, a wir se nach esou kleng, se wir dach nët geroden. Loosse mer léiwer dem Monni Hari säi Witzbuch opschloen, dra blicderen, dem Gab Weis séng witzeg Zeechnunge kucken, heiandsdo ee liesen an dann – häerzhaft laachen. Dat mécht ee monter, dat léisst ee vergiessen, an domat huet dëst Buch dat erreecht, wat et wëllt: d'Liewen duurch e Witz monter ze maachen.

Wéi et schéngt huet de Monni Hari en zweet Bichelchen an den Drock gin, well dat éischt, dat as no enger kuurzer Zäit ewell ausverkaaft.

Nach e gudde Rot: Laacht mam Monni Hari séngem Witzbuch an dem Gab Weis séngen Illustratiounen.

H. Rinnen

**sonndes därf ee wollécke fänken.** *texter* fir kanner vum guy *rewenig*, mat musékbispiller vum josée *dostert* a fernande *kimmel*. E Buch vum Lëtzebuurger Kannertheater *spillfabrik*. Offset-Drock: Dréckerei »La Frontière« Rémy Quintus. Esch-Uelzecht. 176 Säiten. 250 Frang. 21x14,8.

Am Virwuert schreift de g. r. datt »Kannerlidder, oder allgemeng Litteratur fir Kanner, muss nët onbedéngt ëmmer eng Welt mat den Hoër erbäizéien, an där alles kleng a léif as, déi nëmmen erfrelech Säiten huet a Streidereien iwwer dëst oder dat scho guer nët opkomme léisst ... Wien

d'Kanner a Watt apeckt an näischt u si erukomme léisst, deen hënnert si drun, ze léieren: wéi si liewen, wéi d'Leit mateneen auskommen ...

D'Texter aus dësem Buch paken d'Saach anescht un: si gin dovun aus, datt Kanner e Recht drop hun, iwwer déi Welt Bescheid ze wëssen, an déi mär se gesat hun. Dofir gët et an dësem Buch – nieft lëschtengen a komesche Reimereien – och eng ganz Parti ongemälleg Saachen ...»

Et as alles schéin a gutt, wann een de Kanner nët nëmmen déi schéi Welt weist, hinne seet wéi a wat lass as, de Mënsch zum Mënsch, de Mënsch zur Natur an Ëmwelt, wéi wéineg se sech verstin, wéi vill se verhondsen asw. asw., op deer aner Säit freet een sech, ob se wirklech nëmmen dat nët gutt, dat nert schéint opgedescht musse kréien?! Soll een e Kand nët esou laang et geet e Kand si loossen?

Et schéngt engem dann nach, datt de guy *rewenig* sech d'Saach eppes licht gemaacht huet mam Reimen, odder as dat och gewollt, mat den Inversiounen, dem falsche Versmooss, der egenartegeger Schreifweis? An dann, et as engem ëmmer wann een déi sougenannt »kannerbicher« liest, datt se nët fir a vu Kanner geschriwwen sin, mä vu Grousse vu sech selwer fir Kanner. An do mengen ech, as dach och en Ënnerscheid. Oder nët?

Am Grousse Ganzen as et e Buch, dat gutt opgemacht, mat gudde Biller, mat Liddercher eppes fir Kanner a Grousser ze soe weess; an dat as vill.

H. Rinnen

**Lëtzebuurger Texter** fir postprimär Schoulen – éischt a provisoresh Edition. Ministère de l'Education Nationale, Lëtzebuerg 1978. – Zesummegeallt vun: Fern Barnich, Jul Christophory, Jemmy Hurt, Mars Klein, Monique Marson, Cornel Meder, Lex Roth a mat der offizieller Nationalkommission fir Lëtzebuergesch an de postprimäre Schoulen. Offset. 270 Säiten. 30x21.

Fir endlech an eemol de Professere vum postprimären Unterrécht e Buch an d'Hand ze gin, fir dat bësse Lëtzebuergesch ze maachen dat um Programm steet, huet eng Equipe vu Professeren dës Zesummestellung gemaacht. Déi Tatsach gët och am Virwuert extra betount, dernieft wéi d'Lëtzebuergesch bis elo e Stéifkand an dene Klasse wor. Gutt fënt een och d'Wuert iwwer d'Schreifweis, d'Grondregelen, e klengen Iwwerbléck wat d'Lëtzebuergesch as, wéi et sech entwéckelt a gewisen huet. Dono komme Gedichter, Riedensaarten a Spréchwierder, Prosa, Aus-

zich aus Theaterstécker an Interferenztexter (awer ouni dat Däitscht).

Kuuz gin d'Auteurs virgestallt. Vu 17 Auteurs si Gedichter dran. Prosa vun 11, Theater vun 3, d'Interferenztexter si vun engem Aarbechtsgrupp vu Professoren aus dem Jongelycée aus der Stad. Wéi d'Wiel nu gemaacht gin as, dat as eng Fro, well vun etlech eiser Auteurs as iwwerhaupt näischt dran, nenne mer Will Reuland, Wëllem Weis, Hemmen, Boissaux, Goergen, Grégoire, Elsen, Fern. Hoffmann. P. Greisch, Francis Steffen ... Sin hir Saachen nët gutt genuch odder huet d'Zäit geféelt fir se ze sichen, wéi et am Virwuert heescht: 't hätt séier misse goen, dofir hätten och orthographesch Feler nët kënne verbessert gin. E Wuert doriwwer hätt een alt gär am Virwuert gelies. Et sief. D'Haaptsaach as, datt e »provisorisch« Buch do as an eppes Lëtzebuergesch an de postprimäre Klasse ka gemaacht gin. Loosse mer unhuelen, datt dat »provisorisch« geschwënn en »definitiv« gët.

H. Rinnen

**Christophory, Jul: Who's afraid of Luxembourgish?** Eng nei a verbessert Oplo vum Buch: Say it in Luxembourgish / Dites-le en luxembourgeois, dat 1973 fir d'éischt erauskomm wor. Franséisch – englesch – lëtzebuergesch Gespréichstexter mat Spréchwörter a Riedensaarten. Präis 245 Frang, beim Jul Christophors, Greiwehaff/Bartréng, Postscheck: 29035-32.

**Rinnen, H. a Reuland Will: Kleines Deutsch-Luxemburgisches Wörterbuch.** 3. Oplo. Verlag St.-Paulus-Dréckerei. Lëtzebuerg. Postscheck 12-12. 200 Säiten. 495 Frang. Dësen Dixonär kënnt elo jüst fir déi nei Courten zer Zäit eraus. Datt e gefrot gouf a gët, beweist déi 3. Oplo.

**Palgen, Hélène: Festschrift. Dialektologie heute.** Pour une dialectologie moderne. Inst. G.-D., Section linguistique, etc. 236 Säiten.

An der Rei vun de: *Beiträge zur luxemburgischen Sprach- und Volkskunde*. Nr. XI. koom ënner der Redaktioun vum Fernand Hoffmann déi Festschrëft fir d'Joffer H. Palgeneraus. D'Joffer Palgen huet en halleft Jorhonnert an der Lëtzebuerg Sproochwëssenschaft geschafft a mat geschafft.

Si as 1902 zu Iechternach gebuer, huet hir Universitätsstudien zu Breslau, Léiwen, Bréissel a Paräis a vun 1924-1926 speziell dialektologesch Studien zu Marburg/Lahn gemaacht. Si wor Sekretärin

vun der Kommissioun vum Lëtzebuerg Wierderbuch vun 1936/1939/40 a vun 1940-1948. Wéi de Robert Bruch d'Sekretariat iwwerholl huet, Membre, a vun 1950-1959 Präsidentin; du huet se hir Demissioun gin, as awer Membre vun der Kommissioun bis zum gudden Enn vun den Aarbechten vum Dixonär bliwwen. – 14 Sproochwëssenschaftler, in- an auslännescher hun Artiklen fir déi Festschrëft bäigesteiert. De Präis as 500 Frang. D'Buch kann an de Bicherbuttecker odder och am Institut, 5 Bredewee, Lëtzebuerg, bestallt gin. Postscheck 8776-46.

**Wolter, Laure: Waakreg Kanner**

Dëser Deg huet d'Aktioun Lëtzebuergesch en neit Kannerbuch erausgin, wouran Texter a Lidder (mat Nouten) vu Lëtzebuerg Dichter a Komponisten, bekannter an nach onbekannter, ze fanne sin. Späasseg Gedichter vum Emil Kauth, Tony Bastian, Francis Steffen, Pol Pütz. Lidder vum René Kartheiser, vertount vun der Madame Kohl-Thommes. Faable vum Lex Roth a Josy Hetting. De Pir Kremer, de J. P. Rollinger, de Michel Hever an eng Retsch aner. Eppes Neis sin d'Réitselen a Gedichtform vum Tunn Gonner, déi duurch d'ganz Buch verspreet sin.

Waakreg Kanner as nom Krëschtbuch, Niklosbuch a Mammebuch dat véiert an där Zeri. 't huet 130 Säiten an et kascht 140 Frang. D'Bicherbuttecker hun et am Verkaf an 't kann een et och bei der Aktioun Lëtzebuergesch B.P. 98 bestellen.

Fir d'éischte Kéier gët et elo e Gospel a Spirituals a Lëtzebuerg Sprooch, schreift de John *Arend*, Hauptstraße 94, B-4780 St. Vith, an engem Zirkulär, an deem en eng Kassett »Lieweswaasser« ukënnegt. En hat en Extra-Präis gemaacht fir Membre vun der A.L. (280 Frang). Vläch kritt een se nach haut, wann een op séng Adress schreift.

Eng nei Lëtzebuerg Plack a Musikkassett as vun der Familien-Aktioun (Action Familiale et Populaire), Lëtzebuerg fir d'Jor vum **Kand** erauskomm zu Gonschte vum RTL – Fong fir Kannerhemer. De reduzierte Präis wor 290 Frang.

Am Verlag J.P. Kripler-Müller as dem Jos. *Keup* säi ganz lyrescht Wierk ënner dem Titel: »**Blumen ënnerwee gepléckt**« erauskomm.

Ugekënnegt gët vum Verlag J.P. Kripler-Müller d'Gesamtwierk vum Auguste *Liesch*.



## Notizen

De Ministère vun de Kulturelle Saachen hat Ufanks dës Joërs e »Concours littéraire national« fir 1979 ausgeschriwwen, deen dëst Joër nëmme fir Theaterstécker gegollt huet. Den 10. Mee hat de Minister Robert Krieps de Jury genannt an deem de Prof. Leopold Hoffmann, Président war, de Roger Manderscheid, Sekretär; Membre waren: Alain Atten, Ed. Kohl, Geneviève Leick, Roger Linster, Ed. Maroldt, Marc Olinger, Gaston Scholer, André Wengler. Fir den 31. Mee mussten d'Stécker erakomm sin. 61 Stécker gouwen ausgeschéckt, dovun waren d'41 op Lëtzebuergesch, 14 op däitsch a 6 op franséisch, all mat engem Pseudonym. 5 kruten e Präis vun 20 000 Frang. Et waren: Aller Tage Abend vum Guy Wagner; Ausfluch vum Nico Helminger; Ee wéi deen aneren vum Guy Wagner; Geféierlech Kräizung vum Guy Renwig; Grouss Vakanz vum Pol Greisch. Extra Mentionne kruten d'Stécker: Balthasars Liebe vum Pol Greisch; Die Akte M. Meyers vum Barbara Velleine-Höfelfeld; Geduld und Wut des Arbeiters Heinz Schneider vum Nico Helminger; Kiirmes vum René Nilles; D'Konveniat vum René Nilles; Touche pas aux cerises vum Jhemp Schuster. Eng Copie vun de Manuskripter alleguer as an d'Nationalbibliothék komm. De Ministère huet nach wësse gelooss, datt d'Veräiner, déi där prämiéierter Stécker eent spillen e Subsid vum Stat kënnen kréien.

An de »Kulturelle Méint« déi dee schwachte Ministère organiséiert huet, huet de Lex Roth iwwer »Lëtzebuergesch« geschwat, sou zou Bënzelt, Biissen, Wucrmeldéng...

Beim Bourg-Bourger huet den Evy Friedrich »Kalennerblieder« crausgin. Op 400 Säite sin 365 historiesch Notizen ze fannen. Präis 575 Frang. – En zwete Band as am Drock.

Bei Areler Land a Sprooch kann een d'Buch vum J.C. Schroeder, »Ent Loftlach am Tuddelsak« kréien. Et kascht 80 Frang.

E Lëtzebuergesch Buch iwwer Scoutscampénger as um Nationale Chefdag vun de Lëtzebuurger Scouten zu Ettelbréck op den Dësch geluegt gin. Et gouf vu Membre vun der nationaler Explorer-Equipe a Lëtzebuurger Sprooch geschriwwen an as domat dat éischt lëtzebuergesch Campéngbuch. Et as fir 80 Frang ze kréien am Comptoir vun de Lëtzebuurger Scouten, Bourbonstroos 13, Lëtzebuerg. (»Lux. Wort«, 27. 7. 1979)

Den éischten Oktober as de Paul Leuck vum Radio UKW a Pensioun gaang. Dat wore 35 Jor no senger éischter Émissioun am Radio op den éischten Oktober 1944, wéi en de »Welcome to our friends« geschwat huet. Hie wor de Mann vun der Zaldotestonn, der Krankenemissioun, an, an de leschte laange Jören, de Mann vum Editorial, mëtten an owes. Wat dat heescht, dat kann deen nëmme wiirklech jugéieren, deen dat emool eng Zäit muss maachen. Wat engem abséens beim Pol Leuck gefall huet, dat wor säng riichtewech stack-lëtzebuergesch Riedensaart, an deer mer »abséens« an »ersierklech« als Hauptwieder dacks héieren hun. Nieft deer Aarbecht am Radio, Laang- a Mëttelwell, um UKW hanneno, soll awer nët vergiess gin, datt en nët nëmme déi sellege Editoriale geschriwwen a geschwat huet, hien huet och nach an den Zeitungen an an den Zäitschrëfte matgewierkt. Wien erënnert sech nët gär un de »Landhuet« aus der Revue, a wie weess, datt e virum Krich ewell alt emool en Artikel fir d'»Lose Blätter« am »Wort« hat? Schausseg, spasseg, awer mat engem eschten Toun geschriwwen, vun engem Mann, deen dat mënschlecht Mënschlecht gesinn huet an esou häerzhaft duerbréngen konnt, a säng Menong nët verstoppt huet. Journalist duurch an duurch kann ee wuel nët unhuelen, datt en elo d'Knëppele bei d'Tromm leë kann. Hie kann dat nët a mécht et och nët.

\*\*\*

An de Festschüer féint een an der leschter Zäit allerhand vill Artikelen op lëtzebuergesch. Et mécht engem gewëss vill Freed. Am meeschten happert awer do bei der Schreifweis. T as wuel nët esou ganz ueg an et weess een, datt alles säng Zäit brauch. Et huet äis awer gutt gefall, fir an der Broschür vu Koplescht-Bridel, wéi s' en neie Fändel kruten, am September 1979, déi Notiz hei ze liesen: »D'Schreifweis vun deene lëtzebuergeschen Texter as no deenen eenzelne Virlagen gehalen.« – Well mer bei dëser Broschür sin, wëlle mer soen, datt se gutt a schéin as, an, nieft de lëtzebuergeschen Texter vum Président vun der UDGA, Roger Diederich a Robert Bintener, Buergermeeschter, e Gedicht derbäi vum Lex Jacoby as, dat eis gutt gerode schéngt. »Wie geet nach eng Kéier mat an d'Duerf / zu Fouss / mat geneelte Schong / wéi fréier...« aner geschichtlech Artikelen op däitsch, si vum Will Flener an dem Olim Hirth von Weidenthal; d'Chronik vun der Musek as vum Jos. Reinard.

Den Adolfeverband, d'UGDA, hat e Kongkur organiséiert, fir nei *Kannerladder*. Mat engem gud-den Erfolleg, well et sin 100 Kompositiounen vun 31 Leit erageschéckt gin. De 27. September sin d'Präisser ausgedeckt gin. Den 1. Präis krut den Asca *Rampini* vu Biele fir d'Vertounung vun »D'Wichtelmännercher« (10.000 Franc); 2. Präis fir d' Marion *Michels*, Dikrech fir »November« (8.000 Franc); 3. Präis den Erny *Wilmes*, Béiwen/Attert, fréier zu Märel fir »Zwee kleng Mippercher« (5.000 Franc); 4. Präis de René *Hornick*, Lëtzebuerg, fir »Den Hues am Schnéi« (2.000 Franc); 5. Präis den Henri *Mootz*, Rémeleng fir »Mir bauen honnerttausend Brécken« (2.000 Franc); 6. Präis de René *Eiffes* fir »D'Kadette vum Liederball« (2.000 Franc); 7. Präis de René *Hornick* fir »Komm Hemelsdéierchen« (2.000 Franc); 8. Präis de Marcel *Weis*, Waasserbëlleg fir »November« (2.000 Franc); 9. Präis den Eduard *Genson*, Esch-Uelzecht fir »De Fëscherklos« (2.000 Franc); 10. Präis den Hubert *Hausemer*, Betebuerg fir »Un d'Blimmchen« (2.000 Franc). Vu wien d'Texter sin, as net matgedeckt gin. Brauch dat net?

\*\*\*

An der sproochwëssenschaftlecher Sektoun vum Institut Gd. huet eng nei Ëmfro ugefaang. Et geet déi Kéier drëm fir ze wëssen, wéi a wat d'Leit, déi wéinegstens no 1940 gebuer sinn, so fir bestëmmt Sachen. Soen se haut nach e Käppchen, eng Brëifmark odder en Timber? Wëssen se nach wat e Laffreisser as, eng Sämunnes odder as et Maikäfer an eng Ameis gin? Gin et nach Schmuelefen a Päiperlécken, a Pippelen odder sin et Schwalben a Schmetterlinge gin? Soen se éischter oft, schnell, schon amplaz dacks, séier, huerteg an ewell. Mat esou Froë kënnst ee viru fueren. Aus deer Fro-Aktioun kann ee gesinn, wéi eis Sprooch sech an de leschte Jore geännert huet an et kann een dann do usetzen, wann ee wëllt, fir deem entgéint ze schaffen. Wa vun eise Leit een sech fir déi Actioun interesséiert, no 1940 gebuer as, dee kritt gär e Froëbou geschéckt. Adress: Sproochwëssenschaftlech Sektoun vum Institut Gd., 5, Bredewee (rue Large), Lëtzebuerg, Tél. 2 88 16.

\*\*\*

An der Septembernummer 1979 »Onst Brout – De Lëtzeburger Bäcker« (75. Verbandsjubiläum) huet de Redakter vun der Zeitschrëft, F. *Ewert*, iwwer d'Brout am Lëtzebuergesche Volleksmond en Artikel bruet mam Titel: »I luel kengem säi Brout«, mat e puer gutt gemengte Bemierkungen

iwwer d'Schreifweis. (En Drockfehler as am 2. Ofsatz: »Brout« am ieweschten Lësleck as et »Bruckt« net »Brucht«.)

\*\*\*

Am *Journal* as eng Série am Gaang, déi den Titel »De Sproochmates« huet. Se gët vum Redakter Nik. *Jakob* geschriwwen, an as de 6. September 1979 ugefaang gi mat dem Artikel »Mir wëlle bleiwe wat mir sinn«. Déi aner Artikelen si komm den 13., 20., 27. September a (bis Redaktionschluss) de 4. an 11. Oktober 1979. – Se kéim all donneschtes (13.10.79) – Eng aner Série as ugekënnegt »Luxemburgs Pioniere der leichten Muse« (3.10.1979). – Déi éischt Folleg koum den 13.10.79 - Nr. 234 a geet iwwer den Andy Felten.

\*\*\*

Am »Lux. Wort« vum 6.4.1979 steet, datt zu Wolz d'*Michel-Rodange-Monument*, dat ewell fir 1978 geplangt wor, net realiséiert konnt gin, obschongs d'Gemeng d'Plaz »op der Lann« derfir ewell an d'Rei gemaacht hat. Den Erziehungsministère géif dem Renert-Dichter e Monument am Haff vum Kolléisch oprichte loossen.

\*\*\*

Den 2. Oktober 1979 huet de Prof. Fernand *Hoffmann* zu Walfer an der Schoul iwwer de Michel Rodange a säi Wierk geschwat. Organiséiert gouf d'Konferenz- a Filmowend vun den CSV-Fracen.

\*\*\*

Dem Rodange säin eenzegt Theaterstéck »Dem Grof Sigfrid seng Goldkumme« hat zjor e schéine Succès zu Wolz an as och an der Scheier, op Nummer 122, zu Märel gespilt gin. Do krut et dee schwächten Erfolleg. Gespilt huet den Théâtre du Centaure, Régie Philippe Noesen.

\*\*\*

An der Warte »Perspectives« huet de Fernand *Hoffmann* eng Rei »Überlegungen zum Lëtzeburgergeschehen im Rahmen des 'tronc commun'« mat der Iwwerschrëft: »Lëtzebuergesch, Politikum oder Ästhetikum?« publizéiert. (Warte 26.4.79; 10.5.79; 17.5.79., 31.5.1979.)

\*\*\*

Ënner der Iwwerschrëft: »Eine Luxemburgerin in Amerika« (Lux. Wort 21.3.1979) heescht et vun der Anna *Hollerich*, Duechter vun dem Nic. Hollerich a Catherine Schaul, gebuer zu Proz, bestued mam John Beck an Amerika vu Lëtzeburger Ofsta-



mung, si huet de Kanner an der Uertschaft (Marshalltown, Iowa) franséisch a lëtzebuergesch Stonne gin.

\* \* \*

An der italiénescher Zeitung »il giornale popolare, periodica mensile per gli italiani in Lussemburgo« huet d'Joffer Laure Wolter en Eck mam Titel: Parliamo Lussemburghese. An der Nummer vum 3. Abrëll 1979 huet si e Gedicht vum R. Kartheiser, »Den Ouschterhues«, op italiénesch iwwersat (mam Lëtzebuurger Text).

\* \* \*

Hei wëlle mer op dem Lex Roth séng Artikelsérie: »L'Këppche fir eis Sprooch« opmierksam maachen, déi an den Zeitungen »Lux. Wort, Tageblatt a Revue« kënn an de 17.3.1979 ugfaang huet.

\* \* \*

Am EG-Magazin 12/78 S. 28-29 huet de Fernand Hoffmann en Artikel ënner der Rubrik »Aus den Mitgliedsländern« → Lëtzebuergesch-Luxemburgisch, an deem en d'Sproochsituatioun ducleert, dat op Lëtzebuergesch, a fréi dernieft an d'Däitscht iwwersat.

\* \* \*

De »Gaart an Heem« huet an hirem Zäitschrëft Nr. 7/8, 1979, hire Membren a Veräinssekretären un d'Häerz geluet, sech un déi nei (al) Schreifweis ze halen, déi jo zënter 1975/76 offiziell wir. »Mir wëllen domat d'Actioun Lëtzebuergesch ënnerstëtzen...« Mir soen dem »Gaart an Heem« merci fir hire Virschlag an hëllefen hinne gär, wann se net richteg dermat zu Wee kéimen.

\* \* \*

»Wo liegt Télé-Luxemburg?« – Bei Télé-Lëtzebuerg leeft e Vakanzespill, dat mat dem TV-Magazén Téléstar präsentéiert gët. Dëser Deg gouf eng lëtzebuergesch Nummer ugeruff, a wéi do ee sech op lëtzebuergesch gemellt huet, huet d'TV-Damm ampësseg gemengt, wann een nëmmen lëtzebuergesch géif schwätzen, da kënnen se net matmaachen. – Am Kommentar freet de Schreier vum Artikel: Wou läit Télé-Lëtzebuerg, ob mir Leit zweeter Klass wieren, wat fir e Geescht do Meeschter wir, et wir net nëmmen eng Fällgekeet gewiescht, mä et wir eng Astellung, déi onméiglech wir. (Journal 27.7.1979)

\* \* \*

An der Broschür »Ons Stad« huet de Lex Roth en Artikel an deem Rieds geet vum de Stroossen-

nimm a wou e wënscht, déi Nimm do ze hale, wou deer sin. D'Redaktioun vun »Ons Stad« mengt, dat wir dach geschitt. Mä da soll dach emol gekuckt gin, wou deer Nimm nach felen. Wou steet e Schëld Rousegärtchen, wou Gëlle Fra, wou Juddegaass, wou Nei Avenuc, wou Al Avenue, wou Laang Heck asw. asw. – Da wir dër Stad ze roden d'Nimm richteg hannescht ze schreiwen, wéi se virdrun do stongen (Bredewee – haut: Brédewé, dëst Schëld as iwwregens och nach vun engem Verkéiersschëld verstoppt, sou datt kee Mënsch weess, wou d'rue Large odder de Bredewee ze fannen as. Friemer sin des lescht eng hallef Stonn demo siche gaang, well si d'Stroosseschëld net hanner deem anere gesi konnten.

(Ons Stad N° 1/1979)

### Wéi as eis Nummer 9 ukomm?

Alt esou. Eng si gelueft gin, déi eppes dra geschriwwen hun, aner si manner gutt ewech komm. Am »Lux. Wort« wor et de Fernand Hoffmann, deem séng Menong gesot huet, am »(ageblatt) de josy braun, am »Lëtzebuurger Land« de Kr(ieps) Roger. Vum leschte wëlle mer festhalen: »Flo wou d'Mondaart, wéi et schéngt, ee fir allemol a bal ganz aus dem Schrëftbild vun der anerer Press (eis Wocheschrëft net ausbehalen), verschafft as gin an dat vu Radio Lëtzebuerg op sproochlechtem Gebitt op keng Aart a Weis Ersatz derfir ka sin, muss eng Publikatioun ewéi déi hei als publizistesche Noutwennegeket ugesi gin... Am positivste schéngen eis d'Notizen iwwer de Gebrauch vun der Mondaart... Couren... Annoncen... Liddler a Gebieder... asw. – Déi aner Beiträg halen sech u roueg, folkloristesche, lyresche odder ze vill gesichten Themen, déi net vill mam dagdegleche Liewe vun de Lëtzebuurger am 20. Johonnert ze din hun...« D'Wiel vun den Themaën confirméiert de Virwurf, deem der Mondaart ëmmer géif virgeworf gin: si wir eng Sprooch vu virgësch an net amstand d'Liewe vun eiser Zäit an déi richteg Wieder ze kleden... Et gët dann nach virgeschloen dem Pol Greisch säin Theaterstéck »Ennerwee« erauszegin, dat net fir d'lescht weinst sénger propperer Sprooch dee Succès kritt hätt.

– Mir glewen net, glat a guer net, datt eis Sprooch et net géif ronn bréngen d'Liewe vun haut duerzeleen, et feelt nëmmen un de Leit, déi et géife schreiwen – a fäerdeg kréien.

Den Dialekt as crém an den Däitschunterrecht cra komm, heescht et an enger dpa-Meldung fir d'Bremer Schoulen, wou dësen Hierscht nees a Klassen Nidderdäitsch geléiert géif gin (»Lux. Wort«, 14. 6. 1979). – An der Bretagne huet ee säin Examen op bretonesch gemaacht.

Dem walliseschen EG-Dépétéierten Tom *Ellis* as et nët besser gaang, wéi sengerzäit dem C.M. *Spoo*. Wéi den Ellis am EG-Parlament op wallisesch an der Debatt iwwer Kulturpolitik mat wallisesch ugefaang huet, gouf e vum Präsident ënnerbrach an e krut gesot, wallisesch wir keng »Amts-sprooch« (»Lux. Wort«, 1. 6. 1979). E südfranséischen Dépétéierten wollt dun op occitanesch schwätzen. »T'goung och nët. – Am »Journal« (24. 1. 1979) mengt den »r«: Woufir egentlech nieft walisesch an occitanesch nët och »een Ament fir eis Sprooch«. – Besser e bëssen Ironie, wéi guc näischt.

An engem Artikel (gezeechent R.) iwwer »L'activité littéraire de la SELF« steet dat hei, wou Rieds geet vun Iwwersetzen an Iwwersetzer: »A. A. (rend) de poser la question de savoir si le Luxembourgeois est un traducteur né. La réponse est, on s'endoute un peu négative. L'auteur constate que la traduction d'œuvres littéraires chez nous est un domaine négligé et l'inconvénient majeur semble être le fait que l'on ne parle aucune des deux langues en question (en l'occurrence le français et l'allemand) et, si l'on se spécialise dans l'une d'elles, on risque de faillir dans l'autre. A.A. ne fait que rouvrir une plaie ancienne: le "manque" infligé par une langue maternelle qui n'est pas une langue d'enseignement, de culture, explique essentiellement chez nous l'absence de grands chefs-d'œuvre et constitue un handicap dans la traduction littéraire, du roman, de la poésie... Cultiver la langue française au Luxembourg est une nécessité au même titre que de sauver le patrimoine linguistique luxembourgeois. Par là le Grand-Ducal affirme son originalité et son identité propre. La SELF a la prétention d'incarner cette conscience.« (»Lux. Wort«, 4. 10. 1979)

\*\*\*

D'Lëtzebuergesch an der Areler Géigend huet äerdeg Verdedeger fond, virop de G. *Mathey* vu Sues (Sampont). Hir hektografiert Zäitschrëft »Areler Land a Sprooch« kënnt schéi réigelméisseg véier Mol d'Jor eraus a soss gin se sech och ellen drun, mat Couren, mat Owenter, mat

Theaterstécker asw., wou hirer Veräiner an deer aus dem »Grand-Duché« spillen. – D'lescht Jor huet d'»Areler Land a Sprooch« dem Kinnek Baudouin e Lëtzebuergesche Dictionnaire geschenkt, wéi en zu Arl op Besuch wor. Eis Zeitungen hun och bis elo vun hirer Aktivitéit gemellt. – An hirem Manifest (»tageblatt«, 10. XII. 1978) hu se gefrot: 1. datt all ugestellte vu Stat, Prowéinz a Gemeng dee mat Leit a Gespréich muss kommen, méiglechst och Lëtzebuergesch ka schwätzen... 2. datt an de Schoulen nët gehandelt gët wéi wann d'Awunner vum Areler Land ipso facto an ab ovo alleguerte franséisch déite schwätzen... 3. datt nët nëmmen d'Veräiner, déi am franséische schaffen ënnerstëtzt gin... 4. datt eise Kadaster behale bleift wéi en ëmmer war... vun der Kierch verlaange mer, wat aner Minoritéite scho laang hun: d'Priedegt an den Déngscht an deer Sprooch, déi d'Leit ënnert sech gebrauchen.

\*\*\*

### Areler Land a Sprooch

hat de 5. an 6. 10. 79 am Atterter Dall en 1. Colloque ënnert dem Thema »Eis Sprooch iwwert all Grenzen«. Déi 3 Länner Lëtzebuerg, Frankräich an Däitschland hate Leit delegiert.

D'Actioun Lëtzebuergesch war vertrueden duurch d'Laure Wolter, den Emil Schmit, de Charol Malané an de Georges Neuen. De Vertrieder vum Staats- a Kulturminister P. Werner war den Här Norbert Weber.

De Programm vum 5. 10. 79 zu Heeschtert war deen elei:

Concert – eng Buchvirstellung – duerno Cabaret. Samschdes, de 6. 10. 79 zu Diddelbuerg:

- eng »séance académique d'ouverture«
- 3 Aarbechtsgruppen hu sech gebilt, déi iwwert verschidden Themen diskutéiert hun
  - a) Eis Sprooch an der Schoul / Kierch / Litteratur
  - b) Eis Sprooch an Europa
  - c) Eis Sprooch an der Toponymie
- eng interessant Konferenz vum Här Sobiela - Caanitz iwwert d'Evolution vum de Sproochen an der Welt
- als Ofschloss Concert a Lëtzebuergesche Owend.

\*\*\*

Wou d'Schreifweis een hiféiere kann, dat gesäit een an enger Annonce vun engem Café a Clausen. E gët ugekënnegt als: Café »Am de Regard«, wat am Fong »am Déiregaart« heesche sollt (»Lux. Wort«, 27. 7. 1979).



An der »Belle Etoile« wor am Juli-August 1978 »e Spill mat eiser Sprooch rondrëm d'Handwierk«. Et hat geheescht fir 10 lëtzebuergesch Wierder ze fannen, fir Saachen, déi op Extra-Plakate gezeichnet woren; Bäisatzfro: Vu wien as dëst a wou steet et? »wéi as de Schniewel dir gewuess? Brauch d'Hemechtswuert dach, wat s de huesk« (Dicks, de Volleksdichter, u Lentze Misch). Uganks September 1978 sollten d'Präisser verdeelt gin. De 24. 2. 1979 freet ee J. D. am »Wort« an engem Bréif un d'Redaktioun, wéi et da mat deem Concours a mat de Präisser ausgaange wir a schreift am Enn vu sengem Bréif: »Et as schued, datt bei eis am Land esou gutt Initiative ganz oft esou sabbleg ennergin oder um Enn keen Otem méi hun. Et wär ze hoffen, datt op dës Manéier vläicht eppes iwer dëse Concours ze héiere wär.

## Questions au Gouvernement

57. Sitzung – 8. 3. 79 – No 28

### Compte rendu analytique

Usage de la langue luxembourgeoise

*Question posée par l'honorable*

*Monsieur Kirsch*

Mir kënnen net léien, datt eis Sprooch e grousst, wann net esouguer dat gréisst Stéck vun der Integratioun vun eisen Ausländer as. Dofir muss si an der Rei gehal gin an iwerall do hir Plaz hun oder kréien, wou et sech maache léisst. Mir sin äis och bewosst, datt dat, esou wéi och net an anere Länner, net cleng der Privatinitiative iwerlooss bleiwen däerf.

As d'Regierung wëlles, fir

- 1) e Katalog opstellen ze loossen, an deem de ganze Krees vun Themen a Froen, déi sech ëm eis Sprooch dréinen, iwerduecht a praktesch ugepaakt ka gin?
- 2) fir eventuell un en Service (vläicht am Kader vum Institut Grand-Ducal) ze denken, dee fir alles zoustänneg wir a koordinéiere kënn, dat mat eiser Sprooch ze din hätt, wou och jidderen dat kënn fannen a kréien, dat hien an deem Strech brauch?

*Réponse de Monsieur Robert Krieps,  
Ministre de l'Éducation nationale et des  
Affaires culturelles*

le Gouvernement est décidé à développer les efforts et investissements non négligeables qu'il consacre actuellement à l'enseignement de la langue luxembourgeoise pour les ressortissants étrangers;

- le Ministre des Affaires culturelles est prêt à considérer avec sympathie toutes les suggestions qui lui seraient faites de la part d'associations privées en vue d'assurer à notre langue nationale la place qui lui revient dans notre vie socio-culturelle;
- une entrevue avec l'Institut Grand-Ducal, section de linguistique, de folklore et de toponymie, aura lieu le 18 avril, en vue de définir la collaboration entre le Ministère et l'Institut Grand-Ducal dans le domaine de la sauvegarde et de la mise en valeur de notre langue luxembourgeoise;
- le Ministère des Affaires culturelles envisage une action dans les milieux professionnels pour les inciter à réserver une place plus large à notre langue dans la désignation et la dénomination des établissements commerciaux et professionnels et de renoncer à des appellations exotiques ou étrangères à nos habitudes, à notre passé et à notre environnement;
- par ailleurs, notre Département fait des efforts constants, dans le cadre de ses animations culturelles, pour propager les connaissances de la langue et des coutumes luxembourgeoises;
- enfin, il est envisagé de consacrer, dans le futur Centre Culturel du Grund (actuelle prison), une place importante à la langue et culture luxembourgeoises.

## Fir eis Sprooch

... a wat as lass!

Nei Wierder an eiser Sprooch maachen, dat as vill méi séier gesot ewéi gemaach. An den anere Sproochen as dat vill méi einfach, well déi jo all Dag an Zeitungen a Bicher geschriwe gin, an doduerch sech en neit Wuert méi séier fest – an duersetzt. Ganz vill Leit gebrauchen en neit Wuert jo och nëmmen, wann si et emol weinstens éirens gelies hun ... oder op d'manst en etlech Kéieren um Radio héieren hun. An deem Strech kënn eisen UKW wirklech eng interessant Aarbecht fir eis Sprooch leeschten ... an dat vrun allem zesumme mat der Sprooch-Sektioun vum »Institut Grand-Ducal«. Et geet wirklech net duer, fir sech ëmmer erëm de Mond iwert de Radio ze zerrappen ... wat huet eisen offiziellen Apparat da bis elo probéiert, fir an deem Sënn mam Radio oder mat den Zeitungen zesummenzeschaffen?

1. näischt – 2. guer näischt – 3. glat näischt. Wann een héiert, wat esouguer bei am Land vu Frankräich an Däitschland fir hir Sprooch gemaach gët (an dat

as gutt!) da geet engem den Hutt an d'Luucht, wann ee bedenkt datt eise Stat bis elo nach nëmmen d'Sprooch gehollef huet a Bokalen amaachen (= Dictionnaire)... an dat och nach nëmmen, well eng Dose Leit aus Léift fir eis Sprooch 30 Joër laang den Hännegespillt hun. Dat as vläicht e bësse graff gesot, ower et muss heiandsdo eng Fënster agehätt gin, fir datt d'Schirbele besser opfalen.

Mir zerfuppen a kristillegen äis hei nach ëmmer fir eng Schreifweis, iwerdeems äis d'Sprooch selwer aus der Hand wuscht. Et gët fir alles Dosende vu Milliounen Subsidien ewechgin (an ewechgehätt!) a fir – oder villméi géint – eis Sprooch, do gin déi eefällegst an aremscéilegst Ursache mat den Horerbägezun. D'Aarbecht fir eis Sprooch gët nach nët emol mat deier allermannster Sportbranche gläichgesat; mir kafe Biller, maache Fassaden an d'Rci, schreiwen a wudder an äis dout fir al Gebaier a Saachen... dat as an der Rei!... an eis Sprooch? ... dat as eng Sënn an eng Schan!

Wou bleift an eise Partei-Programmer eng kloer a praktesch Propos fir d'Kultur vun eiser Sprooch. Mir wëssen, datt dat nët den Nuebel vun eiser Politik as, ower mir piddelen am Roff, bis datt et eppes déngt... an dat elo geschwënn an 130000 Zeitungen d'Woch!

L. r(oth)

Revue No 9 – 3. 3. 79, s. 16

\*\*\*

As et dach nët eppes gelungen, wann een op Invitatiounen liese muss: »Le luxembourgeois sera la langue principale, le français, l'anglais et l'allemand pourront servir également pour les interventions et débats.« (Office National du Tourisme) – Die Vorträge werden in luxemburgischer Sprache gehalten... (Seminar der Handelskammer 1978). An awer as et ze verstoen, well jo och Leit dohinne komme kënnen, déi vläicht kee Lëtzebuergesch wëssen.

\*\*\*

Eng Ursach vu Kloë sin (ëmmer nach) d'Leit an de Geschäfte a Buttécker, déi engem äntweren: Parlez français s.v.pl.! – Mir si jo nun nët esou fir dene Medercher a Jongen, déi do verkafe Misär ze maachen, mä och nët do fir »geranz« ze gin. Et sin nun eemol genuch Lëtzeburger, déi vill vun dene franséische Bezeechnunge fir eng Saach nët wëssen, wéi se dat Dénge op franséisch nenne sollen. Een, dee laang aus der Schoul as an sech nët vill mat franséisch ofgët, kennt déi »Termen« nët, si sin him nët geleg, an den éischten Ament fënt

en d'Wuert och nët. Odder weess direkt en »normale« Mënsch vun hei, wann deen e »Bic« an engem Buttéck freet, wat dat op franséisch heescht (mir as et zu Bréissel geschitt, datt ech d'Wuert nët direkt wouss), oder wéi ee fir en »Haartrockner« seet? Wir et dann nët ubruecht, wann déi Leit sech e bësselchen an eis Sprooch géifen aschaffen, fir an hirer Branche Bescheid ze wëssen – an an e Cours fir Lëtzebuergesch géinge goen? As dat wiirlech zevill verlaangt?

\*\*\*

Hei kann een och op de Bréif aus dem »Lux. Wort« vum 22. 9. 1979 hiweisen, an deem vum L. iwwer Sproochsënnen an »neit« Lëtzebuergesch geklot gt. Et gin do Beispiller genannt, déi een nëmmen ze dacks héiert: ech kommen *zu* dir an d'Schoul – et huet gefall eis *léiwen*... *zu* sech ze huelen... amplaz richteg ze soen *bei* sech, bei... Dat as eng wuertwärtlech Iwwersetzung aus dem Héidäitschen. Aner esou ër nei Formele gi genannt, wéi: schwätzen *zum* Thema amplaz vum, iwwer den Thema, *zu* de Parlamentswahlen amplaz vun, iwwer. Den L. hätt da gär, datt d'Regierung eng nei Dictionäerskommissioun géif nennen fir en Dictionär vun der Koiné ze kréien, deen »handlech a fir jiddereen as«.

\*\*\*

Aus engem Bréif (7. 3. 1979) un d'Redaktioun vun »Eis Sprooch«: Fir wat een esou »oft« amplaz »dacks«; »seit dem Krich« amplaz »zënter dem Krich«; »stattfannen« amplaz »gehalen«; »kaum« amplaz »knapps« op dem UKW gesot géif, dann déi »Baschleiden« amplaz déi »Baschelter, Bauschelter« asw.... Dir kënnt vläicht hëllefen, datt déi Ausdréck erëm lues a lues verschwannen... – Dir huet Recht, awer wéi solle mer et maachen...

\*\*\*

Ons – Eis, Is – Éis

»Ons Stad« nennt sech d'Informationsschrëft vun der Stad. Sou soen s' an der Stad, nët eis, nët is, an nët éis. An doriwwer as eng Diskussioun entstan wéinst deem »ons«. Wann déi Stater hiert »ons« hun, mäi Gott, do huet kee verstännege Mënsch eppes dergéint an et streit och keen duerwéinst (odder dowéinst, L. R. dixit). Et soll awer gesot sin, datt dat Wiertchen eleng fir d'Stad gëlt. No de Froebéi vun der sproochwëssenschaftlecher Sektoun aus den drësseger Joren as d'Wuert fir d'Stad eleng, emol nët fir Zeisséng an de Rolléngergronn beluegt gin. an do, wou et op dene Questionären



nach ze fannen as, do sin et Leit, déi aus der Stad stamen, Arel ausbehalen, déi och esou geäntwert haten. D'Wuert wir op d' däitsch Besatzungszeit zrëckzefieren, heescht et alt emol beim R. Bruch, mä den A. Meyer huet et awer och ewell 1829 a séngem »Schrëck op de Lëtzebuurger Parnassus« (iwer de Bau vun onsem Dialekt). Deemno wir »ons« ewell méi laang an der Stad dohcem. Et léisst een de Stater hiirt »ons« ganz gär, a mir aner halen op »eist«, »eis«, »éis« an »is«. (»Lux. Wort«, 12. 7. 79; 1. 9. 79)

\*\*\*

Frcides, den 20. Oktober 1978 wor den éischte Lëtzebuurger Owend mat Lëtzebuurger Kascht an Danzmusek an der Klensch zu Monneresch. T ware vill Leit do, an et wor schéin!

\*\*\*

De 14. 11. 1978 wor am Stadtheater vun Lisch e Lëtzebuurger Liesowend, wou de J. Braun an de Lex Roth aus hire Publikatiounen gelies hun.

\*\*\*

Linn September 1978 wor en Diskussionsowend iwwer den Thema: »D'Lëtzebuergesch als Éischtsprooch«, deem d'AJ.ÜC organiséiert hat. De Lucien Ludwig huet e Virdrag gehalen an dobei d'OLO, wéi hien déi Schreifweis nennt, apaart gelueft. Et gouf eng laang Diskussioun an de Lex Roth huet betount, datt d'OLO nët vun de Leit ugehoill as gin, datt kee reklaméiert huet, wéi den Dictionnaire séng entworf hat, déi awer gär vun de Leit gebraucht gët, datt 1977 37 Owescouren an 1978 dër 41 woren, wou et nët drëm géng fir lëtzebuergesch ze schreiwen, mä fir et schwätzen ze léieren; de Virschlag fir nëmmen am 1., 2., 3. Schouljor lëtzebuergesch als Haptsprooch ze hun wir eng Utopie (»Lux. Wort«, 5. 10. 1978).

\*\*\*

Eng kurjéis Annonce am »Lux. Wort« ... (1979)  
**Kulturell eropkommen = folemëntaal  
 récht = OLO**

Wann s De e Frënd hues  
 da Vergiess nët e besichen ze goen  
 Well op deem Wee, wou kee geet  
 wuesse geschwënn Hecken an Där.

Orient. Spréchwuert

## Virun ...

Virun 170 Jor gouf de Mathias Hardt gebuer (4.6.1809–17.1.1877), deem d'Lëtzebuurger Weistëmer erausgin hat an iwwer d'Sauermondaart geschriwwen huet. Mam M. Hardt as déi philologesch Fuerschung ugaang (Vocalismus der Sauermondaart, 1842/43.) Vun 1868 bis 1876 huet en d'Weistëmer erausgin. Dann hat en och deemools Virschléi gemaacht an de PSH iwwer d'Schreifweis vun den Uertsnumm. Eng aner Etüd goung iwwer d'Urkundesprooch. Hie wor Professor, 1834 am Inst. Gaggia, 1841 zu Echternach, 1850 zu Ath, 1858 Regirungsarchivar, 1873 Regirungsrot a Generalsekretär, 1848 Mëmbler vun der Konstituante, 1848–1858 Dëpétierte fir Echternach.

170 Jor as de Jakob Diedenboven, 10.12.1809, an der Stad op d'Welt komm. 1830 (10.6.) huet en dee bekannte Bidgang no Conter geschriwwen, an de 25. Juli den »Ofscheet vu Lëtzebuerg«. †29.3.1868 zu Schaerbeek/Bréissel.

150 Jor, 1829 as dat éischt Bichelchen op Lëtzebuergesch erauskomm. Et wor den Antoine Meyer, gebuer den 31. Mee 1801 an der Stad, dee beim J. Lamort, op der Place d'Aarem: »E Schreck op de Lëtzeburger Parnassus« drécke lous. 1935 hat d'Dréckerei Linden d'Bichelchen nei erausbruecht. Dorun huet de Käppchen ernënnert, deem d'Post dëst Jor erausgin hat. (Kuck Nr. 7 Eis Sprooch, 1976, s. 3.)

100 Jor koum beim V. Bück »Den Här an d'Madam Tullepant«, en Theaterstück vum Dickes eraus.

100 Jor huet den Nikla Gonner, e gebürtge Pafendaller, »Onser Lidder a Gedichter« zu Dubuque am Stat Iowa (USA), erausgin.

90 Jor, den 3. September 1889, gouf de Jhång Eiffer zu Diddeléng gebuer. Hie wor e gudder Museker a Musekprofessor an huet e sëllege Lëtzebuurger Gedichter vum Willy Goergen (an anere), vertount. Vum him as d'Musellidd vum Goerge séngem Text: Kättche, Kättche, bréng mer nach e Pättchen. Och fir Theaterstücke huet en d'Musek geschriwwen (vum M. Dahm a J. Hoffmann) e.a. fir de Rossbayard, Kuddel-Muddel, Staffels Berta. Fir déi Diddelénger Schoukanner huet en d'Musek fir hir Mäerchepiller gemaacht. 1960 gouf en e Lidderbuch mat zéng Kompositiounen

# Theater-Saison 1978/79

eraus. En as den 22. Juni 1961 gestuerwen a läit um Kierfecht am Rolléngergronn begruuewen. (No: Lux. Wort, 1.9.1979 – A.W.)

70 Jor as den Zäandokter Joseph *Weber* gestuerwen (1908). Hic wor et deen deen zwete Lëtzebuerger Dictionnaire, dee vun 1906, verschafft an erausgin huet.

50 Jor koum an der St.-Paulus-Dréckerei dem Nik. *Welter* séng »Mundartliche und hochdeutsche Dichtung in Luxemburg« eraus.

Dat selwecht Jor koum d'»Luxemburger Volkskunde« vum Jos. *Hess* eraus.

Den 2. September 1929 wor an der Stad déi éischt *Braderie*.

40 Jor as de Paul *Schroell*, 60 Jor al, gestuerwen. Ilien huet d'Cahiers Luxembourgeois eraus gin an en hat d'Escher »tageblatt« gegrennt.

20 Jor as de Prof. Robert *Bruch* (25.7.1959) am Irrgart, téscht dem Zens an Hamm ze Doud verongléckt. Wien de Robert Bruch war, brauch wuel nët gesot ze gin, well jidderee weess, datt et ee vun eise beschten, wann nët dee beschte Sproochwëssenschaftler wor, deem mer d'Lëtzebuerger Grammatik ze verdanken hun, Sekretär-Redakter vum Lëtzebuerger Dictionnaire vun 1948 bis zu séngem Doud (1959) wor a vill intressant a fundéiert Artiklen iwwer eis Sprooch geschriwwen huet. Dernieft e gudde Professer an e patente Mënsch. Déi mat him ze din haten a mat him geschafft hun, kënnen en nët vergiessen.

15 Jor, 1964, as de Prof. Josy *Meyers* gestuerwen. Gebuer zu Rodange gouf e Geschichtsprofesser, Direkter vun eise Museum, dernieft as en als gudde Muséeker bekannt gewiescht an huet de Gesank vun Lampertsbiere jorelang dirigéiert. 1928 hat d'Regierung e fortgeschéckt gehat fir sech an Toponymie (Flouernimm) ze spezialiséieren. Séng Professoraarbecht as d'»Siedlungsgeschicht«, déi vergraff, nees nogedréckt gouf. Vun 1959 bis 1964 wor e Präsident vun der Dixonäerskommission, laang Redakter vun de Publikatiounen vun der sproochwëssenschaftlecher Sektion, an deer e vun Ufank u Mëmbler a Sekretär wor.

An der Nummer 7 vun »Eis Sprooch« hu mir fir d'éischt eng Opstellung vun den Theaterstécker gemat, déi an der Saison 76/77 gespilt goufen.

Déi Opstellung as op Interesse gestouss, sief et datt ee konnt feststellen, wat fir ee Stéck am meeschte gespilt gin as, sief et fir sech e Stéck fir de nächste Wanter erauszesechen.

Duefir brénge mir dët Joer erëm esou eng Lëscht. (Aus den Zeitungen notéiert) L. W.

## Aarsdnerf:

– Den dueble Maurice

## Bartréng:

– Op der Kiermes v. Marcel Reuland

## Bauschelt:

– De Bummesse Johnny v. Josy Christen

– Sou wéi mäi Papp

– De Skerch vun de Bannannen

– Alles Schwindel

– De Biddi vum Rommelshaff

– Gebrachen Häerzer

## Buurschent:

– De Rettungsschwëmmer

– De Champion v. Rob. Clees

## Bounewee:

– Dem Pilo säi Gold v. Jeanine Theis

– Oho, Misch v. René Weimerskirch

## Buerglënster:

– De Képpgesbaacher Mates v. Josy Christen

– Déi 3 krank Hinnercher

## Bäerdref:

– De Pantouflard

## Brauebuerg:

De Rettungsschwëmmer

## Betebuerg:

– Besuch um Wudderhaff v. Tit Schroeder

– An 80 Deg rondem d'Welt v. Christa Friob

– De verflixten Zeitungsartikel

– D'Rous vu Barcelona

– Esou kënnt een op den Hond v. Josy Christen

## Bëschrud:

– De Pantouflard

## Brädeler:

– Esou kënnt een op den Hond v. Josy Christen

## Blissen:

– D'Féckmilchen

– Hei sid der richteg



*Bieles:*

- D'Meedche vu Gëtzen
- Den dueble Maurice

*Berbuerg:*

- Déi nei Räich

*Béiwen/Atert:*

- De Professor Kinkerlitzchen v. Josy Christen

*Diddeléng:*

- De Képpgesbaacher-Mates v. Josy Christen
- Koltcr-Molter
- Op der Sandweiler Universitéit
- D'Gléck um Schléiwenhaff v. Ed. Devaquet
- Rumpelstilzchen
- Oho Misch v. René Weimerskirch

*Déifferdeng-Foussbann:*

- D'Gléck um Schléiwenhaff v. Ed. Devaquet

*Dikrech:*

- Ollimimischmulli
- An der Fal v. Robert Thomas
- D'Spill vun der Bidden v. Marcel Reuland

*Dienjen:*

- Charakterkapp gesicht

*Dol:*

- De Bloen Hari v. Ä Duchscher

*Ettelbréck:*

- Donna Klara v. Ch. Berger
- Eng Wonnerblumm

*Esch-Uelzecht:*

- Den Däiweil beim Päerdsmetzler v. J. Christen
- Männer aus Eisen v. Ed. Maroldt
- An der Fal v. Robert Thomas
- De Spuermännchen an den Däiweilchen v. J. Christen
- De Spuer- a Spaasmännchen v. Josy Christen
- Kaffi a Kuch v. Raymond Rolger

*Élwen:*

- D'Téckmillchen
- De Professor Kinkerlitzchen v. Josy Christen

*Ell:*

- Déi 3 krank Hinnercher

*Fëschbech/Miersch:*

- Den Här Schrobilgen v. René Weimerskirch

*Felen:*

- D'Verléinheetskand v. Henri Regenwetter

*Gaasperech:*

- Hei sid der richteg
- De 5. Sätz v. René Weimerskirch

*Garnech:*

- Esou kënnt een op den Hond v. Josy Christen
- De Koffer v. Josy Christen
- Eng gelungen Hochzeit v. J. Steichen

*Gilsdrëf:*

- D'Léift am Handel

*Gouschiéng:*

- Déi 3 krank Hinnercher

*Gréiwels:*

- D'Famill Frippjen

*Groussbus:*

- Eng I Hellecht op der Musel

*Harel:*

- De Biddi vum Rommelshaff
- Gebrachen Hläerzer

*Hoën-Klengbetten:*

- Déi 3 krank Hinnercher
- Ollimimischmulli

*Heischent:*

- En hätt gär séng Rou v. René Weimerskirch
- Charakterkapp gesicht v. Robert Clees

*Hesper:*

- De Koséng v. Dicks
- D'Kiirmesgäsch v. Dicks

*Hëpperdang:*

- De Jhang als Automat
- Der Däiweil beim Päerdsmetzler v. Josy Christen

*Hengescht:*

- De Champion v. R. Clees

*Hunscheréng:*

- E Fraleitsspaass
- De Jhang als Automat
- Chamber garnie

*Holler:*

- Wien et trifft v. Pierre Singer

*Houffelt:*

- De Mates als Dokter
- Charakterkapp gesicht

*Ischpelt:*

- De Professor Kinkerlitzchen

*Ierpeldéng/Ettelbréck:*

- D'Jonggesellesteier v. Jeng Hermes

*Kanech:*

- Schouster bleif bei déngem Leescht
- De Bopi gët verkaaft

*Konsdrëf:*

- Esou kënt een op den Hond

*Krëschtnecht:*

- D'Firma Rang a Pang

*Lellig:*

- Charakterkapp gesicht

*Leideléng:*

- Wien as de Meeschter v. Guy Rewenig
- D'Amiljebuch v. Fons Ruppert

*Lennéng:*

- Sou kënt een op den Hond

*Léntgen:*

- De Këppchesbaacher Mates v. Josy Christen

*Lëtzebuerg:*

- Dem Lëlschpillchen séng Konschten v. René Weimerskirch
- Besuch um Wudderhaff v. Tit Schroeder
- De knéckege Kinnck (Lët. Marionettentheater)
- Op der Märei v. Marcel Reuland
- D'Spill vun der Bidden v. Marcel Reuland
- An der Fal v. Robert Thomas

*Manternach:*

- De Këppgesbaacher Mates v. Josy Christen

*Maarnech:*

- De Professor Kinkerlitzchen

*Miedernach:*

- Hei sid der richtig
- De Champion

*Mäerzeg:*

- Hotel Costa Brava v. Fernand Hoffmann

*Mertert:*

- An der Schoul - 2 Judden als Schmogglers
- Eng Tas Mokka

*Mondorf:*

- Hei sid der richtig
- De Këppgesbaacher Mates v. Josy Christen

*Monneresch:*

- Den Horrbock v. René Weimerskirch
- De leschte Coup

*Mutfert:*

- 't as Krisis v. Metty Dahm

*Näerden:*

- De Rossbyard v. J. P. Hoffmann

*Nidderfelen:*

- Déi 3 krank Hinnercher
- Hei sid der richtig

*Nidderkuer:*

- D'Kromm an der Heck v. Josy Braun
- D'Verleëtheetskand v. Fr. Steichen

*Nouspelt:*

- De Professor Kinkerlitzchen v. Josy Christen

*Ospern:*

- De Bidde vum Rommelshaff v. Josy Christen
- E Papp vu Knupeg v. Josy Christen
- D'Jonggesellestier v. J. an F. Hermes

*Péitléng:*

- Ollimimischmulli

*Pëtten:*

- D'Gléck um Schléiwenhaff v. E. Devaquet

*Préizerdall:*

- Déi 3 krank Hinnercher

*Rammerech:*

- Déi 3 krank Hinnercher
- De Professor Kinkerlitzchen v. Josy Christen
- Ligen hu kurz Been v. Metty Dahm

*Recken/Mess:*

- Alles fir d'Kaz

*Réiden/Atert:*

- De Pantouflard v. Robert Clees

*Réimech:*

- Eng besser Parti v. P. Singer

*Reisduerf:*

- D'Vokanz am Mëllerdall v. Fr. Gilson

*Réiser:*

- De Pochvull
- De Këppgesbaacher Mates v. Josy Christen

*Rëmeléng:*

- Den clawe Jhang v. André Duchscher
- Rumpelstilzchen

*Rodange:*

- Alles fir d'Kaz v. Erny Kaufman

*Rued/Syr:*

- En hätt gär séng Rou v. R. Weimerskirch

*Sandweiler:*

- Hei sid der richtig
- Der Däiwel beim Pärdsmetzler v. Josy Christen

*Schëffléng:*

- De Këppchesbaacher Mates
- Besuch um Wudderhaff v. Tit Schroeder
- De Schouster Hari op der Himmelsleder v. E. Vitus



*Schweechedall:*

- D'Gléck um Schléiwenhaff v. E. Devaquet
- Den dueble Maurice
- Looss mir méng Rou v. R. Weimerskirch
- De Pol an der Patsch v. Tony Hurst

*Steebrécken:*

- D'Spill vun der Bidden v. Marcel Reuland

*Stesel:*

- 't as Krisis v. Metty Dahm

*Stroossen:*

- Hei sid der richteg
- Eng Hellecht op der Musel v. J. P. Dicschbourg
- Kolter – Molter

*Téiteng:*

- D'Verleëneetskand v. Henri Regenwetter

*T'renteng:*

- Requiem fir e Lompekreimer v. Josy Braun

*Vüchten:*

- D'Berta als Porte-Bonheur v. Br. Henri Rock

*Wal:*

- D'Gléck um Schléiwenhaff v. E. Devaquet

*Waldbëlleg:*

- Alles Schwindel

*Waldbriedemes:*

- De Knéckjhang

*Weiler z. Tur:*

- Nee den déi Schnëss

*Weimeschküsch:*

- Hänn ap

*Wilwerdang:*

- De Champion

*Wolz:*

- Besuch um Wudderhaff v. Tit Schroeder

*Wuelëssen:*

- Der Däiwel beim Pärdsmetzler v. Josy Christen

**Stécker vum Josy Christen**

71, Leidelénger-Strooss, Bartréng:

**Λ) Kleng Stécker**

- 1) *Dem Här Déngekskierchen säi Boxeknapp*, eng Satir an 1 Akt (mat Schlusslied) – circa 35 Min. – Pers.: 3m/4w.
- 2) *E Papp vu Knuppeg*, en Zwee-Akter, fräi aus dem Däitschen – circa 50 Min. Pers.: 4m/4w.
- 3) *Den Hausfrënd*, e spaassegen Een-Akter, an 3 Dcler, no engem ale Schwank – circa 25 Min. – Pers.: 3m/3w.
- 4) *De Koffer*, en Een-Akter, fräi aus dem Däitschen – 40 Min. – Pers.: 3m/3w.
- 5) *De Biddi vum Rommelschaff*, en Een-Akter vum Land, aus dem Baueremilieu, fräi aus dem Däitschen – Pers.: 3m/3w – circa 25 Min.
- 6) *Freides, den 13. (nei fir d'Saison 79/80)*, en Een-Akter – Pers.: 4m/2w

**Grouss Theaterstécker**

- 1) *De Schraufstack*, e Kriminalstéck, fräi aus dem Franséischen iwwerdroen, e Stéck an 2 Dcler (2x2 Tableaüen) – circa 2 St. – Pers.: 4m/2w+1 Stastist.
- 2) *D'Famill Frippgen*, en Zwee-Akter, fräi no engem ale Schwank – 2-2,5 St. – Pers.: 3m/2w.
- 3) *De Köppgesbaacher Mates*, e Komédistéck an 3 Akten, adaptéiert nom Däitschen – 2,5 St. – Pers.: 6m/4w.
- 4) *Sou kënnt een op den Hond*, e lëschtgen Dräi-Akter, fräi no engem Schwank aus Eisterräich – Pers.: 7m/5w – 2-2,5 St.
- 5) *Der Däiwel beim Pärdsmetzler*, e Komédistéck an 3 Akten, fräi nom Däitschen – circa 2,5 St. – Pers.: 4m/5w.
- 6) *De Bummesse Jonny*, e lëschtgen Dräi-Akter, nom Däitschen – Pers.: 6m/4w.
- 7) *De Professor Kinkerlitzchen*, e lëschtgen Dräi-Akter iwwert d'Lémanzipatioun vun der Fra... fir de Mann – fräi aus dem Däitschen – 2,5 St. – Pers.: 3m/3w
- 8) *Gewulls an de Kornschongen*, e Schwank an 3 Akten, fräi nom Däitschen adaptéiert – Pers.: 5m/4w – 2-2,5 St.

(De Rescht vum J. Christen sänge Stécker an Nr. 11.)

P.S. Déi Stécker sin aus den Zeitungen eraus notéiert gin. Wat een nees eng Kéier bedauert dat as, datt dacks d'Auteurs net genannt sin, net derbäi steet, wou d'Stécker geknäipt si gin, méi fein a besser gesot: iwwersat goufen.

Verbesseren: D'Sänger an der Nummer 9 (2. Deckelsäit) sin net aus Clausen, mä aus dem Stadgronn gewiescht. Entschëllegt, weg.

\* \* \*

De Reen (Gedicht vum R. Kartheiser, S. 5)

## D'Generalversammlung vun der Actioun Lëtzebuergesch Eis Sprooch

Den 10.3.1979 hat d'Actioun Lëtzebuergesch hir Generalversammlung am »VOX«. De Sall war, grad wéi d'lescht Joër, gutt besat. Déi déck Bomm vun der Versammlung war, datt d'Lëtzebuergesch vum Programm vun der 7me - Tronc Commun soll verschwannen. Dat kann een net ouni weideres durchgoë loossen. An dorophin gouf och eng Resolutioun gestëmmt, déi an der Châmber deposéiert gouf.

Fir op d'Versammlung zrëckzkommen: De Lex Roth begreist d'Membren a sect a kurze Wiirder wat am Joër 1978 lass war.

De Comité koum zéngmol zesummen; d'Heftche mat Familienannoncen a Menüen op lëtzebuergesch, wouvun schon dacks geschwat gouf, as esouwäit fäerdeg. All Mëmbler kritt et gratis zougeschéckt. D'A.L. kritt an den zwou gréissten Zeitungen eng Rubrik fir lëtzebuergesch. Déi an der Revue bleift viru bestoen. Och d'Radioemissionen lafe virun. En neit Kannerbuch as eraus. »Waakreg Kanner«, mat 130 Säiten. De Präis 140 Frang. D'Actioun vun de Neijooschkaarten hat dët Joër nach méi e groussen Erfolleg. Et as en 100 Frang-Schäin virgesi mat enger Säit op lëtzebuergesch. Och en neien Timber mam Antoine Meyer, de Papp vun eiser Literatur, kënnt eraus.

Eisen éischte »Lëtzebuergesche Owend« mat Vollekslitter war zu Monnerich, den zweten zu Dikrech. Et sin der dës Saison nach 3-4 virgesin.

D'Keess as gesond, wéi de Keessier René Faber seet, trotz dem schappege Subsid vum Stat, un dee mir eis scho gewinnt hun.

Fir d'Wahle vun dësem Joër hu sech méi Kandidaten fir an de Comité gemellt, wéi Plazen ze besetze waren. 8 Kandidaten fir 6 Plazen. Et gouwen erëmgewielt: d'Häre Roth a Faber. Nei Mëmbler sin: d'Häre Georges Dessouroux, Georges Neuen, Paul Rassel, Robert Thill. D'Häre Metty Schroeder a Robert Philippart gi mat erugezun.

D'Generalversammlung as derfir, fir d'Cotisation fir 1979 op 200 Frang ze héigen, 100 Frang fir d'Studenten.

Den Här Schmit schwätzt vun der viller Aarbecht, déi gemat gouf a nach ze maache bleift. E mécht och Virschléi fir eng Dezentralisatioun fir datt och méi entleën Uertschaften kënne vun der A.L. erfaast gin, doduurch datt Sektione gegrennt gin.

Den Här Rinnen suergt all Joër derfir datt d'Zäitschrëft »Eis Sprooch« Niveau behält a sech ka weise loossen.

Den Här Philippe hat vru Joren d'Charge vun de Gratulatiounskaarten iwwerholl, eng Aarbecht fir

déi een en nëmme ka luewen. Den Här Kintziger huet sech ënner anerem ëm d'Expeditiounsaarbechte gekëmmert an ëm d'Adressemaschin, Aarbechten déi een eleng net méi packt. Duerfir war d'A.L. frou, wa sech nach Mataarbechter géngen mellen, fir eng Hand unzepaken.

Fir ofzeschlëssen, huet den Här Malané e Virdrag gehalen, dee vill Gehéier fond huet, iwwert d'Lëtzebuergesch an der Kierch. Mä leider hu mer nach ëmmer kee Fortschritt opzewiesen.

D'Versammlung war ëm fënnf Auer eriwuer.

## Wat as bis elo bei der Actioun Lëtzebuergesch erauskom

- |   |           |
|---|-----------|
| 1) Dem Léiweckelche säi Lidd vum Michel Rodange 1973 (Facsimilé)  | 250,- Fr. |
| 2) EIS SPROOCH no 1 - 1972  | 30,- Fr.  |
| 3) EIS SPROOCH no 2 - 1973  | 35,- Fr.  |
| 4) EIS SPROOCH no 3 - 1973  | 40,- Fr.  |
| 5) EIS SPROOCH no 4 - 1973  | 40,- Fr.  |
| 6) EIS SPROOCH no 5 - 1974  | 80,- Fr.  |
| 7) EIS SPROOCH no 6 - 1975  | 80,- Fr.  |
| 8) EIS SPROOCH no 7 - 1976  | vergraff  |
| 9) EIS SPROOCH no 8 - 1977  | 150,- Fr. |
| 10) EIS SPROOCH no 9 - 1978   | 150,- Fr. |
| beienee gesicht vun der Laure Wolter:   |           |
| 11) Lëtzebuergesche Kreschtdag (Lidder a Godichter) 3. Oplo - 1977  | 180,- Fr. |
| 12) Léiwe Kleeschen (Lidder an Texten) 2. Oplo - 1977   | 130,- Fr. |
| 13) Fir d'Mamm (Lidder an Texten) - 1977  | 160,- Fr. |
| 14) Waakreg Kanner (Lidder an Texten) - 1979  | 140,- Fr. |
| Extra-Serie:  |           |
| 15) »RICK« vum René Kartheiser - Eng Hängerdéifsgeschicht   | 35,- Fr.  |
| 16) »Ueter d'Jore« vum Heng Rinnen (Gebräicher)   | 50,- Fr.  |
| 17) »Stuele« (Modeller) fir festlech an aner Gelegenheiten - Uertschaftsnimm (franséisch/däitsch: lëtzebuergesch) - Schreifweis | 70,- Fr.  |
| A.L. Postkëscht 98 Lëtzebuerg   |           |

Gleekwonschkaarte fir Gebuert, Verlobung, Houchzäit an aner Feierlechketen, Zeechnunge vum Ota Nalezinek, mat engem Ziedel fir Wënsch dran, d'Stéck mat Envelopp 20,- Fr.

Neijooschkaarten fir 1979/80, Biller vu Lëtzebuerg, Veianen, Dulem, Walfer, d'Stéck mat der Envelopp 15,- Fr.

ze kréie bei:

Georges Neuen, Kapelle-Strooss, Stroossen  
Robert Philippe, 9, Crécy-Strooss, Lëtzebuerg  
Emil Schmit, 46, Feldstrooss, Helsen-Walfer  
Berthe Boden, 66, M. Hack-Strooss, Betebuerg  
an der A.L. Postkëscht 98, Lëtzebuerg





6. Série: d'Châmbre (1871); Duelem (1870); Veianen (1867); Walferschlass (1873).



**Action Lëtzebuergesch**, Postkëscht 98, Lëtzebuerg – Postscheck 6644-48  
Kont bei der Spuerkeess, Lëtzebuerg 1000/7250/4 – Kont bei der Interbank 4-100/9748

Präsident: Lex Roth, Dunant-Strooss 14, Esch-Uelzecht, Tél. 55 23 42

Sekretär: Laure Wolter, Collart-Strooss 22, Betebuerg (Bettembourg)

Caissier: René Faber, Barriärstrooss 14 (rue de la Barrière), Lëtzebuerg-Märel (Merl), Tél. 463 84

Redaktioun: Eis Sprooch, Heng Rinnen, Bëschstrooss 32 (rue de la Forêt), Lëtzebuerg-Zeisséng (Luxbg.-Cessange), Tél. 48 61 37

Verlag: Emil Schmit, Feldstrooss 46, Helsem/Walfer, Tél. 336 62

Membre vum Comité: Lex Roth, Emil Schmit, Laure Wolter, René Faber, Georges Dessouroux, Georges Kintziger, Charel Malanè, Georges Neuen, Robert Philippe, Pol Rassel, Roby Thill – optéiert: Metty Schroeder, Roby Philippart

Drock: Kremer-Muller & Cie, Gaarde-Strooss 56 (rue des Jardins), Esch-Uelzecht, Tél. 521 85 / 540 640

Cotisatioun: op d'manst 200 Frang; Kollektivmëmbren: 300 Frang; Stodenten: 100 Frang

(Well d'Post déi Lëtzebuergesch Nimm vun eise Stroossen nët all kennt, as et gutt, wann een de franséischen derbäi schreift.)

De Kremer-Muller  
vun Esch  
setzt an dréckt op  
lëtzebuergesch,  
franséisch,  
deitsch,  
englesch,  
italiénesch,  
portugiesesch,  
hollänesch  
an nach op vill aaner Sprochen.

**Dréckerei Kremer-Muller & Cie**  
Gaardestrooss, Esch-Uelzecht  
Telefon 52185 an 540640